




GEMENGENINFO

RAPPORT DU CONSEIL COMMUNAL DU 09.11.2018





SOMMAIRE

RÉUNION DU CONSEIL COMMUNAL DU 09 NOVEMBRE 2018

Séance publique:

1. CORRESPONDANCE

2. CIRCULATION

- 2.1. modification du règlement général de la circulation – parking CNA/CCRD
- 2.2. modification du règlement général de la circulation – arrêt autobus « Schmelz »
- 2.3. approbation du règlement temporaire de la circulation à l'occasion des travaux d'infrastructures relatifs au PAP rue Dominique Lang
- 2.4. approbation du règlement temporaire de la circulation à l'occasion du marché de Noël 2018

3. AMÉNAGEMENT COMMUNAL ET DÉVELOPPEMENT URBAIN

- 3.1. modification ponctuelle du plan d'aménagement général – parties graphique et écrite, concernant un reclassement du quartier NeiSchmelz à Dudelange – approbation définitive
- 3.2. modification ponctuelle du plan d'aménagement général – parties graphique et écrite, concernant un reclassement du site « A Bëlleg » - saisine du conseil communal

4. APPROBATION DU PLAN DE GESTION DES FORÊTS COMMUNALES POUR L'ANNÉE 2019

5. MODIFICATIONS À APPORTER AU RÈGLEMENT COMMUNAL CONCERNANT LES CIMETIÈRES

6. FINANCES COMMUNALES

- 6.1. approbation de la convention passée avec l'Etat du Grand-Duché de Luxembourg au sujet de la mise à disposition de la partie du terrain appartenant à l'Etat du parking CCRD/CNA
- 6.2. modification du chapitre VI – cimetières et columbariums du règlement-taxes général
- 6.3. approbation d'un premier avenant au contrat de sous-location avec l'État du Grand-Duché de Luxembourg pour une partie de l'immeuble dénommé « Gréngt Haus »
- 6.4. approbation d'un troisième avenant au contrat de bail relatif à la location de la buvette de la piscine en plein air
- 6.5. approbation du contrat de bail concernant la location d'un local destiné à l'aménagement d'une épicerie de quartier
- 6.6. approbation d'un acte de vente avec Acrealux promotion immobilière S.A.
- 6.7. approbation d'un acte de vente avec l'État du Grand-Duché de Luxembourg dans l'intérêt de la construction d'un nouveau terminal intermodal rail-route Bettembourg-Dudelange
- 6.8. approbation d'un acte notarié d'échange
- 6.9. subsides extraordinaires à allouer
- 6.10. approbation du devis remanié relatif aux travaux de réfection de la cour de récréation et de réaménagement de l'aire de jeux de l'école Gaffelt
- 6.11. approbation d'un crédit supplémentaire relatif aux travaux de réfection de la cour de récréation et de réaménagement de l'aire de jeux de l'école Gaffelt

7. NOUVELLE FIXATION DU SUPPLÉMENT DE NEUF HEURES DE CONGÉ POLITIQUE PAR SEMAINE PARMI LES DÉLÉGUÉS DANS LES SYNDICATS DE COMMUNES

Éditeur responsable: Collège des bourgmestre et échevins de la Ville de Dudelange
Résumé français: Claude Kugeler
Retranscription: Kim Dieschburg, société Translatores
Photos / Illustrations:
Ville de Dudelange, David Laurent/Wili, André Weisgerber, Roberto Santoprete
N°9/2018 - Parution: février 2019





8. ENSEIGNEMENT FONDAMENTAL – APPROBATION DE L'ORGANISATION SCOLAIRE DÉFINITIVE 2018/2019

9. ÉCOLE RÉGIONALE DE MUSIQUE – APPROBATION DE L'ORGANISATION SCOLAIRE DÉFINITIVE DE L'ANNÉE SCOLAIRE 2018/2019

10. COMMISSIONS CONSULTATIVES – CHANGEMENT AU SEIN DE LA COMMISSION DE L'ENVIRONNEMENT, DE L'ÉNERGIE ET DE LA PROTECTION DE LA NATURE

11. AUTORISATION D'AGIR EN JUSTICE À ACCORDER AU COLLÈGE DES BOURGMESTRE ET ÉCHEVINS

12. QUESTIONS AU COLLÈGE DES BOURGMESTRE ET ÉCHEVINS

Séance à huis clos:

13. PERSONNEL

- 13.1. nomination d'une employée communale, catégorie d'indemnité B, groupe d'indemnité B1, sous-groupe éducatif et psycho-social pour les besoins de la maison des jeunes
- 13.2. allocation d'une indemnité spéciale mensuelle à une employée communale pour le remplacement d'un supérieur en congé parental à mi-temps
- 13.3. augmentation de la tâche variable d'un employé communal
- 13.4. démission à accorder à un employé communal
- 13.5. démission à accorder à une employée communale
- 13.6. démission à accorder à un employé communal

RAPPORT SUCCINCT DE LA RÉUNION DU CONSEIL COMMUNAL DU 9 NOVEMBRE 2018

Présents: Messieurs Dan Biancalana, bourgmestre; Loris Spina, René Manderscheid; Mesdames Josiane Di Bartolomeo-Ries et Claudia Dall'Agnol (sauf pour les points 6.10, 6.11 et 7 de l'ordre du jour), échevins. Mesdames Sylvie Andrich-Duval, Martine Bodry-Kohn; Messieurs Bob Claude (sauf pour les points 6.3, 6.4 et 6.5 de l'ordre du jour); Jean-Paul Friedrich, Jean-Paul Gangler (sauf pour le point 6.9 de l'ordre du jour), Robert Garcia, Henri Glesener; Madame Romaine Goergen; Messieurs Vic Haas, Yves Jadin; Madame Michèle Kayser-Wengler (sauf pour les points 9 à 13 de l'ordre du jour); Monsieur Claude Martini; Madame Emilia Oliveira et Monsieur Romain Zuang, conseillers.

Patrick Bausch, secrétaire communal.

Absent: néant.

Début de la séance à 8.00 heures.

Monsieur le bourgmestre ouvre la séance en souhaitant la bienvenue à tous les membres.

1. Avant la liquidation de l'ordre du jour, Monsieur le bourgmestre informe le conseil communal que les études géothermiques réalisées conjointement par la Ville et le Fonds du Logement pour le quartier NeiSchmelz ne sont à l'heure actuelle pas achevées. Les données récoltées au moyen du forage sont en train d'être analysées et interprétées par l'Université de Bochum. Des analyses supplémentaires engagées par l'Administration de la gestion de l'eau en collaboration avec le Service géologique de l'Etat visent à recueillir des indications sur la composition et la qualité de la nappe phréatique. Les résultats des analyses sont attendus pour la fin de l'année respectivement le début de l'année 2019, après quoi, la deuxième phase de l'étude pourra être entamée.

Monsieur Loris Spina porte ensuite à la connaissance du conseil communal que la Ville de Dudelange s'est vue attribuer récemment le titre de « Town of Sports ». La décoration sera remise aux responsables communaux lors d'une cérémonie à Bruxelles.

2. Circulation

- avec 13 voix contre 6, le conseil communal arrête la modification du règlement général de la circulation par laquelle est introduit le parking payant (parcètres à distribution de tickets) pour véhicules ≤ 3,5t pour la partie non-clôturée du parking près du Centre Culturel Régional de Dudelange, Centre National de l'Audiovisuel;
- par des votes unanimes, sont approuvés : la modification du règlement général de la circulation portant réglementation de l'arrêt autobus « Schmelz » dans la route de Volmerange, le règlement temporaire de la circulation à l'occasion des travaux d'infrastructures relatifs au PAP rue Dominique Lang ainsi que la réglementation temporaire de la circulation à l'occasion

du marché de Noël 2018.

3. Aménagement communal et développement urbain
 - le conseil communal, avec 17 voix et 2 abstentions, approuve à titre définitif, la modification ponctuelle du plan d'aménagement général – parties graphique et écrite, concernant un reclassement du quartier NeiSchmelz à Dudelange, en tenant compte de l'avis de la Commission d'Aménagement du Ministère de l'Intérieur et de l'avis de Madame la Ministre de l'Environnement, tout en redressant diverses erreurs matérielles et portant des précisions supplémentaires;
 - la modification ponctuelle du plan d'aménagement général – parties graphique et écrite, concernant un reclassement du site « A Bèlleg » est avalisée avec les voix de tous les conseillers communaux. Cette modification s'avère nécessaire en vue du développement d'un nouveau quartier d'habitation sur le site « A Bèlleg » et elle permettra de développer des terrains libres à proximité de la halte de train « Burange ».
4. Le plan de gestion des forêts communales pour l'année 2019, tel que présenté par l'Administration de la nature et des forêts, est adopté à l'unanimité.
5. Le conseil communal approuve à l'unanimité les modifications au règlement communal concernant les cimetières. Dorénavant, la Ville de Dudelange disposera d'un cimetière en forêt régional « Diddeleng – Gehaansbiërg », destiné à la dispersion des cendres. Comme le nom l'indique, ce nouveau lieu d'inhumation sera aménagé au Mont Saint-Jean à Dudelange.

6. Finances communales

Avec 13 voix contre 6, est approuvée la convention modifiée passée avec l'Etat du Grand-Duché de Luxembourg au sujet de la mise à disposition de la partie du terrain appartenant à l'Etat du parking CCRD/CNA.

Par des votes unanimes, sont approuvés,

- la modification du chapitre VI – cimetières et columbariums du règlement-taxes général. Par l'instauration du cimetière en forêt, des ajouts sont devenus nécessaires au règlement-taxes général. Une concession accordée pour 30 ans au cimetière en forêt régional Diddeleng-Gehaansbiërg est soumise au paiement d'une taxe de 25,- €, tandis que la taxe pour la dispersion des cendres d'une dépouille mortelle, inclusivement l'inscription sur la plaque commémorative, est fixée à 75,- €;
- le premier avenant au contrat de sous-location avec l'État du Grand-Duché de Luxembourg, pour une partie de l'immeuble dénommé « Gréngt Haus »;
- le troisième avenant au contrat de bail relatif à la location de la buvette de la piscine en plein air;
- le contrat de bail concernant la location du local destiné à l'aménagement d'une épicerie de quartier, 27, rue Gare-Usines;
- l'acte de vente avec Acrealux promotion immobilière S.A., pour l'acquisition d'une parcelle sise à Boudersberg, lieu-dit « ob Rellent », faisant 10,16 ares, dans un but d'utilité publique, à savoir l'extension de l'infrastructure sportive du stade Aloyse Meyer;
- l'acte de vente avec l'État du Grand-Duché de Luxembourg pour des propriétés immobilières à Burange, lieux-dits « Rootswies », et « In Scheeleck », dans l'intérêt de la construction d'un nouveau terminal intermodal rail-route Bettembourg-Dudelange;
- l'acte notarié d'échange sans soulte aux termes duquel Madame Josiane Louise Hélène Groche cède à l'administration communale de la Ville de Dudelange deux parcelles de terrain sises dans la rue Alexander Fleming et la commune de Dudelange cède à Madame Groche trois parcelles de terrain sises au même endroit. L'échange est opéré dans un but d'utilité publique, à savoir l'intégration des parcelles reçues en échange au domaine public communal, à savoir dans le chemin piétonnier au-dessus du « Diddelengerbaach », entre la rue Alexander Fleming et la rue Raoul Follereau;
- l'allocation d'un subside extraordinaire de 3'573,06,- € à la Fondation Home Saint Jean pour participer à raison de 50 % aux frais des travaux extraordinaires inévitables;
- le devis remanié, d'un montant de 300'000,- €, relatif aux travaux de réfection de la cour de récréation et du réaménagement de l'aire de jeux de l'école Gaffelt;
- le crédit supplémentaire de 50'000,- € relatif aux travaux ci-avant désignés.

7. Les congés politiques supplémentaires à accorder aux membres de bureaux dans les syndicats de communes sont accordés avec les voix de tous

les conseillers communaux. Ainsi quatre heures sont accordées à Madame Claudia Dall'Agnol comme membre dans le bureau des syndicats SICEC et TICE, trois heures à Monsieur René Manderscheid comme membre dans le bureau des syndicats STEP, Minett-Kompost et SIDOR et deux heures à Monsieur Loris Spina comme membre dans le bureau des syndicats SES et STEP.


8. L'organisation scolaire définitive de l'enseignement fondamental pour l'année scolaire 2018/2019 est adoptée à l'unanimité.
9. L'organisation scolaire définitive de l'année scolaire 2018/2019 pour l'école régionale de musique est de même approuvée avec les voix de tous les conseillers communaux.
10. Monsieur Jérôme Morbé est nommé membre expert au sein de la commission de l'environnement, de l'énergie et de la protection de la nature.
11. Le conseil communal autorise unanimement le collège des bourgmestre et échevins à agir en justice dans l'affaire qui oppose la Ville de Dudelange à la société Hawa s.à r.l., ceci en matière d'infraction à la loi modifiée du 19 juillet 2004 concernant l'aménagement communal et du développement urbain.
12. Une proposition de lettre de réclamation, à adresser aux CFL, a été soumise par la fraction « Déi Lénk » au conseil communal, dossier lequel est traité séance tenante.

La séance se poursuit ensuite à huis clos.

13. Décisions de personnel

- Madame Rachelle Van Hemert est engagée comme employée communale pour les besoins de la maison des jeunes;
- une indemnité spéciale mensuelle est accordée à Madame Kim Streff (structures d'accueil) pour le remplacement d'un supérieur en congé parental à mi-temps;
- la tâche variable de Monsieur Laurent Thinnès (structures d'accueil) est augmentée;
- démission est accordée à trois employés communaux : Monsieur Laurent Krantz (structures d'accueil), Madame Véronique Streff (CID) et Monsieur Roby Goergen (CID).

Fin de la séance vers 12.40 heures.



GEMENGEROTSSÄTZUNG VUM 9. NOVEMBER 2018

I. KORRESPONDENZ

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Ech géif proposéieren, datt mir mat der Korrespondenz ufänken, ech wollt am Numm vun der Stad Diddeleng an och am Numm vum Fonds de Logement nach e puer Informatiounen dem Gemengerot net virethalen wat d'Etüde ronderëm d'Potential vun der Geothermie ugeet well och wann d'Sociétéit Vormann, déi déi ganz Foragë gemaach huet, elo net méi op der Plaz ass, da wëll dat net heeschen, datt d'Geothermie ofgeschloss ass.

Am Contraire, fir e bëssen de Kader ze setzen, déi éischt Etapp huet am Abrëll 2018 dëst Joer ugefangen, fir Foragen ze maache mat enger Déift vu 450 Meter, déi Aarbechte sinn den 9. August ofgeschloss ginn, dotëschent sinn eng Rei Mesurë gemaach ginn, wat d'Densitéit an d'Duerchlässegkeet ugeet vum Steen, et ass och am August eppes zousätzlech installéiert gi vun der Uni Bochum fir den Affinage ze maachen, deen Test, an am Moment ass déi Uni amgaangen, d'Auswäertungen ze maache vun der éischter Phas vum Forage, 50 Meter.

Dat wat uviséiert ass, datt ee soll kënne bis iwwer 1000 Meter goen. Et sinn och no August, wéi scho liicht ofgebaut ginn ass, weider Essais gemaach gi punkto Temperatur an Duerchlässegkeet vun de Steng. Dat ware gutt dräi Wochen, an dat ass elo kierzlech, de 26. Oktober ofgeschloss ginn.

Ech mengen, dofir war och net méi vill op der Plaz, dat heescht, de Moment alles wat déi Resultater ugeet, op déi mir waarden, déi sinn zu Bochum op der Uni, déi maachen elo d'Auswäertungen a wat ee soe kann, sou wéi ech dat vum Fonds de Logement matgedeelt krut, vu datt si jo hei d'Ausschreiwung gemaach hu fir déi Geothermietester, ass et am Fong bei der Administration de la gestion de l'eau, do ass jo am Fong e Service géologique vum Staat, déi zwee sinn amgaangen, elo och weider Essais ze maachen, wat d'Waasser betrëfft, wat d'Qualitéit an d'Propretéit vum Waasser ugeet.

Dat heescht, dat leeft parallel a mir kënnen domadder rechnen, datt mir Enn des Joers oder am Ufank vum nächste Joer spëtstens d'Resultater virleien hu vun der éischter Phas fir da kënnen déi zweet Phas an Ugrëff ze huelen.

Ech wollt lech déi Info ginn, déi um leschte Stand ass vun der Geothermie, dat heescht déi Réckmeldungen, déi mir kritt hunn, sinn zimlech positiv, quitt datt déi definitiv Resultater net virleien. Sou mengen ech, datt och envisagéiert gëtt, déi zweet Phas an Ugrëff ze huelen, ech wëll mech hei net zevill avancéiere mä déi éischt Appreciationen, déi mir kritt hunn, mä ech mengen, wann déi kloer Chiffere virleien, déi wëssenschaftlech Chifferen, da wäerte mir dat dem Gemengerot och matdeelen. Voilà, dat par rapport zu der Geothermie an ech ginn dem Loris Spina d'Wuert.

Loris Spina (LSAP - Schäffen): Merci Här Buergermeeschter, léif Leit aus dem Schäffen- a Gemengerot, ech wëll lech awer och net virethalen, obwuel eng Rei vu Leit et wahrscheinlech schonn aus der Press matkritt hunn, an zwar, datt mir e flotten Titel kritt hunn, an zwar dierfe mir eis elo als éischt Stad "European Town of Sports" nennen, an dat nodeems eise Service des Sports zesumme mam Schäfferot e flotten, opwennegen Dossier presentéiert huet. Do ass dann och eng Delegatioun vun deene Leit, déi deen Titel oder dee Präis verginn, op Diddeleng komm, mir hunn zesummen eis verschidde Sportsinfrastrukturen duerchgekuckt. Si hunn natierlech eng Rei vu Kritären, déi do mussen erfëllt sinn, wat déi Sportsinfrastrukturen ubelaangt, wat awer och d'Ënnerstëtzung vun der Gemeng fir déi verschidde Sportsberäicher ubelaangt, engersäits d'Schoul, de Kompetitiounssport an awer och de Fräizäitberäich an do war déi Jury der Meenung, datt mir als Diddeleng deen Titel verdéngt hätten an esou gi mir an enger klenger Delegatioun den 4. Dezember op Bréissel, wou mir dat dann och offiziell iwwerreecht kréien an da kënne mir eis während engem Joer esou nennen.

De positive Retour dobäi ass net nëmmen, datt mir d'Bestätegung kréien, datt mir effektiv zu Diddeleng vill fir den Sport maachen, datt all déi Benevollen déi an de Veräiner tätég sinn, eng gewëssen Rékompense kritt hunn duerch d'Unerkennung fir hir jorelaang Aarbecht. Et ass e wichtegen Titel a virun allem ass et wichteg, datt een an engem Réseau deelt, wou een sech austauschen an Erfahrungswärter deele



kann an, wéi och elo schonns bei der Visite sinn eng ganz Rei vun neien Iddien opkomm, déi mir och hei zu Diddeleng an nächster Zukunft kënnen ëmsetzen.

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Merci fir déi dote Präzisiounen, gëtt et nach weider Bemerkungen zur Korrespondenz?

Da géif ech proposéieren, datt mir iwwer ginn op d'Circulatioun an do geet et ëm d'Modifikatioun vum Règlement général - Parking CNA - Centre culturel.

2. VERKÉIERSREGLEMENTER

2.1. Ännerung vum allgemenge Verkéiersreglement – Parking CNA/CCRD

Claudia Dall'Agnol (LSAP – Schëffin): Merci Här Buergermeeschter, do hunn ech déi lescht Kéier alles gesot, do gëtt et verkéierstechnesch keen neie Moment, et ass déi selwecht Deliberatioun, dat selwecht Verkéiersreglement wat och schonn am leschte Gemengerot virlocht, dofir sinn ech bei dem Punkt séier fäerdeg.

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Da ginn ech op d'Konventioun an, well déi ass jo liiert mat deem dote Volet, déi Konventioun zwëschent dem Staat, respektiv zwëschent dem Finanzministère an der Stad Diddeleng, do hate mir am leschte Gemengerot jo eng Diskussioun, wat verschidde Wieder ugeet vun der Ausleeung vun der Konventioun. Mir hunn eis deene Remarquen ugeholl an och nach eng Kéier d'Konventioun duerchgekuckt mat den Acteuren, a mir hunn déi néideg Modifikatiounen gemaach nodeems déi Remarquen hei am Gemengerot gemaach goufen a mir hunn am éischten Titel vun der Konventioun eng Ännerung gemaach, dass mer vum Parking privé pour les usagers du Centre culturel régional opderschmelz op de Parking pour les usagers du Centre culturel régional opderschmelz iwwergaange sinn a mir hu präziséiert, datt deen Deel, deen net clôturéiert ass, datt mir dee mat an d'Voirie publique eranhuelen.

Dat sinn am Ganzen 67 Emplacementen, déi hei geregelt ginn a mir maachen dat heite jo am Fong fir datt mir d'Dauerparker, déi mer de Moment op deem doten ëffentleche Parking hunn, kënnen regelen, datt am Fong d'Beneficiairë vum Centre culturel régional

opderschmelz a vum CNA, dat heescht d'Usageren dat och kënnen notzen. Dat heescht, mir hunn hei an dëser Konventioun dëse Präzisiounsgrad mat erabruucht. Esou vill dozou. D'Diskussioun ass op.

Jean-Paul Gangler (CSV): Merci Här Buergermeeschter, ech ka mech der Madame Dall'Agnol nëmmen uschléissen, ech hu jo am leschte Gemengerot och alles gesot.

Mir hunn hei elo zwou Saachen, éischters d'Konventioun mam Staat, wat mech dobäi stéiert, ass, mir beruffen eis elo hei am Enoncé op: "la Convention passée avec l'Etat", mä déi heite Konventioun, wat jo elo eng nei ass well Dir se ëmgeännert hutt, déi ass jo net ënnerzeechent.

Dir kënnt jo net einfach an en Dokument, wat ënnerschriwwen gouf, elo op eemol änneren goen, dat ass jo vun zwou Säiten ënnerzeechent. Do ass wou ech mir d'Fro stellen: Ass déi Konventioun, wéi Dir eis se hei elo virleet, bannend? Well mir brauche jo eppes Bannendes fir eis kënnen op dat Reglement do ze baséieren.

Fir de Rescht hat d'CSV déi leschte Kéier gesot, datt se net begeeschtert ass, datt do uewen elo soll bezuelt ginn. Mir bleiwen dobäi, et ass eng Plaz wou Kultur gemaach gëtt, wou Bicherdag ass, wou d'Musekschoul ass. Et hätt ee kënnen eng aner Form fannen, fir d'Dauerparker erauszekréien.. Mir sinn nach ëmmer der Meenung, datt déi Form um Schlakentipp wéi se elo funktionéiert, mat e puer Stonne gratis ouni ze bezuelen, den Déngscht och gemaach hätt.

Fréier hate mir esouguer d'Parkscheiwen, déi hätten et och gemaach, einfach annerhallef Stonn do stoen ze kënnen, dat hätt de Staat och keen deieren Apparat kascht, kee Pabeier an esou, dofir si mir der Meenung, datt mir dat Reglement net gutt fannen, och wann et elo vun der Majoritéit esou gestëmmt gëtt, wa mir net d'accord sinn.

Wéi gesot, ech hunn e bëssen Zweifel drun, datt mir eng Konventioun elo als Basis fir dat Reglement huelen, déi am Moment net ënnerschriwwen ass. Merci.

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Merci dem Här Gangler, ginn et nach weider Stellungnamen?

Da ginn ech op deen dote Punkt an.



Mir haten hei schonns méi wéi eemol eng Diskussioun, ob een eng Konventioun virleien huet, déi ënnerschriwwen ass, ass se da valabel? Oder wa mer se ënnerschriwwen hunn, huet de Schäfferot dann net schonns en Engagement geholl an d'Decisioun vum Gemengerot domat prejudiciéiert?

Wat ech lech awer soe kann, ass, datt déi heiten Ëmännerung, déi mir gemaach hunn, déi hu mir mat dem Averstännis vum Finanzministère gemaach, mir hunn se och schon ënnerschriwwen an ageschéckt un de Finanzministère fir datt si se och kënnen ënnerschreiwen, dat ass an Ofsprooch natierlech mat hinne gemaach ginn an déi heite Konventioun ass valabel. Wann se also hei gestëmmt gëtt, kritt se och an deem Sënn weider gréng Luucht. Mä et ass net, datt dat unilateral decidéiert gouf.

Jean-Paul Gangler (CSV): Merci, ech gesinn awer nach eng kleng Nuance dodran. Bei all de Konventiounen, déi Dir soss ënnerschriwwen hutt, do stoung explizit dran, si wier nëmme valabel wann se och duerno vum Gemengerot ratifizéiert ginn ass, dat steet hei net dran.

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Dat ass ëmmer esou, och hei. D'Fro ass, ass se ënnerschriwwen? An da kritt de Gemengerot se virgestallt fir se ze validéieren oder gëtt se net ënnerschriwwen an de Gemengerot kritt se nawell virgeluecht fir d'Validatioun. Dat kann an déi Richtungen goen.

Da géife mer zum Vote kommen. Wien ass mat der Konventioun **averstanen**? Dat si Stëmme vun LSAP, déi Gréng an déi Lénk. Wien ass dogéint? CSV an ADR.

Da fuere mir weider a ginn op d'Verkéisersreglement. Wien ass domadder **averstanen**, datt mir dat esou reglementéieren, datt et an de Parkraum-Management mat erageholl gëtt? Dat ass dann och Déi Gréng, d'LSAP an déi Lénk. Wien ass dogéint? CSV an ADR. Merci an da fuere mer weider mat de Verkéisersreglementer.

2.2. Ännerung vum allgemenge Verkéisersreglement – Autobushaltestell “Schmelz”

Claudia Dall'Agnol (LSAP – Schäffin): Hei schafe mir déi al Bushaltestell Op der Schmelz of am Punkt 2.2. well déi nei elo fäerdeg ass, an an engems reglementéiere mir dann och direkt am selwechte Verkéisersreglement déi nei. A villäicht nach just als Info: Déi nei

Bushaltestell ass och handicapéiertegerecht an och blannegerecht gebaut ginn. Merci.

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Merci Claudia Dall'Agnol. Ginn et nach weider Stellungnamen dozou? Wann net, da proposéieren ech, datt mer zum Vote kommen. Wien ass domadder averstanen? Dat ass **unanime**. Merci. Da gi mir weider op dat nächst Verkéisersreglement.

2.3. Approbatioun vum temporaire Verkéisersreglement während den Infrastrukturaarbechten am Kader vum PAP an der Rue Dominique Lang

Claudia Dall'Agnol (LSAP – Schäffin): Jo, dat ass de Punkt 2.3., do musse mir wéinst dem PAP an der rue Dominique Lang e Sens unique reglementéieren, während der Dauer vum Chantier, dat heescht, datt een op der Parkstrooss dee Moment net an d'Dominique Lang Strooss a Richtung Edison Strooss abéien däerf.

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Ginn et dozou Stellungnamen? Neen, da kënnen mir ofstëmme. Wien ass domadder averstanen? Dat ass och **unanime**. Merci. An domat komme mer zum Chrëschtmaart.

2.4. Approbatioun vum temporaire Verkéisersreglement während dem Chrëschtmaart 2018

Claudia Dall'Agnol (LSAP – Schäffin): Dat ass de Punkt 2.4., hei reglementéiere mir de Verkéisers während eise alljäreleche Chrëschtmaart, do ass éischters d'Niddeschgaass erëm zou fir de Verkéisers, dee genauen Horaire, wéi zou ass, steet am Detail an der Deliberatioun an den Datum ass vum 7.- 16. Dezember an zweetens ass och een Dag fir d'Op- an Ofriichte vun de Stänn virgesinn, dat ass den 3., respektiv den 18. Dezember an dat Stéck Strooss, dat virum Parvis vun der Kierch ass, gëtt och gespaart.

Jean-Paul Gangler (CSV): Merci, ech hunn do eng Fro, dat huet elo net direkt mam Reglement ze dinn, mä well de Chrëschtmaart do ass, wann Dir mir kéint just an dräi Wieder soen, wou de Chrëschtmaart dëst Joer ass? D'lescht Joer war e jo op enger neier Plaz. Du ware Versammlung mat de Veräiner an do sollt e Bilan gemaach ginn. Duerfir géif ech gäre wësse firwat dat Reglement elo anescht ass, fir datt



ech de Leit ka soen, wou dann de Chrëschtmaart dëst Joer stattfënnt.

Loris Spina (LSAP - Schäffen): Jo, also effektiv, Dir hutt et selwer gesot, et ass net d'Thema hei, ech wëll awer trotzdem ganz kuerz drop äntweren. Op Avis, Propos vun dem Aarbechtsgrupp ass et sou zeréckbehalde ginn, datt en hei virun der Dier ass, ronderëm d'Stadhaus, respektiv ronderëm d'Kierch an déi nei Plaz am Duerf, an dotëscht déi Plaz gëtt och genotzt fir de Chrëschtmaart auszebreedem.

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Dat als Präzisioun, wien ass mat deem Reglement averstanen? Och dat ass **unanime**, da soen ech dem Gemengerot Merci.

3. GEMENGEPLANUNG A STADENTWÉCKLUNG

3.1. Punktuell Ännerung vum Gesamtbebauungsplang (PAG) – graphesch a schrëftlechen Deel vum Reklassement vum Quartier NeiSchmelz zu Diddeleng – definitiv Approbatioun

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Da géife mir op deen nächste Punkt iwwergoen, dat ass den Aménagement Communal an den Développement urbain, an do komme mir op d'Modification ponctuelle vum Plan d'aménagement général, wat de Quartier NeiSchmelz ugeet. Dofir begrëssen ech och hei an der Ronn eis Architektin Cathy Mambourg a vum Bureau d'études Zeyen & Baumann de Jean Brodeur. Häerzlech wëllkomm.

Wéi gesot, mir sinn hei jo an der Prozedur vun der Modification ponctuelle ronderëm NeiSchmelz. Dir kënnt lech drun erënneren, datt mir hei den 29. Mäerz 2018 jo deen éischte Vote geholl hunn, wat d'Modification ponctuelle ugeet, a mir hunn dat doten ageschéckt an de Ministère de l'Intérieur an och an de Ministère de l'Environnement, an déi hunn eis och en Avis zoukomme gelooss, den 10. August fir d'Commission d'aménagement, dat heescht am Inneministère, an och den Ëmweltministère huet eis säin Avis ginn de 26. Juni 2018 an Dir kënnt lech och drun erënneren, datt mir nom Vote hei am Gemengerot de 17. Abrëll déi obligatoresch ëffentlech Versammlung haten, wou

mir och de Projet de Bierger, respektiv d'Modification ponctuelle virgestallt hunn.

An am Kader och vun deenen Delaien, déi d'Gesetz virgesäit, ass keng Observatioun an och keng Objection, wat dës Modification ponctuelle ugeet, un de Schafferot adresséiert ginn.

An Ärem Dossier hutt Dir och déi zwee Avisa virleien. Ech mengen, ech maachen e kleng Kader, dat skizzéiert lech herno den Här Jean Brodeur méi am Detail, deen op déi verschidden Avisen an och eis Stellungnam ageet.

Engersäits kann ee soen, datt den Inneministère d'Ausrichtung vum Projet NeiSchmelz begréisst. E seet, datt et kloer en ambitiöse Projet ass mat enger staarker urbanistescher Qualitéit an e seet awer och, datt et d'Resultat ass vun enger exzellenter Zesummenaarbecht tëscht verschidden Acteuren.

Dat huet och domat ze dinn, datt am Kader vun der Modification ponctuelle jo och vill Reuniounen waren tëscht staatlechen Administratiounen an Architekten an der Stad Diddeleng.

Dir kënnt lech erënneren, am Mäerz do hate mir am Kader vun der Modification ponctuelle jo verschidden Zone virgesinn an den Inneministère a sengem Avis seet, datt just zwou Zonen solle virgesi ginn: eng Zone mixte an eng Zone Hab 2. Dozou huele mir och Stellung an eise Avis an effektiv wäert de Jean Brodeur herno dorop agoen.

De Ministère de l'Environnement seet, datt dat Dokument wat mir hinnen zoukomme gelooss hunn, och gutt strukturéiert ass, et geet drop an, datt natierlech, wat och herno am Avis zeréckbehalde gouf, mir am Fong eng Servitude musse setzen op den Tunnel wou d'Fliedermais identifizéiert goufen a seet awer och, datt mir eng Ëmklasséierung solle maachen, wat déi Zone Sports et Loisirs ugeet an eng Zone Bâtiments et « Équipements publics ».

Also, an eiser Stellungnam, déi mir elo wäerten duerchhuelen a wou Dir och wäert erkläert kréien, gi mir op verschidde Punkten an, huelen also verschidde Punkten u vun deenen zwee Avisen a setzen déi och ëm an der Partie graphique wéi och an der Partie écrite.



Et sinn awer och eng Rei Remarquen, déi mir net unhuelen an da musse mir natierlech och argumentéiere firwat mir se net unhuelen.

An an deem Sënn géing ech hei dem Jean Brodeur d'Wuert ginn, a mir hunn hei eng Presentatioun och nach zousätzlech gemaach, déi mir lech weisen, déi effektiv déi verschidden Avisen duerchginn an an engem d'Stellungnam vun der Gemeng vun der Stad Diddeleng erklären.

Jean Brodeur (Bureau d'études Zeyen & Baumann): Bonjour. Donc, comme le bourgmestre l'a dit, c'est fait sur la base de l'avis de la commission d'aménagement et sur la base de l'avis du Ministère de l'Environnement. Donc, là juste pour un simple rappel, à l'origine on était dans une zone principalement de terrain à études.

Lors de la saisine, on a modifié tous les terrains, partiellement en zones d'habitation 2, en zones urbaines, en zones de bâtiments publics, en zones spéciales laminoir et en zones récréatives.

Donc, suite à l'avis des deux ministères on a procédé à quelques modifications. Donc là c'est des modifications générales. On va aller plus en détail, mais c'est les endroits où il y a les contours bleus.

Pour ce qui est de la partie Nord, suite à l'avis que la cellule d'évaluation avait fait par rapport au PAP Nord, la partie de la zone mixte urbaine a été agrandie pour permettre une meilleure utilisation de la place, une utilisation plus rationnelle de la place en gardant ici une place publique et ici, en développant en même temps la capacité du développement des immeubles. Pour rappel, la route de Thionville est ici aujourd'hui, elle va être déplacée de ce côté-ci, donc tous les terrains ici ont été récupérés pour faire une zone mixte urbaine, habitation, service, commerce. Donc, ça c'était le premier point.

Le deuxième point, ça concerne ici la zone récréative, sports et loisirs. Donc le Ministère de l'Environnement considérait qu'il serait préférable de développer non pas une zone récréative où c'est possible de faire des constructions plus importantes, mais de le mettre en zone de bâtiments et équipements publics, avec la spécificité « espace public ».

Donc, c'est les espaces publics à revoir plus tard dans la partie écrite, mais c'est principalement pour aménager des places, des espaces verts, des aires de jeux et toutes ces choses-là.

La partie ici a été modifiée, qui était anciennement zone récréative, c'est devenu une zone de bâtiments et équipements publics, espace public.

Également, le Ministère de l'Environnement qui a fait une remarque concernant ici une ouverture d'un tunnel qui était les anciennes galeries. Comme quoi, s'il devait y avoir une servitude pour garantir que cette ouverture-là serait maintenue ouverte, permettre l'accès à la galerie aux chauves-souris et aux petits biotopes. Donc, ça aussi on va voir la définition dans la zone plus tard.

Un autre point qui a été modifié, c'est les coefficients – juste une petite erreur matérielle qu'on avait faite ici - dans la modification de base on avait mis, simplement la zone H2, et c'était une erreur matérielle, donc on a dû changer PAP, on n'a pas modifié ça mais on a juste modifié ça ici, l'intitulé.

Pour ce qui est de la zone spéciale laminoir, donc qui est l'ancien laminoir qui va être maintenu, qui est un bâtiment protégé et tout. Là aussi, il y a eu une erreur matérielle pendant la procédure. Donc, le Fonds du Logement nous a rendus attentifs au fait que les coefficients qu'on avait inscrits sur le plan étaient légèrement inférieurs au projet qui avait été approuvé et discuté avec la cellule d'évaluation.

Donc à ce moment-là, on a modifié les coefficients ici, on les a légèrement augmentés, mais ce n'est pas une augmentation substantielle.

Et un autre point, c'est la zone – c'est la même chose qu'il y avait près des étangs en haut. Donc, anciennement c'était une zone récréative ici, zone de sports et loisirs, et qu'on a modifié ici également en zone de bâtiments et équipements publics, espace public. Donc ça, en principe, ce serait un parc avec peut-être quelques aménagements.

Donc, ça c'est les modifications qui ont eu lieu par rapport à la partie graphique du projet. Donc là, c'est juste le plan total. Là on est dans la partie écrite, donc, pour qu'il y ait une meilleure sécurité juridique et tout, on a ajouté un nouvel article qui délimite exactement le champ d'action, l'application de cette modification ponctuelle.

La présente partie écrite s'applique au terrain délimité sur l'extrait cadastral. Donc, il y a un extrait cadastral qui est joint au document pour vraiment montrer sur quelle parcelle cela concerne la nouvelle partie écrite avec l'indication de la modification ponctuelle du PAG.



Pour les terrains spécifiés à la diapositive précédente, une partie de l'article de la partie écrite du plan d'aménagement général en vigueur de la ville de Dudelange, énuméré ci-dessous, sont modifiés comme suit.

Donc, les articles qui apparaissent ici pour éviter qu'il y ait un problème juridique avec le PAG en vigueur et le projet du Fonds du Logement, on a dit que ces articles-là, donc la profondeur, la profondeur des sous-sols, les ouvertures dans la toiture ne s'appliquaient pas à ce projet-là. Donc, ça reste en vigueur pour tout le reste de la commune, mais pour ce projet spécifique, ça ne s'applique pas. Donc, c'est pour éviter qu'il y ait des problèmes justement avec la forme des toitures et ces choses-là. Ça c'est un autre point qui a été changé.

Le Ministère de l'Intérieur a aussi proposé qu'il y ait une certaine mixité, autre que l'habitation qui puisse aussi être faite dans la zone d'habitation 1, donc la zone d'habitation 1, c'est la bande de terrain qui longe la rue de Volmerange. Donc, là on a ajouté - ce qui est en rouge, ce sont les ajouts, pardon, et ce qui est en noir, c'est ce qui n'est pas modifié. Donc, on n'a ajouté que dans la zone d'habitation 1, dans les bâtiments de coin, donc c'est vraiment des bâtiments qui forment au carrefour de deux rues, qui sont à identifier dans les PAP en étude. Donc, lorsqu'on va faire le PAP, il va falloir que ce soit spécifié à quel endroit ce sera autorisé.

Donc, on pourrait autoriser des restaurants et des débits de boissons d'une surface construite de 200m² au maximum qui serait autorisée. Ça c'est une des demandes du Ministère.

C'est la même chose également pour la zone Hab 2, donc c'est la même remarque avec les bâtiments et les débits de boissons. Bon, là ce n'est pas spécifié pour les bâtiments de coin. Cela peut être, en fin de compte, autour des espaces publics. Donc si on a une place, ce n'est pas nécessairement sur un coin, mais ça peut aussi être aménagé autour de la place publique.

L'autre point, la zone mixte urbaine, n'a pas été modifié. La zone de bâtiments, équipements publics, la première partie n'a pas été modifiée, mais on a ajouté ici le EP donc qui concerne les espaces publics, donc pour une BEP EP, pour les espaces publics, ils ont admis des constructions légères et des aménagements légers requis pour développer un lieu en tant qu'espace ouvert au public.

Ils ont également admis des accès, des chemins dédiés à la mobilité douce, des réseaux d'infrastructure,

ainsi que des espaces de rétention sous condition que ces aménagements soient aménagés selon les principes d'aménagement écologique.

Donc, ça en principe, ces zones-là, c'est plutôt pour des zones vertes, des aires de récréation, des aires de détente, pour conserver les bassins, anciennement la sidérurgie et tout.

Donc, ça c'est la définition pour les nouvelles zones qui remplacent la zone de sports et loisirs.

Pour la zone spéciale laminoir, il n'y a aucun changement dans la définition.

Pour la zone des gares ferroviaires également aucun changement, et du fait même qu'on crée une nouvelle zone BEP, espace public, on a supprimé la zone de sports et de loisirs.

Pour ce qui est des zones soumises au plan d'aménagement du nouveau quartier, aucun changement.

Les secteurs et les zones protégées d'intérêt public aucun changement non plus.

Pour la zone de servitudes urbanisation on a ajouté, il n'y a aucun changement pour les premières, mais on a ajouté celles pour la servitude ouverture du tunnel. Donc, la zone de servitudes urbanisation, ouverture du tunnel vise à maintenir le tunnel pour garantir la fonctionnalité écologique des habitats d'espèces protégées.

Ils ont interdit toute construction ainsi que toute intervention qui puisse nuire à l'intégrité de cet élément, sans préjudice des dispositions de la loi concernant la protection de la nature et des ressources naturelles. Une dérogation aux dispositions définie ci-dessous peut être accordée en cas exceptionnel et pour des raisons dûment motivées et sous condition que la fonction écologique visée puisse être maintenue.

Donc, ça ce serait vraiment un coin exceptionnel où il faudrait peut-être fermer un peu, ou sinon, il faut que ce soit dûment motivé.

Pour les constructions aménagées provisoires, il n'y a aucun changement. Pour les emplacements de stationnement, il n'y a aucun changement non plus qui ait été demandé.

Donc, là juste pour un petit rappel, la modification pour le chemin directeur, la seule chose qu'on a modifiée, c'est par rapport à la zone nord, où on a agrandi, anciennement la zone faisait comme ceci et le bleu faisait tout le reste et là on a agrandi un peu la zone des bâtiments mixtes et habitations pour pouvoir faire un immeuble dans ce sens. Donc ça, c'est les seules modifications qui ont été apportées au schéma directeur.



Pour ce qui est de la procédure, il y a eu la saisine ici, le Ministère, les avis, les enquêtes publiques qui ont été faites, donc là aujourd'hui on se trouve à ce niveau-là avec le vote du projet d'aménagement général par le conseil communal. Par la suite, il va y avoir la publication endéans huit jours pendant quinze jours.

Les gens vont pouvoir faire des réclamations auprès du Ministère de l'Intérieur et après il y aura le projet d'aménagement général sera accepté par le Ministre de l'Intérieur. Donc, ça en gros c'est les seules modifications qui ont été apportées pour ce projet-là.

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Voilà, Merci dem Jean Brodeur fir d'Erklärungen an och dat resuméiert effektiv och d'Stellungnam vun der Gemeng, wou mir op eng Rei Punkten agaangen sinn am Kader vum Avis an eng Rei Punkte manner, an dat och argumentéiert hunn. Elo ass d'Diskussioun op, wa Remarquen dozou sinn oder Froen, sti mir zur Verfügung.

Jean-Paul Gangler (CSV): Merci Här Buergermeeschter. An deene Prekonisatiounen a Suggestiounen vun der Commission d'aménagement, do schreift d'Kommissioun op deem Punkt, wou mir déi Zone mixte net decidéiert hunn, dass si proposéieren dat ëmzeänneren an eng Zone de bâtiments publics, grad wéinst de Parkhaier. Do schreift d'Kommissioun, datt och an der Zone mixte méiglech wier déi Parkhaier ze maachen, déi aus dem Buedem erausstinn iwwer e puer Stäck.

Elo verstinn ech dann net wat eist Argument ass, wann dat dat eenzeg Argument war, fir ze soen, mir wëllen déi Zone mixte behalen a mir wëllen se net ëmänneren an eng Zone de bâtiments publics.

Bei deem zweete Punkt vun eiser Stellungnam, wat d'Rue Karl Marx ugeet, déi fronts bâtis vers le centre commercial mat deem îlot renfermé sur lui-même, do gëtt geschwat vun enger Plateforme de concertation den 8.2.2018. Wann ech do dierft froe fir nach vläit Detailer ze kréien, wat genee déi Plateforme de concertation war, wien do deelgehol huet a wat de Bilan dovun war.

Wat deen drëtten Punkt ugeet: Fir ze soen, mir wëlle méi wéi zwou Zone maachen, dat schéngt kloer. Et ass vill méi iwwersichtlech a vill méi villsäiteg machbar wa mir all déi Zone bäibehalen, déi mir elo virgesinn hunn a net eis nëmmen op zwou Zone beschränken. Dann ass dee Punkt mat den Hab 1 an Hab 2, mat de Plazen, wou Dir och elo gesot hutt, et muss net

alleng op engem Eckgebai sinn, et kann och op enger grousser Plaz sinn, well soss géinge mir op eemol nëmmen nach ronn Gebaier bauen, mee do ass ee Problem just: Do komme jo da Bistroyen hin a mir hunn awer an eiser Partie écrite stoen, do dierft näischt hikommen, wat d'Rou stéiert. Ech wollt just dann d'Iwwerleeung opstellen, ob net vläit awer eng Gefor do ass, datt Bistroyen an esou Wunnquartieren, déi owes spéit ophunn a wou d'Leit op der Strooss stinn ze fëmmen, awer vläit vill Kaméidi brénge kéinten. Dat ass elo vläit mat den Hoer erbäigezunn, mee et kéint een sech virstellen, datt dat net kompatibel wier mat deem wat an der Partie écrite steet.

Dann hu mir dee 5. Punkt, wou et ëm de Plan sectoriel Logements geet an do ass gëschter Owend spéit nach ee Punkt bäikomm, sou datt mir elo zwou Versionen do stoen hunn iwwert eis Stellungnam zu de Plans sectoriels Logement.

Et ass deen, deen an der Stellungnam elo mat giel gezechent ass. Elo wollt ech just froen: Heescht dat elo, datt mir exklusiv ee vun deenen zwou Punkten, wat de Plan sectoriel Logements behandelt, hei zrëckbehalen oder datt mir deen zrëckbehalen, dee giel ënnerzechent ass?

Ech sinn der Meenung, datt och dee Punkt, dee gëschter bäikomm ass, vill méi generell gehalen ass, en ass manner restriktiv an awer vill méi komplett an deene verschiddenen Aspekter, esou datt ech éischter eng Präferenz hätt fir dee Punkt zerëckzebehalen, wéi deen, deen am Ufank dodra stoung.

Eng kleng Bemierkung, déi d'CSV sech erlaabt: Vun de Plans sectoriels Transports ass néierens eng Ried, obschonn, an dat hate mir schonn deemools am Mäerz hei gesot, fir d'Gelänge vun deem ganze Projet NeiSchmelz de ganzen Transportvolet eng vun den conditions sine qua non ass, an dee Problem misst geléist ginn, éier NeiSchmelz realiséiert gëtt.

Dann hunn si vun der Kommissioun ze bemängele bei der Légende, datt do déi rout Faarf ass, wou een da Saache superposéiert huet an een net gutt gesäit.

Jo, wat soll ech do soen, déi rout Faarf stéiert hei zu Diddeleng 49,7% vun de Leit, mee mir müssen alt domat liewen.

Zweetens, dann ass déi Stellungnam vum Environnement vum Ministère. Do ass déi Saach mat deem Tunnel fir d'Chiroptèren. Do ass och e klengen Ënnerschied tëscht der Partie graphique an der Partie écrite. Et steet nämlech an der Partie graphique an och eng Kéier an der Partie écrite, "TU.", wahrscheinlech fir Tunnel an et steet awer an eiser Stellungnam e Sigel "OU." wahrscheinlech Ouverture du



Tunnel oder esou. Dee Sigel "OU" fannen ech op der Partie graphique awer néierens. An an dem Deel, dee mir bäigesat hunn an der Partie écrite, do steet och "TU".

Do misst ee vläit klären wat dann elo konkret gemengt ass, also iergendeng vun deenen Notatiounen ass do net richtig.

(Sur la partie écrite il y a "TU" et sur la partie... c'est déjà modifié? Ça va.)

Domat kommen ech schonn zum Schluss. Also, am Fazit, déi heite Versioun mat eiser Stellungnam, wéi mir se elo hei proposéieren, déi hält d'Strooss, si gëtt nach ëmmer déi grouss Ausriichtunge vum Projet an och dat wat mir de 29. Mäerz hei gestëmmt hunn, erëm. D'CSV ass also do voll dohannert fir déi Modifikatiounen fir déi Prise de position, déi mir hei präparéiert hunn, esou eranzeschécken. Ech soen lech Merci.

Robert Garcia (Déi Gréng): Merci fir d'Wuert Här Buergermeeschter. Ech wäert och ganz kuerz sinn, well mir hu jo schonns en long et en large iwwer dee Projet geschwat.

Villäicht eng kleng Remarque zu der Tatsaach, datt keng Remarquen oder Oppositiounen aus der Bevëlkerung komm sinn. Dat kann een natierlech och positiv interpretéieren. Da seet een, deen Dossier war därmoosse perfekt an déi lescht 7, 8 Joer ass alles esou gutt virbereet ginn, datt et eigentlech kloer ass, datt keng Oppositoun dozou ka kommen.

Ech gesinn, den Här Manderscheid, dee freet sech schonn doriwwer an effektiv, et muss ee jo zouginn, datt déi Prozedur, wann een dat mat anere Prozeduren am Land vergläicht, jo éischter an déi Richtung gaangen ass.

Et kann ee natierlech och soen, datt deen Dossier, och wann een dee elo nach eng Kéier sou kuckt, esou techesch komplizéiert ass, datt ee muss awer schonn immens motivéiert si fir sech deen Dossier op d'Long ze zéien an dann och nach Remarquen ze formuléieren.

Well ech weess, datt an anere Kontexter wéi zu Käl oder zu Zéisseng, wann do eppes ass, dann huet ee vill méi Remarquë vun der Bevëlkerung. Villäicht läit dat och un der Struktur vun der Bevëlkerung ronderëm dee Site well do eng Majoritéit vu Leit ass, déi net viele ginn an déi sech dann natierlech manner interesséieren fir déi Problematik.

Mee ech géing awer soen, datt d'Wourecht e bësselchen dotëschent läit an ech denke schonn, datt - et muss ee jo heiansdo e bësselche Weirauch verstreeën - de Schäfferot eigentlech kann houfreg sinn iwwer déi Prozedur, déi ronderëm dee Projet hei gelaf ass.

Déi Modification-ponctuellen, déi elo hei um Ordre du jour sinn, kënne mir am Fong alleguerte matdroen. Et gëtt zwar liicht Zweiwel wat d'Karl Marx Strooss, respektiv d'Fohrmannplaz betrëfft, well mir awer e bësse Bedenken hunn, datt do eng flott Haiserzeil occultéiert gëtt duerch e Gebai, mee et muss een awer villäicht mol waarden, wéi dat Gebai da géing ausgesi fir datt ee kann en Avis dozou ginn.

Mir ware jo déi eenzeg, déi sech enthalen hu bei dem Projet a mir wäerten eis Enthalung nach ëmmer oprechterhalen, d'autant plus wou ech hei gelies hunn, datt de Sites et Monuments nees do opgekräizt ass op dem Site. Ech krut gesot, ech sollt net ze vill iwwert déi Leit hierfalen. Ech hat an enger éischter Reaktioun gesot, da kënnen se och den Entra-Paulus direkt ruffen, dann hätt dee kéinten en Devis maachen, wéi een ofrappt, well de Sites et Monuments, mengen ech, huet jo och guer keen neit Element par rapport zum Joer 2003 bruecht an dat ass jo och net iwwerraschend. Mee bon, dat ass eben eisen Haaptpunkt vun der Enthalung, dat war jo haaptsächlech déi Netkonsideratioun vun zwee wichtege Gebaier vun deem alen Industrie-site, nämlech d'Hall Fondouq an d'Acierie.

Et ass mir awer elo opgefall, datt mir nach een Argument hu fir eis bei dem Projet z'enthalen, dat war eis d'lescht Kéier net esou an där Envergure opgefall. Et kann een elo laang diskutéieren, wann een Ekosiidlung oder ekologesch Quartieren am Ausland, haaptsächlech an Dänemark, Holland oder Däitschland vergläicht mat deem doten... bon, da kann een de Begrëff vun Ekoquartier e bësselche relativ gesinn.

Awer wat de Verkéier betrëfft, hunn ech op alle Fall an deenen Ekoquartieren, déi ech besicht hunn an Däitschland, gemierkt, datt do de Verkéier limitéiert ass, den Individualverkéier ass limitéiert op déi Leit déi do wunnen, déi hunn entweder e Poller oder eng extra Kaart an da kënnen se hir Akeef oder wat och ëmmer plënnere an ofliwweren an da ginn si erëm eraus.

Wann ech richtig verstane hunn, maache mir hei an engem Deel vun dem Quartier e Shared Space. Dat heescht, e Shared Space, do ka jiddereen eraufueren och wann e nëmme mat 20 oder 30 fiert, e kann awer do eraufueren a mir fäerten, an dat gesi



mir jo all Dag an der Niddeschgaass, datt mir dann déi selwecht Situatioun wéi an der Niddeschgaass hunn, e Flux vun Autoen, haaptsächlech SUVen, an da klesper Foussgänger rechts a lénks do verschotert laanscht trëppelen.

Dofir hu mir elo en zousätzlecht Argument wou mir soen, dat doten ass awer elo ganz wäit ewech vun engem Ekoquartier an dat bekräftegt eis Enthalung bei dem Projet. Voilà, dat sinn déi Remarquen, déi mir ze maachen haten.

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Merci dem Här Garcia. Nach weider Stellungnamen?

Martine Kohn (LSAP): Bonjour Här Buergermeeschter a léif Kollegen aus dem Gemengerot.

Mir vun der LSAP, mir wollt just nach eng Kéier op dee Punkt agoe vun der Mixitéit vun den Habitatiounen. Mir begrëssen et dofir, datt hei d'Diddelenger Gemeng, eise Schäfferot, ferm bliwwen ass fir och heidrop ze bestoen, datt déi Nohaltegkeet vun deene Wunnmodeller erhale bleift, well eiser Meenung no soll een net déi Feeler nach eng Kéier maachen, déi an der Vergaangenheet gemaach gi sinn an do erëm eng Trennung ervirhiewen oder zouloossen.

Well sou e neie Quartier soll jo e Spigel vun eiser Gesellschaft sinn, also do soll och Jonk an Al a Leit mat héijem Akommes a Leit mat manner héijem Akommes zesummeliewen, niewenteneen. An dat soll sech och an de Baumodeller erëmispigelen an dofir begrëisse mir dat nach eng Kéier, datt dat, vun de Leit déi do setzen an um Räissbriet dee Quartier hei gekuckt hunn an hiren Avis ginn hunn, déi dat net esou gesinn, dat loosse mir dann esou do stoen, mä mir begrëssen awer, datt mir dat zesummen zrëckbehalen hunn an datt mir op déi Mixitéit bestinn. Merci.

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Merci och fir déi dote Stellungnam. Nach weider Stellungnamen? Dat ass net de Fall. Da géif ech de Bléck riichten op d'Cathy Mambourg an de Jean Brodeur fir op déi technesch Detailer anzegoen, dat heescht hei eng Stellungnam ze ginn op déi Froen, déi gestallt goufen. Ech géing dann duerno dat Politescht iwwerhuelen.

Cathy Mambourg: Villäicht zu dem Punkt vun der Mixité urbaine, dat hu mir elo net virgesinn do wou déi Parkhaiser sinn wëll een e kloert Zeeche setzen, datt een do Equipement- a Bâtiment public fir d'Parkinge

gesäit. Dat heescht, et wëll een do keng Commercen oder Logementer erméiglechen, wou eben déi zwou Plaze si fir d'Parkhaiser.

Dann déi Plateforme de concertation, dat ass eng Plattform beim Ministère de l'Intérieur, wou ee während der Ausaarbechtung vun de PApé kann higoen als Gemeng. Dat heescht, dat ass eng Etappe viraus, wou déi PAPen an Ausaarbechtung ginn, an do, a verschiddene Rapporten, ass eben och déi Bebauung ronderëm d'Place Fohrmann iwwerduecht ginn an do-drops hin ass dunn och déi doten Zon ugepasst ginn. Déi Rapporten, déi hu mir, mee dat ass elo näischt onbedéngt wat ëffentlech ass, dat sinn Aarbechtsdokumenter, déi fir déi PApé gëllen. Awer dat sinn och déi nämlechte Leit, déi déi heite PAG-Modifikatioun bewäert hunn, an dofir hunn se gesot, maacht de Lien awer mat deem Rapport.

Dann nach just Hab 1 an Hab 2, dobäi si mer jo bliwwen, an och déi Restauranten a Cafée sinn awer kloer virgesinn op Plaze wou souwiso scho Kräizungsberäicher vu Stroosse sinn an och kommen fir d'Route de Volmerange vis-à-vis ze spigelen. Do huet een och schonns haut Caféen a Restauranten, wat dann och Sënn mécht, déi aner Säit mat enger ähnlecher Funktioun a Struktur virzegesinn.

An och vum Psycholog um Fonds du Logement, dee mat bäigeschalt war, koum eng Ureegung, datt ee soll vereenzelt Caféen oder Restauranten do virgesinn.

An dat mat TU, dat ass scho geännert gi fir deen Tunnel fir d'Fliebermais, dat war eis och opgefall.

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Voilà, Merci fir d'Stellungnam zu deenen technesche Froen, déi hei vun de Conseillere gestallt goufen. Ech iwwerhuelen dann déi méi generell Consideratiounen. Dat meescht ass an eiser Stellungnam, datt mir déi verschidden Zone behalen.

Et ass jo och vum Här Gangler ënnerstrach ginn, dat ass eis e wichtege Aspekt, well grad dat garantéiert eis déi néideg Mixitéit, déi mir hei an deem Projet ustriewen an ech mengen, datt dat och d'Ausriichtung vum Projet ass.

Wann een awer kuckt, grad an der sozialer Mixitéit, an do wëll ech dat opgräifen wat den Här Garcia gesot huet. Wann Dir Referenz maacht op déi auslännesch Ekoquartieren, do ass déi dote Mixitéit – Dir hutt zwar iwwert den Transport geschwat, mee ech schwätzen hei iwwert d'Mixitéit – déi ass do net garantéiert. Well d'Ekoquartieren am Ausland, déi hunn besser en elitäre Charakter.



Et gött jo oft iwwert Däitschland, Freiburg geschwat, dee dote Modell gött jo oft an de Mond geholl wann iwwer Ekoquartiere geschwat gött. Also, mir wesse jo wat fir eng Leit sech do ugesidelt hunn a wéi eng Leit sech net ugesidelt hunn.

Hei zu Diddeleng op alle Fall ass et kloer, dat wat mir hei uviséieren, ass wierklech eng sozial Mixitéit an déi kréie mir hin andeems mir dat deementspriedend och ausweisen.

Dann, par rapport zu der Stellungnam zum Plan sectoriel Logement. Effektiv, dat hat ech virdru vergiess ze soen, deen Ajout, dee mir bäigesat hunn, dee soll komplementar sinn. Ech wëll awer och - fir ganz kloer ze sinn - hei ënnersträichen an eiser Stellungnam - natierlech gött de Plan sectoriel Logement jo eng Rei Virgaben, mee am Kader vun deene Virgaben wëll ech nach eng Kéier ganz kloer ënnersträichen - wat eis Vue ass par rapport zum Projet Neischmelz an dat ass engersäits déi sozial Mixitéit, vun där mir elo hei geschwat hunn, mee och déi funktionell Mixitéit, well mir jo hei e Quartier plangen, sécherlech, wou Wunnunitéiten entstinn, mee et ass net nëmmen eng reng Wunnsiidlung, mee och en neie Quartier, wou och eng ganz Rei aner Aktivitéite kënnen stattfannen. Niewent dem Wunne kann een do och schaffen an och seng Fräizäit gestalten.

Dat heescht, an deem Kontext wëlle mir dat hei nach eng Kéier ganz kloer ënnersträiche fir dat ganz Bild ze kompletéieren.

An dann, wann ech op der Legend kucke wat schwaarz ass, dat ass d'Zone naturelle Haard, ech hoffen, datt d'CSV sech dann do dran erëmfënnt.

Voilà, dëst gesot mierken ech awer, datt generell d'Modification ponctuelle eng breet Zoustëmmung fënnt. Wat kloer ass, dat heiten ass ee vun deene wichtigste Projekte fir d'Stad Diddeleng an deenen nächste Joeren an et ass e Projet, deen eng gewësse Komplexitéit huet. Dat ass richtig.

Ech muss awer de Constat maachen, datt wéi mir déi Enquête publique lancéiert hunn nom Mäerz 2018, nom éischte Vote hei, datt awer vill Leit op der Informatiounsversammlung waren, sou datt och generell ëmmer vill aner Leit op deene Versammlunge waren, wou mir iwwerhaupt nach guer net an der Prozedur waren.

Dat heescht, mir hunn awer do etappeweis ëmmer dee néidegen Informatiounsstand ginn iwwert d'Evolution vum Quartier Schmelz, wat awer - mengen ech - och

dozou bäigedroen huet, datt manner Reklamatiounen oder guer keng Reklamatiounen erakomm sinn. Et kann ee verschidde Lecture maachen.

Ech hunn op alle Fall op der leschter Informatiounsversammlung, déi mir haten, souwuel Leit gesinn aus deenen zwee Quartieren, aus dem Quartier Schmelz an aus dem Quartier Italien, wéi awer och aner interesséiert Diddelenger Bierger aus anere Quartieren. Et ass och dat wat mir viséiert hunn, datt generell d'Diddelenger Populatioun op deene Versammlunge present war an och doduerch hiren Interessi manifestéiert huet. An zum Schluss huet den Här Brodeur jo nach d'Prozedur erkläert wéi et elo weider geet. Dëse Gemengerot gött sécherlech nach eng Kéier befaasst mat de PAPen an dann och mat der Convention d'exécution vun de PAPen.

Dat heescht, hei kommen och nach Prozesser op eis duer wou mir souwisou jo och nach Biergerbedeelegungprozesser weider wäerten ukuerbelen souwéi och dëse Gemengerot - dofir wollt ech awer och hei nach eng Kéier präziséiere par rapport zu der Remarque vum Här Garcia, wat am Fong déi verschidde Gebailechkeeten ugeet - wäert nach eng Kéier saiséiert ginn, wat d'Klassement vun de Gebaier ugeet.

Hei ass jo déi selwecht Prozedur wéi mat all anere Gebaier hei an Diddeleng, dat nach eng Kéier op den Inventaire supplémentaire kënnt. De Gemengerot gött saiséiert mat där Demande a muss sech dozou prononcéieren. Dat eent ass wat hei an der Modification ponctuelle drasteet, dat anert ass nach déi Prozedur déi parallel jo leeft wat de Klassement ugeet. Och dat wäert an deenen nächste Méint nach op eis duerkommen an och de Gemengerot wäert sech dozou kënnen prononcéieren. Voilà, dat nach par Rapport zu méi generelle Remarquen déi ech nach wollt maachen zu der Modification ponctuelle.

Robert Garcia (Déi Gréng): Merci. Ech freeë mech, datt sech den Här Buergermeeschter menger Analyse ralliéiert, dass déi Prozedur ganz gutt war virdrun. Ech wollt awer drop agoen.

Dir ënnerstellt mir e bësselchen, ech géing mech referéieren op Modeller an Däitschland, déi virun 20, 30 Joer waren. Effektiv sinn deemools déi Siidlung bezu gi vu Leit, déi motivéiert waren, dat waren deemools där Gesundheitssandalen, wéi heiansdo an der Ironie gesot gött. An der Tëschenzäit gött et awer iwwerall, zum Beispill zu Grenoble war ech



neilech eng kucken oder och zu Berlin, do gëtt et och sou Ekoquartiere mat enger ganz staarker Mixitéit. Natierlech - do kommen ech dann op eng Remarque wou d'Madame Kohn mech drop bruecht huet - wéi ass déi Mixité sociale hei definéiert?

Well, déi Mixité sociale, wann ech de Projet kucken, dann ergëtt sech aus deene verschiddene Moden, wéi déi Appartementer oder Haiser benotzt ginn, also als Eegentum oder als Lokatioun.

Et steet awer net derbäi, wéi herno déi Mixité sociale ausgesäit. Well wann nämlech d'Loyeren herno vum Fonds du Logement ganz niddereg sinn, dann huet een eng gewësse Kategorie vu Leit, déi sech do usidelt, a wann se héich sinn, dann huet een erëm eng aner Kategorie vu Leit. Dat ergëtt sech wahrscheinlech herno duerch eng Verkaufs- oder Lokatiounspolitik, déi ee muss steieren, fir datt ee verhënnert, datt nëmme Leit vun enger gewëssener sozialer Schicht dra wunnen oder nëmme vun enger anerer.

Dat kann ee nach net dra liese well esou wäit si mir nach net, mee ech wollt awer do virdru warnen, datt ee muss nach eng Kéier dee Projet iwwert déi Joere verfolge, wéi herno d'Usiddlungspolitik vun de Refugié vum Lëtzebuerger Wunnengsmaart dann do wäert ausgesinn.

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Ech mengen, et ass hei an der Modification ponctuelle, do kann een nach net iwwer déi Ausleeung vun der Mixité sociale schwätzen. Mee wat een awer ka soen, ass, fir déi Mixité sociale z'ereeche - an dat ware jo och Diskussiounen déi mir am Fonds du Logement haten, déi mir hunn an déi mir och wäerten an Zukunft weiderféieren. Et ass jo och am März hei driwwer geschwat ginn, et ass an der Ausleeung vum Locatif. Mir hunn hei eben d'Chance, datt de Fonds du Logement Promoteur public éischens mol do ass. An d'Ausleeung, natierlech kann et am Locatif sinn, et kann am Subventionné sinn an et kann och am Non-Subventionné sinn. Dat kann een deementspreechend och steieren, och am Kader vun deene verschiddenen Zonen, déi mir elo hei festhalen, och ausweisen, fir grad dat doten Objektiv ze kréien an ech mengen datt dat och dat ass wat mir am Fong uviséiere fir effektiv déi Mixitéit och ze kréien, datt mir do dann och en Equilibre fannen.

Dat wäert eis op alle Fall och an deenen nächste Joere beschäftegen.

Voilà, dëst gesot, hu mir probéiert op déi verschidde Punkten anzegoen. Da géng ech dem Gemengerot proposéieren, datt mir zum **Vote** géngen iwwergoen. Wien ass hei mat der Modification ponctuelle, sou wéi se hei virläit mat deenen Argumenter déi mir ginn hu fir deenen Avisen deelweis Rechnung ze droen, deelweis manner Rechnung ze droen averstanen? **Dat sinn d'Stëmme vun LSAP, CSV, Déi Lénk an den ADR. Wien ass dergéint? Wien enthält sech? Dat sinn Déi Gréng.**

Merci fir déi large Zoustëmmung zu deem heite Projet a, wéi gesot, de Gemengerot wäert nach weider mat dësem Projet beschäftegt ginn. Da soen ech och hei dem Jean Brodeur Merci fir seng Präsenz. E wäert awer nach bleiwen, well och deen nächste Projet eng Modification ponctuelle vum PAG ass, wou awer den zoustännegen Architekt nach net do ass. Mir haten dee fir 9 Auer bestallt. Fänke mir awer u mat der Modification ponctuelle.

3.2. Punktuell Ännerung vum Gesamtbebauungsplan (PAG) – graphesch a schrëftlechen Deel vum Reklassement vum Site “A Bëlleg” – Befaaß vum Gemengerot

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Dann als Aleedung e puer Remarque mengersäits, éier dann de Jean Brodeur iwwerhëlt. Hei geet et ëm eng Modification ponctuelle och vum Plan d'aménagement général vum PAG vum Projet “A Bëlleg”. Et geet hei also ëm d'Erschließung vun enger Baulücke hei zu Diddeleng, déi sech tëschent der Lëtzebuerger Strooss, tëschent der Bierenger Strooss an der Rue Jean Simon befënnt an am Fong dat ganz Areal, dat hannert der Esso-Station hei zu Diddeleng ass an dat bis d'Schinne vun der CFL higeet, mam Ecran de verdure. Dir gesitt et hei op der Powerpoint-Presentatioun.

Et ass am Fong hei d'Entstoe vun engem neie Wunnquartier, deen uviséiert gëtt hei an Diddeleng fir och d'Offer vun de Wunnengen ze erhéichen an et ass eng Fläche vu 4,60 Ha. De Moment am PAG ass dat dote klasséiert am Différé, dat heescht, et ass ausgewisen als Baulandreserv, also och e kloeren Accent drop, datt dat eng Kéier kann erschloss ginn an dat ass och deen éischte Schratt, dee mir haut hei maache fir am Kader vun dëser Modification ponctuelle dat opzehiewen an och ausweisen an eng Habitation 2 an d'Ausrichtung och am Kader vun dëser Modification ponctuelle - dat konnt ee jo



och am Rapport justificatif liesen – ass engersäits, datt een do ka wunnen, datt awer och eng gewëssen Noversuergung do ass mat Commercen, datt awer och ëffentleche Raum, eng ëffentlech Plaz entsteet, an och eng Mixitéit vun de Funktiounen.

Et ass natierlech och eng Prioritéit virgesinn, par rapport zum ëffentlechen Transport, datt eng Ubannung ass un de Bus an och un den Zuch well mir den Arrêt vun der Gare Biereng do hunn. Also och e Pôle d'échange do entsteet an datt natierlech och eng gewësse Mobilité douce do virgesinn ass, am Quartier selwer, respektiv awer och an der Ubannung mat dem Environnement direkt an der Proximitéit.

Et ass also och ugewisen, engersäits Maison-unifamilialen, Maison-plurifamilialen an och subventionéierte Wunnengsraum. Dat ass dat wat an dëser Modification ponctuelle virgesinn ass.

Op den Detail wäert de Jean Brodeur nach agoen.

Hei geet et wéi gesot da virun Allem drëm, e neie Quartier Entstoen ze loossen a natierlech och fir der Offer vun de Wunnengen hei zu Diddeleng no kënnen ze goen. Voilà, dëst gesot als Aleedung an ech ginn dem Jean Brodeur d'Wuert fir iwwert d'Modification ponctuelle ze féieren an op e puer Punkten anzegoen.

Jean Brodeur (Bureau d'études Zeyen & Baumann):

Concernant cette modification ponctuelle, pour rappeler ce que le bourgmestre a dit, aujourd'hui c'est les terrains ici qui sont concernés par le trait rouge. Donc, la majeure partie c'est une zone ZAD, donc une réserve.

Il y avait une zone non aedificandi ici le long de la voie ferrée. Il y avait ici une zone en PAP nouveau quartier, qui était en moyenne densité. Là, il y avait une petite erreur, c'était une erreur matérielle. Il y avait la station-service qui était introduite à l'intérieur de la zone PAP nouveau quartier. Donc là, dans la modification, on a sorti la station-service de la zone PAP nouveau quartier et on l'a maintenue quand-même dans la modification et on a légèrement agrandi ici les terrains à l'arrière qui étaient en Hab 2. On les a mis dans le PAP pour permettre une utilisation plus rationnelle de ces terrains-là.

La même chose ici, c'était légèrement plus large, on l'a légèrement réduit.

Juste un petit rappel, la superficie de la modification, c'est 4,6 Ha, le dossier modifié vise à reclasser les terrains aujourd'hui, donc ça c'est ce qu'on a dit. On passe d'une zone majoritairement différée à une zone

principalement Hab 2 et par-dessus, on va faire une superposition de la zone PAP nouveau quartier et de la servitude urbanisation zone tampon qui remplace en partie la zone non aedificandi. Donc, maintenant on vient avec une zone PAP nouveau quartier Hab 2, qui est toute la zone hachurée ici.

On a sorti ici la station-service de la zone PAP nouveau quartier et on a mis une servitude d'urbanisation, zone tampon, le long ici. Donc les coefficients de développement, ce qu'on appelle ici le COS, et l'implantation au sol sur les terrains donc, tous ces coefficients-là ont été définis sur la base d'un projet qui est assez abouti du PAP. On a pris les valeurs qui ont été définies là, on a discuté un peu et on en est venu avec les valeurs qui sont ici. Donc, le coefficient d'occupation de sol, qui est de point 35, un CUS, les coefficients d'utilisation du sol, donc les mètres carrés qui sont développables, de point 65. Le CSS qui est le point 7, donc ça c'est le taux de scellement sur le sol et les parcelles privées qui est de 0,7, une densité à l'hectare qui est de 40 logements à l'hectare, ce qui revient environ à 180 logements sur ce terrain-là.

Pour ce qui est de la partie écrite, c'est la même chose qu'on a vue dans la partie Neischmelz, on a défini la surface où cette modification-là s'appliquait. Ici, il y a les mêmes articles qu'on a retirés de cette surface-là du PAP en vigueur.

Maintenant, il y a certains articles qui ont été modifiés, mais pas complètement supprimés, donc si on parle de l'article 1.2 les fonds constructibles, là on a supprimé « seuls peuvent recevoir des constructions les fonds ayant un accès direct à la voirie », parce que c'est possible qu'il y ait des bâtiments qui soient implantés sur une même parcelle mais en deuxième position. Donc là pour une sécurité juridique, on a décidé d'enlever cette ligne-là. Les autres choses, ça reste. Et c'est la même chose ici.

Donc une seule construction servant de séjour de personnes ou à une destination assimilée, est autorisée par fond constructible.

Donc, c'est ce que je viens de dire, il y a la possibilité qu'il y ait des fois peut être deux bâtiments sur une parcelle.

Un autre point concerne les garages, les carports et les emplacements de stationnement. Donc, là on a biffé ce qu'il y avait par rapport à la zone centrale,



la construction de garages, en dehors de la construction principale, est admise dans un des reculs latéraux, parce que sur un tronçon où ça va aller en direction de la halle, il va peut-être y avoir des stationnements en façade.

Un autre point, bon pour l'aménagement des garages et emplacements en sous-sol, la profondeur du sous-sol pourra être rallongée. Donc, ça ce n'est pas nécessaire, c'est le PAP qui va le définir. Et au-delà de la façade postérieure, les places de stationnement à l'extérieur sont interdites. Donc ça c'était une volonté qu'il n'y ait pas de stationnement à l'arrière sur les parcelles. La zone d'habitation 2 est principalement destinée au logement des collectifs, donc des résidences, des maisons plurifamiliales.

Y sont également admis des appartements meublés en location à court terme. Donc il y aura peut-être un bâtiment qui va être prévu pour faire du logement temporaire pour les gens qui travaillent au laboratoire de santé.

Y est également autorisé des professions libérales, des activités de commerce et de service de proximité, des activités artisanales, des restaurants et des débits de boissons, des activités culturelles et de loisir sur une surface de 200m² au maximum. Donc toutes les activités qu'on vient de définir autres que l'habitation, ça se passe sur une surface de 200m² au maximum.

Y est également autorisé un logement intégré par maison familiale.

L'implantation de stations-services est interdite.

De manière générale, y sont interdites les constructions, les établissements qui par leur nature et leur importance seraient incompatibles avec la sécurité, la salubrité, la commodité et la tranquillité d'un quartier d'habitation.

Et pour tout plan d'aménagement particulier - donc là on est dans le plan d'aménagement particulier « nouveau quartier » en zone d'habitation 2 - au moins 50% des logements sont de type collectif, donc ça veut dire qu'il faut y avoir au moins la moitié des logements qui sont des résidences. Et la surface construite brute dédiée à des fins de logement est au minimum de 80%. Donc ça c'est les prescriptions qui concernent les zones d'habitation 2.

La zone « plan d'aménagement nouveau quartier », donc là c'est simplement pour expliquer ce que c'est et pour définir le degré d'utilisation du sol soumis à un plan d'aménagement particulier « nouveau quar-

tier » exprimé par des coefficients d'utilisation du sol, donc le CUS, le COS, le CSS et la densité, c'est ce qu'on a vu sur le plan tout à l'heure.

L'autre servitude, donc c'est une servitude d'urbanisation qui est la zone tampon. C'est une description générale, donc ça ce n'est pas nécessairement important de le voir.

La définition de la zone d'urbanisation « zone tampon » vise à réserver les surfaces nécessaires pour garantir une transition entre une infrastructure ferroviaire et une affectation de séjour prolongé des personnes. Cette zone vise aussi à préserver les éléments naturels. Donc, comme on a vu sur la carte aérienne, il y avait certaines végétations à développer ou à maintenir en mariage écologique et à garantir des aménagements paysagers.

Donc, en gros, c'est pour faire une bande verte le long de la voie ferrée pour faire tampon, que ce soit le bruit ou pour les poussières entre la zone d'habitation et le chemin de fer. Y sont également admis les constructions et équipements pour les besoins propres des chemins de fer, donc si les chemins de fer ont besoin de faire un transformateur ou mettre des caténaires ou je ne sais pas quoi, on peut toujours faire ça ou prolonger les quais.

C'est possible de le faire dans la zone tampon des aménagements et constructions d'intérêt général ou d'utilité public, des chemins destinés à la mobilité douce, donc il y aurait un chemin piéton et des infrastructures techniques pour la gestion des eaux superficielles à condition que leur implantation se limite au stricte minimum et qu'un soin particulier soit apporté à leur intégration dans le site.

Donc, la volonté c'est quand-même de faire un espace à caractère naturel, mais qu'on peut également faire des choses pour des besoins d'intérêt public. Le plan d'aménagement particulier « nouveau quartier » doit identifier les éléments naturels à préserver et être indiqué dans la partie graphique du PAP NQ.

Si on regarde le schéma directeur, donc pour chaque PAP « nouveau quartier », on doit faire un schéma directeur qui explique un peu les grandes lignes à respecter que le PAP par la suite doit intégrer dans son projet PAP « nouveau quartier ». Donc, là c'est comme on a vu tout à l'heure, ici c'est la route de Luxembourg, la rue Jean Simon, la rue de Burange et le chemin de fer. Donc, la partie ici près de la station-service, il y aurait une liaison, une voirie qui permettrait de relier la halte de train ici. Il y aurait un accès qui se fait par la



rue de Burange, une sortie par la route de Luxembourg et à l'intérieur il y aurait un réseau dédié soit de zone franche ou de zone résidentielle qui sera ménagé pour desservir chacune des parcelles.

Ponctuellement, il y aurait des placettes qui permettent un peu de structurer l'espace public et de faire des lieux conviviaux. Il y aurait une liaison piétonne, elle peut être déplacée à gauche à droite, cela peut être ici aussi, mais ce qui est important, c'est d'indiquer qu'il y ait une liaison piétonne qui doit quand même se diriger vers la zone de verdure. Il y a une grande liaison piétonne ici tout le long qui permet aux gens du quartier ici d'accéder à la halte. La même chose, les gens d'ici peuvent accéder ici à partout dans le quartier. Cette liaison piétonne est à faire. Et là, c'est une proposition de gestion de l'eau qui en principe doit se faire là, mais ça c'est des discussions qui ont lieu avec la gestion de l'eau et c'est à définir plus tard.

L'autre point, il y aura une centralité, donc s'il y a des commerces et des affectations autres que l'habitation, ce serait préférable de les faire autour de la place ici à proximité de la halte de train. Ça ne sert à rien de mettre une boulangerie ici, il n'y aura pas d'achats. Il faut préconiser ces autres affectations là près de la place et le carré ici est réservé pour une mixité donc de l'habitation, qui sont les traits orange et les traits rouges sont les affectations autres.

Donc, ce serait préférable de concentrer toutes ces activités-là ici, si éventuellement s'il y en a. Donc la différence des traits orange ici qui sont légèrement plus larges par rapport aux traits ici qui sont plus fins, donc ça ici, c'est plutôt faible densité. Donc, les maisons unifamiliales devraient se concentrer ici, alors que les plurifamiliales devraient se concentrer plutôt ici, près de la gare et près de la halte. Ce sont les grandes lignes pour le schéma directeur.

Donc, un peu les objectifs du point de vue urbaniste, c'est de développer un nouveau quartier à l'intérieur du tissu bâti existant. C'est vraiment un lieu central, c'est près de la halte des trains, il y a des services à proximité, des écoles sont proches et tout. Ce serait donc un endroit idéal pour développer cela.

Développer un projet d'habitation qui propose des types d'habitation moins consommateurs de terrains, donc légèrement plus denses et des logements, des appartements, une mixité. Une implantation optimale, donc on va essayer de favoriser l'implantation vers le sud et vers l'ouest.

Il y aura des espaces libres, c'est important pour la vie du quartier que ce soient des espaces libres bien aménagés et conviviaux. Cela va permettre de renforcer l'offre en habitation au niveau communal, donc on est à peu près à 180 logements.

Proposer une densité d'habitation en phase avec la localisation du site, transports en commun, capacité des infrastructures techniques.

Donc, comme on a dit, c'est un quartier qui est adjacent à une halte, donc c'est important d'avoir une certaine densité pour quand même respecter une qualité du bâti mais d'avoir une certaine densité.

Développer des habitations à coût modéré ou à caractère social, aménager des espaces libres de qualité qui favorisent une vie de quartier, des places, placettes, espaces verts, aires de jeux, espaces libres, garantir les interfaces avec le tissu bâti existant, donc les quartiers qui sont développés autour, c'est de garantir qu'il y ait un peu les mêmes types de constructions qui sont adjacents et favoriser une utilisation active et passive des énergies renouvelables.

Donc, là c'est les objectifs d'un point de vue urbaniste. Pour ce qui est de la mobilité, c'est de proposer une nouvelle approche du déplacement qui favorise les transports collectifs et la mobilité active. Comme on a dit, c'est proche d'une gare, il y a des haltes, des arrêts d'autobus aussi qui desservent le site et il y a une liaison piétonne qui ceinture tout le projet.

Proposer une desserte interne en phase avec la fonction du nouveau quartier. Comme c'est un quartier qui est majoritairement habitation, ce serait bien de prévoir majoritairement des zones de rencontre ou des zones résidentielles qu'on appelle pour un peu avoir un espace plus convivial.

Créer des liaisons pour la mobilité active intra et inter quartier. Donc, ça c'est le réseau piéton qu'on a dit tout à l'heure. Vers les réseaux de transport public et services de proximité pour accéder l'école et vers les zones récréatives.

Connecter le nouveau quartier aux quartiers existants. Donc ça c'est les deux propositions qu'on a vues.

Réduire l'offre de stationnement public et privé. Donc, comme c'est un site qui est vraiment à proximité de la halte, ce serait bien peut-être d'avoir une nouvelle approche au niveau du stationnement, mais ça on va peut-être voir au niveau du PAP, il faudrait en discuter.



Les biotopes et habitats, préserver le plus possible les biotopes protégés existants et les intégrer au concept urbanistique. Donc ça c'était les végétations qu'on a vues sur la photo aérienne. Et maintenir la continuité de la fonction écologique par des mesures spécifiques. Ce serait de mettre une grande bande verte le long des chemins de fer pour avoir une continuité écologique.

Donc là pour ce qui est des échéances, donc là on est à l'étape ici, donc aujourd'hui ce serait la saisine. La prochaine étape c'est que le projet va aller à la cellule, à la commission d'aménagement pour avoir un avis et il va y avoir une enquête publique, je crois qui est décidée pour le 3 décembre, et une présentation publique. Dans la suite, il va y avoir trois mois plus tard, donc ça c'est une période qui dure quatre mois au maximum, après ça il y a la période du vote.

Ce qu'on a fait tout à l'heure pour NeiSchmelz, ça dure trois mois, et après c'est la même procédure qu'on a discutée tout à l'heure, donc les quinze jours de présentation publique, les réclamations auprès du ministre et l'approbation du ministre. Donc là aujourd'hui on est à l'étape ici.

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Merci dem Jean Brodeur. Hei war d'Zil, lech e bësselche méi am Detail ze erklären, wat déi Modification ponctuelle a sech huet an ech géing elo d'Wuert weider ginn un de Luc Wagner, dat ass den Architekter vu WW+, deen un deem dote Projet schafft an deen eis e puer Slides an e puer Skizze weist.

Ech wëll hei präziséieren, datt mir hei um Niveau vun enger Modification ponctuelle vum PAG sinn. Déi puer Skizze ginn herno weider ausgeschafft a Richtung PAP. Dat heescht, mir wollten hei am Fong lech en Abléck ginn, oder datt dir ee Mol e bësselchen e Feeling kritt fir déi Richtung an déi et ka goen, mee mir fannen eis hei éischter schonn um PAP-Niveau wéi op PAG-Niveau. Deen Niveau wëll ech hei awer nach eng Kéier kloer präziséieren an de Gemengerot soll haut iwwert de PAG ofstëmmen.

Luc Wagner (Architekter vu WW+): Villmools Merci Här Buergermeeschter. Mäin Numm ass Luc Wagner vum Bureau WW+, Bonjour alleguer. Ech presentéieren lech dann eis éischt Iddien, well uschléissend no der Modifikatioun PAG muss jo och e PAP ganz kloer kommen. Do hu mir e ganze Koup Saachen déi och den Här Brodeur scho ganz ausféierlech hei

virgestallt huet, déi mir an deem Kader vum PAP wäerte präziséieren an do lech och da spéitstens bei der Presentatioun hei am Gemengerot déi néideg Informatiounen liwweren.

Et ass esou, datt mir awer am Virfeld och selbstverständlech enk zesumme geschafft hunn an do-fir gesäit een, datt och déi éischt Skizze mat dem Schéma directeur méi oder wéineger iwwertenee stëmmen.

Ech wollt just nach kuerz soen, mir sinn eigentlech dräi Bureauen, déi op dem Projet hei schaffen, dat ass de Bureau Schroeder fir d'Infrastrukturen wat de PAP elo betrëfft, de Bureau Areal als Landschaftsarchitekten. Mir hu Landschaftsarchitekten mat derbäi geholl well et eis extrem wichteg ass, datt den effentleche Raum herno och wierklech attraktiv ausgesäit an datt déi gréng Vernetzungen do sinn an och de Quartier esou e Charakter kritt wéi mir eis dat wënschen. A mir als WW+ hunn eis och deement-sprechend fir eng Qualitéit opgestallt.

Voilà, et deet mir Leed, mir hu elo de Projet einfach gedréint, den Norden ass elo hei op dëser Säit. Virdu stoung en uewen, et geet einfach besser op d'Blat esou. Also, hei gesäit een och elo nach eng Kéier dat Schema directeur, wat den Här Brodeur elo scho ganz ausféierlech erkläert huet an ënnendrenner gesäit ee ganz liicht och déi éischt Skizzen, déi mir zum Projet gemaacht hunn.

Bon, et si net déi alleréischte, och do ass eng Evolutioun dran, ganz kloer, mee dat wat elo do virläit, dat entsprécht op alle Fall dem Schema directeur.

Déi wichteg Elementer nach eng Kéier ganz kuerz vu menger Säit aus. Den Här Brodeur huet se ganz kloer nach eng Kéier duergestallt, dat ass uewen déi Zone tampon zu der Eisebunn. Dann, fir eis ganz wichteg, och am Arrêt eng Zentralitéit mat enger gewëssen Densitéit wou och vun de Funktiounen hier méi Mixitéit kënnt.

Dann, schonn e manner dichte Beräich, mee trotzdem mat Logement collectif nach hei an dësem Beräich an dann hannen am Uschloss vun deenen anere Quartieren dann éischter déi Eefamilljenhaiser an de Logements collectifs, dann éischter méi am Norden hei ugesidelt wou mir och vum Quartier hier haut am Bestand scho méi grouss Gebaier an deement-sprechend méi eng grouss Densitéit hunn.

Elo gesäit een hei scho besser, wéi déi Skizz ënnendrenner hei kann ausgesinn a mir maachen awer hei de Fokus op de Réseau vun de Stroossen.



Och do nach eng Kéier ganz wichteg fir ze soen, déi Achsen, déi entspriechen och elowierklech dem Schema directeur wéi dir et virdu gesinn hutt. Déi gro Stroossen, dat ass éischter Zone 30 an déi gielbrongelzeg-beige Beräicher dat ass Zone résidentielle oder Zone de rencontre mat 20, wou mir eng Art Shared Space maache fir wierklech och an deene Quartieren de Foussgänger an der Mobilité douce de Virrang ze ginn a wierklech agreabel Beräicher ze kréien, wierklech 30 oder 20 an där Zone.

Et ass esou, datt een op dëser Säit kann eran an eraus fueren. Op dëser Säit kann ee just eraus fueren an hei kann ee just eraus fueren. Domat hu mir an der Route de Luxembourg de Lénksoufberäicher an deem Sënn den Trafik oder och den Trafik wann een d'Route de Luxembourg wéilt vermeiden, deementspriechend vermieden a mir hu keng direkt Verbindung gemaach an d'Route de Burange, sou datt een do iwwert dee berouegte Beräich letztendlech nach eng Kéier muss erausfueren.

Voilà, an deem Ganzen ass wierklech den ëffentleche Raum en zentraalt Element, dofir och d'Mobilité douce, déi einfach eng grouss Roll spillt. Hei ass en elo net mee en ass ugedeit, dee Wee eben duerch d'Gréngzon. Op déi Gréngzone komme mir och nach. Da gesäit een hei am Beräich vun der Zone 30 déi Trottoirsberäicher och fir de Vëlo an dann déi grouss Zone de rencontre am Shared Space Beräich hei wierklech an dem Îlot, deen hei dran ass, dee mir hei mat enger Duerchstréchstrooss an hei mat enger klenger Sakgaass maache fir d'Eefamiljenhaiser.

An da virun Allem déi Haaptachs hei, wou mir wëlle virun Allem den Arrêt en évidence setzen. Mir hunn och do mam Ministère de l'Intérieur scho geschwat, dat ass e ganz kloere Wonsch fir den ëffentlechen Transport bei deem ganze Projet an évidence ze setzen an dat maache mir andeems mir hei eng breet, convivial Shared Space schafen, wat och Erschléissungsstrooss mee bal och scho Plazcharakter huet, mat enger klenger Plaz hei virun deem Arrêt, fir deem fir de ganze Quartier, net nëmmen deem Quartier mee och de Quartieren déi ronderëm leien, déi néideg Importenz an der Zukunft ze ginn an den Arrêt deementspriechend opzewäerten. Och déi lwwerleeung fir d'Bushaltestell an dëse Beräich ze leeën, datt deen och an dem direkte Lien ass herno mam ëffentlechen Transport.

Also den ëffentlechen Transport steet am Zentrum vun deem Projet a vum Amenagement insgesamt a selbstverständlech och d'Mobilité douce.

Och déi Gréngzonen a gréng Vernetzung, déi den Här Brodeur ugeschwat huet ass eis och selbstverständlech ganz wichteg. Mir hunn déi Zone tampon, déi haut och scho gréng ass, déi am Prinzip am PAG ganz schmuel leeft, déi wëlle mir hei hannen deementspriechend am Projet och berücksichtigen, datt déi méi breet ass wou mir och d'Spillplaz kënnen ënnerbréngen.

Och do ass den Déifpunkt esou, datt mir kënnen d'Retentioun an dem Beräich kënnen ënnerbréngen, dat sinn zwou Saachen, déi sech an dee Gréngberäich an déi Haaptgréngzon gutt integréieren, mee selbstverständlech sinn déi Quartieren och mat semi-publice Bannenhäff ausgestallt. Also och d'Leit, déi kënnen duerch déi semi-public Beräicher, déi staark begrängt sinn a Bannenhaffcharakter hunn, duerchgoe fir an deen normale Stroosseraum erëm letztendlech erauszekommen. Och an deem Beräich ass semi-public an hei ass och semi-public sou datt een hei iwwerall gutt duerch de Quartier als Foussgänger kann doduerch zirkuléieren.

Déi Barrière vun der Bunn, déi bleift natierlech an dem dote Beräich.

Dann, deen ëffentleche Raum, fir op déi Zentralitéit nach eng Kéier rëmzekommen, och do e Stosseraum am Detail e bëssen ausgeschafft schonn an e erausgesicht an d'Gebai Nord-Süd, also éischter Ost-West ausgeriicht fir datt mir vun der Moies- and er Owessonn kënnen profitéieren, also d'Fassaden no Osten a no Westen ausgeriicht an awer trotzdem och an deem Raum sou Nische geschafen, datt dat e strukturéierte Raum ass, dee méi cosy Beräicher letztendlech ubitt.

Wann een och do e bësse Commerce ubitt - mir sinn do an enger Zone mixte, dat hutt Dir am Schema gesinn - dann entstinn do och interessant Réckzugsberäicher sou datt dat net mat enger grousser linearer a riichter Fassad letztendlech ofgeschloss gëtt, mee datt dee Raum doduercher méi attraktiv gëtt an och hei uewen op déi méi kleng zentral Plaz beim Arrêt, e bësse méi e grousst Gebai dohinner gesat, wat een och hei an der Flucht erausrücht, fir datt een och e Bléckfang do huet, respektiv hu mir och schonn Diskussiounen mat der CFL gefouert fir och deen Arrêt deementspriechend an évidence ze setzen, datt een e vir vun der Lëtzebuerger Strooss aus gesäit.

Dann de leschte Slide, do geet et einfach nëmmen ëm Funktiounen.



Also, mir hunn an dësen zwee Beräicher wierklech Wunnen ugesidelt, woubäi dat Gréngt dann éischter Eefamilljenhaiser, fräistoend Haiser sou wäit wéi mir déi konnten ennerbénge. Och hei zum Gréng-zuch attraktiv Wunnsituatiounen, hei steet nach e kleng Collectif dodran. Dann hu mir hei déi méi kleng Kollektiffer, déi éischter an der Mëtt sech usidelen. Et gesäit ee kloer e Gefälle vu Norden no Süden wat d'Densitéit ugeet, sou datt och d'Südsonn déi heite Gebaier, déi iewescht Geschosser, also datt ee keng Verschattung kritt vun deene méi kleng Gebaier op déi méi grouss.

An dann ass hei haaptsächlech dee Beräich, dee mir gesinn als Zone mixte, wou ee wierklech och soll attraktiv gestalte mat kleng Commercen, Caféen a sou weider fir d'Leit eben an deem Beräich vum éffentlechen Transport erëmzezeien an och erëm e klengen Zentrum hei an dem Quartier kënnen unzebidden, deen awer och ausstralt op déi Quartieren ronderëm.

Voilà, dat wiere meng Virinformatiounen vum PAP. Do stécht nach e ganze Koup Aarbecht dran. Et ass ebe just fir ze weisen, datt mir eis wierklech an dem Schema directeur do bewegen, deen och elo am Kader vun der MOPO hei zur Debatte steet. Ech soen lech villmools Merci.

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Voilà, ech soen och dem Luc Wagner Merci fir d'Presentatioun. Ech mengen, dat war effektiv gutt fir lech och dann en Abléck ze ginn a fir och dann de Feeling, wéi gesot, ze kréien, wéi de Projet sech herno kann och am Kader vum PAP weider deklinéieren wa mir e weiderdreiwen.

Diskussiounen si elo op, d'Presentatiounen goufe gemaacht mat deene néidegen Erklärungen ronderëm d'Modification ponctuelle an elo kënnen déi verschidde Gemengerotsmemberen dozou Stellung huelen.

Claude Martini (CSV): Merci fir d'Wuert, Merci fir déi flott Presentatioun vun engem schéine Projet. Et ass e grouss Besoin fir Wunnraum zu Diddeleng, dat wësse mir alleguerten.

Den eenzege Problem, deen optrëtt, dat ass de Verkéier nees an do froe mir eis ob et net couragéis gewiescht wier fir als éischt am Land eng Kéier en autofräie Quartier ze bauen? Ob déi Iddien do waren, ob dozou lwwerleeunge waren?

Do virdrun ass vun Ökoquartier geschwat ginn, bon ech weess net ob dat dat selwecht elo ass. An der

Schwäiz, Däitschland, Éisträich ginn et esou Quartieren, wou einfach keen Auto fiert a wou een alles mam éffentlechen Transport maache kann. Awer och eventuell de Carsharing mat dodran z'intégréieren. Dat wier villäicht eng Approche wou vill Leit géingen appreciéieren. Et ass mat Sécherheet da kee Quartier fir jiddereen, mee et war awer eng ganz Partie Leit do, déi net onbedéngt en Auto brauchen, déi kënnen mam Bus a mam Zuch fueren oder spéiderhi villäicht eng Kéier mam Tram. Dat wier villäicht eng lwwerleeung Wäert fir nach eng Kéier driwwer ze diskutéieren.

An dann aner Froen, déi mir eis elo während der Presentatioun gestallt haten, dat war déi ob d'Ribeschnonter Schoul eigentlech herno duergeet mat all deene Leit, déi herno wäerten dohinner wunne kommen.

An deen Deel, wou Dir als Shared Space ageplangt hutt, ob do Parkplazen iergendwou hikommen wa mir dann awer de Quartier net autofräi bauen? Dat ass och elo eventuell mat lech ze gesinn.

An et ass elo deen éischte Projet an deem dote Stil, deen ech elo vu ganz vir matmaachen, dofir weess ech elo net, wie baut dee Projet? A wéi gëtt herno decidéiert wien e baut? Ass dat de Fonds de Logement? Sinn dat Privatpromoteuren? Wéi geet dat?

Dat weess ech perséinlech net an dat géing mech interesséieren. Kënnt och nach soziale Wunnengsbau doranner? Dat war eng zweet Fro, déi mir mat der Madame Andrich hei gestallt haten.

Voilà, mir stëmmen dee Projet awer mat Sécherheet mat well e ganz flott ass. Mir wollten awer just déi Iddi vum Verkéier mat op de Wee ginn. Merci.

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Merci dem Här Martini fir seng Stellungnam. Sinn nach weider Stellungnamen?

Romaine Goergen (Déi Gréng): Merci. Den Här Martini huet schonn e ganze Koup Saache gesot déi eis natierlech och um Häerz leien. Ech kommen awer zu mengem Text hei.

Also, ech huelen dann am Numm vun deene Grénge Stellung zu der punktueller Ofännerung vum PAG op dësem Gebitt, wat also tëschent der Lëtzebuerger Strooss an der Eisebunnslinn beim Bierenger Halt läit. Et handelt sech dobäi ëm e Gebitt vun ongeféier 4,6 Hektar, dat wuel ee vun deene leschte gréissere bebaubare Siten ass, déi sech innerhalb vum geschlos-



sene Stadgebitt befannen. Méi einfach gesot: et ass nach eng grouss Baulück do. Et war eng Zone d'aménagement difféé habitation, déi virgesi war iergendwann an e Wunnegebitt ëmzewandelen wann de Bedarf dann do wier.

An Zäiten, wou bezuelbare Wunne Raum vill gefrot ass, war et net verwonnerlech, dat geschwënn eng Kéier op dës Fläche géng zrëckgegraff ginn. Dës Ëmklasséierung mécht dann de Wee op fir eng Rei Prozeduren, déi zu engem neie Quartier kënnen féieren. Wat verschwënnt elo op där Plaz?

Et ass haaptsächlech Ackerland a wann een der Ëmweltverträglechkeetsprüfung ka gleewen, geet kee wertvolle Liewensraum fir Déieren do verluer.

Wann et schuet ass, datt dës Ackerfläche verschwënnt, da muss een awer ofweien, datt heihinner Haiserbauen wahrscheinlech méi e klengen lwwel ass wéi ausserhalb vun der geschlossener Stadfläch, wou vläit méi interessant Flächen a punkto Naturschutz missten dru gleewen. An dem Sënn kënnen mir näischt géint déi Ëmklasséierung virbréngen.

Déi nächst Fro, déi sech stellt ass ob Wunnegebitt op der Plaz gönschteg ass. Mir kréien an der Justification des modifications eng ganz Rei Argumenter geliwwert firwat dës Plaz gutt ass fir Wunne Raum ze schafen. Och deenen Argumenter kënnen mir eis net verschléissen.

Dës Plaz ass ganz gutt ugebonnen un eng Zuchslinn an u Stroossen. D'Bierenger Gare ass net wäit ewech a wann nach fir Foussgängerweeër innerhalb der Fläch gesuergt gëtt, kënnen zukünfteg Awunner ouni Problem op eng no Gare kommen. Et ass dann awer ze hoffen, datt bis dohinner den zukünftegen Awunner och en zouverlässege Bunnservice ugebuede kritt an datt déi zukünfteg Awunner sech dann och dorobber wëllen aloossen.

Wann dat nämlech net de Fall ass, an déi Leit decidéieren, mam Auto an d'Stad ze fueren, well si weder eng Aarbechtsplaz um Site selwer fannen nach am Statslabo oder niewendrun, dann hu mir nach méi Trafik op der Lëtzebuerger Strooss an an den Zoubréngerstroossen.

Wann och nëmmen een Auto pro Logement bäikënn - a wann ech richteg verstanen hunn, kënnen bis zu 180 Logementer virgesi sinn - da gëtt dat schonn en zolitte Problem.

Mee mir gi jo vun enger Verbesserung vum öffentlichen Transport aus a mir hoffe jo och, datt Aarbechtsplazen an deem Quartier an an der Noperschaft entstinn. Et soll jo och dofir gesuergt ginn,

datt duerch wéineg Parkplazen d'Leit zum Ëmdenken animéiert ginn. Bei der Ofännerung vum PAG geet et jo nach net drëm, e fäerdege Quartier virzestellen mee just d'Méiglechkeeten dofir opzemaachen.

Et sinn awer hei schonn Objektiv definéiert an e Genre Leitlinn virgesi ginn. Et war och flott elo eng Erklärung ze kréien wat eventuell als PAP kann nokommen a wéi e Quartier da kann ausgesinn, mee ech wäert awer elo net dorobber schonn agoen. Mat den urbanistesche Leitlinne kënnen mir nämlech liewen, mat enger Mixitéit vun Eefamiljenhaiser a Méifamiljenhaiser, enger Mixitéit och vu Funktiounen, zumindest wéi se um Pabeier bestinn, wou een op kleng Commercen a Büroe kéint hoffen. Doduerch kréiche mir da méi en animéierte Quartier an zu dem dann och zukünfteg Plazen a kollektiv Fräiraum kéinte bäidroen.

Bis elo sinn esou Plazen ugedeit, et wier awer schéin, wa mir bei dësem Fräiraum a -plazen eis u flotte Beispiller aus dem Ausland kéinten inspiréieren.

Ech muss och d'Ausland zitéieren. Ech hat d'Geleeënheet, zu Tübingen sou Gemeinschaftsplazen oder semi-public Plaze kennenzeléieren an ze gesinn. Do sinn och net einfach e puer Bänken an e puer Beem an Hecken, mee do si Spillweise virgesinn, e bësselche méi zougewuesse Plaze mat Beem, mat Hecken an och mat wëll Planzen, hei zu Lëtzebuerg Onkraut genannt.

Ech muss soen, dat war wierklech och ganz flott an et kéint ee jo och da Gemeinschaftsgäert do oudenke mat Uebstbeem an da kéim och automatesch méi Liewen an dee Quartier.

An deem Sënn wier et och noutwenneg, den Trafik bannent der Fläche op e Minimum ze reduzéieren. Ech kann dem Här Martini nëmme Recht ginn, d'Autoe méiglechst erauszeloossen, well déi Leit, déi do wunne kommen, déi gi scho genuch gebeutelt vun deem wat se vu Kaméidi vun der Lëtzebuerger Strooss do zougemutt kréien an dann, den Zuch mécht jo och Kaméidi.

An deem Sënn ass ze begréissen, datt eng Pufferzon vun Hecken zur Zugslinn bestoe bleift an déi puer Dännebeem eventuell duerch einheimesch Hëlzer ersat solle ginn.

Mee wéi gesot, ech mengen datt de Problem vum Kaméidi awer éischter vun der Lëtzebuerger Strooss géng kommen.

A mir géingen dann och ganz gär gesinn, wann déi bestehend Tankstell, déi mir jo kaum vun do fortkréien, duerch eng Pufferzone vun den zukünftegen Haiser géif getrennt ginn.



Et soll een elo maache wat machbar ass an esou gutt wéi méiglech de Schued vun där Tankstell begrenzen. Bon, dat wieren eis puer Remarquen a mir géifen där Ofännerung awer zoustëmmen. Merci.

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Merci der Madame Goergen och fir d'Zoustëmmung déi mir och eraushéieren hunn.

Ech wëll awer och hei nach eng Kéier präziséieren, ech hu geduecht, ech hätt am Ufank gesot, mee da war et villäicht éischer en Oubli vu menger Säit aus. Propriétaire vun deem ganzen Areal ass Wiesen-Piront. Voilà, dat nach eng Kéier well den Här Martini dat gefrot hat. Dofir hat ech dat villäicht virdru vergiess ze soen. Ech hu geduecht, ech hätt et gesot, mee da wësst Dir och Bescheid. Voilà, weider Stellungnamen?

Romain Zuang (LSAP): Merci Här Buergermeeschter. Eis Fraktioun begréisst natierlech och dës punktuell Modifikatioun vum PAG wat de Reklassement vum Site "A Bëlleg" ubelaangt, deen aus der Zone d'Aménagement différencié erausgeholl gëtt an an eng Zone Hab 2 ëmgewandelt gëtt.

An nees gëtt eng Baulück erschloss, dës Kéier eng gréisser, vu 4,6 Hektar hu mir héieren tëschent der Rue Simon an der Birenger Strooss, vun der Lëtzebuerger Strooss geet et bis zur Eisebunn.

Ech wollt am Fong just nach eng Kéier op déi positiv Elementer vun deem zukünftege PAP agoen.

Mir hunn héieren, datt ëm déi 180 Wunnengen sollen an engem flotte Mix entsoen. Dovunner sinn 18% Eenzelhaiser, am héchsten ass verlaangt Jumeléeën a Reienhaiser fir sou de Problem vum Verbëtze vum Terrain entgéint ze kommen.

Déi rechtlech 82% Wunnengen ginn därer vum Type collectif. E gudd Vélér gi Wunnengen à coût modéré a Sozialwunnengen, wou mir wahrscheinlech als Gemeng wéi an der Vergaangenheet sécherlech déi eng oder déi aner Wunneng wäerte kafen.

Interessant ass och d'Iddi vun enger gréisserer Residenz mat ëm déi 18 Wunneeneheete fir kuerzzäiteg Locatiounen u Fuerscher vum Laboratoire national. Ech fannen, dat ass eng interessant Iddi.

Och eng Mixitéit vu Funktiounen entlaang der Lëtzebuerger Strooss sinn ugeduecht, also éischer am nördlechen Deel. Hei kënnen sech kleng Commercer, Services de proximité, kleng Handwierker, Restauratioun, grad wéi Strukture fir ëffentlech Servicer usidelen.

Awer och e liewegt Quartiersliewe soll entstoe mat enger Zone de rencontre, vill Gréngs, Spillplaz, Zone tampon mat, wéi gesot, der Pufferzone tëschent der Bunn, sou datt effektiv do deem stéierende Facteur vun der Bunn schonn entgéint gewierkt soll ginn.

D'Entwécklung vun dësem neie Quartier schreift sech also soumat an eng global kohärent Demarche vun der Entwécklung vun der Stad Diddeleng an.

Ze begrëssen ass och, datt an dësem nei Quartier den ëffentlechen Transport sou wéi eng aktiv Mobilitéit am Vierdergrond solle stoen.

Et ass evident, datt an dësem Quartier dem Transport per Buss an Zuch eng grouss Bedeitung zoukënnt, ass de Quartier dach beschuens un déi zwee Transportmëttelen ugebonnen.

Engersäits hu mir dräi Busarrêten ronderëm, an der Simon Strooss, an der Lëtzebuerger Strooss an an der Bierenger Strooss. An dann am Nordoste vum Quartier hu mir dann d'Gare oder d'Halte Diddeleng-Biereng.

Ervirzehiewen ass och de Respekt an d'Mise en valeur vum Patrimoine naturel.

Déi bestehend Biotopen gi protegéiert an an d'urbanistescht Konzept integréiert.

D'strategesch Ëmweltprüfung (SUP) gesäit keng Detail- an Ergänzungsprüfung fir de ganze Site vir, sou datt mir alles an Allem fannen, datt dat doten e ganz gudd Projet ass deen sech do wäert entwéckelen an dofir stëmmen mir och selbstverständlech dës Modifikatioun vum PAG. Merci.

Michèle Kayser-Wengler (CSV): Merci Här Buergermeeschter. De Claude Martini huet scho vill vun eiser Stellungnam gesot. Wat eis e bësselchen erstaunt, dat ass, datt mir haut och schonn e méi en detailléierten Programm virgestallt kruten.

De PAP, den Här Wagner huet hei schonn e bësselchen en Exkurs gemaacht wat geplangt ass.

Meng Fro ass awer, dat wäert jo wuel net déi definitiv Approbatioun sinn, well ech huele jo un, bei esou enger grousser, 4,6 Hektar grousser Baufläch wier et awer interessant e Concours d'idées och ze maachen, vläit och nach aner Architektbüroen ze froen wat hier Iddie sinn an dat hei ass e bësselche komesch, datt mir dat elo hei scho presentéiert kréie wéi wann dat awer schonn en Droit acquis wier wat och net grad immens en Zeeche vun Transparenz ass.

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Oh, oh, dajee, dajee. Ech huele Stellung dozou.



Michèle Kayser-Wengler (CSV): Jo dach, ech fannen! Mir kruten déi Ënnerlagen net, mir kréien déi elo ad hoc hei gewisen a sollen och dozou Stellung huelen. Dat fannen ech och einfach net ganz demokratesch a net ganz korrekt. Et wier flott gewiescht wann een dat am Viraus och vläit mat den Detailer hei virgestallt kritt hätt. Well et war haut am Fong gesot ginn, mir schwätze just hei ëm d'Ëmännerung vum PAG. Voilà, dat just gesot.

Dat ass erëm e bësselchen esou eng Politik déi hantert zouenen Diere gemaacht gëtt vum Schäfferot an dat fanne mir net ganz gutt.

En plus hätt een dann am Virfeld och kéinte soen, datt et net immens glécklech ass, wann ech elo hei déi Pläng gesinn... Mir ware ganz optimisteschesch, hunn effektiv geduecht, dat gëtt elo e bësselchen en ekologesche Quartier an d'Autoe gi verbannt an et gëtt vläit just eng Stéchstrooss gemaacht tëschent der Bierenger Strooss an der Simon Strooss, mee elo gesinn ech awer, datt een do iwwer e Shared Space op d'Lëtzebuerger Strooss soll kommen. Ech wunne vis-à-vis vun der Esso, Dir Hären.

Ech weess, datt ee vu véirel vir siwe bis véirel vir néng op der Lëtzebuerger Strooss kee Meter viru kënnt. Et si nach Leit déi an der Géigend wunnen, mee ech kann lech gären invitéieren eng Kéier dohinner ze kommen. Wann Dir do eng Stéchstrooss elo maacht, déi nach op d'Lëtzebuerger Strooss kënnt virun d'Esso, majo Merci, ech weess net wéi mir da solle viru kommen. Wa mir net politesch e komplett anere Wee ginn an dat ass dat wat den Här Martini och gemengt huet, datt ee wierklech mol ka probéieren, e Quartier ze maachen - wéi um Lampertsbiere, do gëtt et dat, e klénge Quartier wou guer keen Auto soll doduerch fueren a wou wierklech reng Leit solle wunne goen, déi Loscht hunn, op den ëffentlechen Transport ze goen. An da kommen ech op eng Fuerderung, déi mir schonn ëmmer rëm widderhuelen, d'Aarbecht un de Schäfferot. Vum Schäfferot ass et méi mat Determinatioun an Engagement och mol virzegoen, fir datt Zuch an Tram oder Tram eng Optioun gëtt, fir datt mir wierklech wësse wou mir higin.

Mir haten et scho virun ugekënnegt, driwwer geschwat gehat wéi et ëm de Quartier NeiSchmelz gaangen ass.

Hei komme elo nach eng Kéier 178 nei Logementer a mir hätte gär datt d'Leit den ëffentlechen Transport benotzen, ma da brauche mir e performanten ëffentlechen Transport. Dat ass eng uerdentlech Linn,

d'Verbindung tëschent Volmerange a Betebuerg an et geet net fir ëmmer ze soen, oh d'CFL sinn net fäi mat eis, d'Ponts et Chaussées sinn net fäi mat eis, ma Dir musst fir d'alleréisch de Problem an de Grëff kréien, dat ass Är Aarbecht, Dir Dammen an Dir Hären aus dem Schäfferot, fir eis do e konkret gudden Projet ze bréngen an da kënne mir allegueren eis Wunnprojeten realiséieren.

Absolut wichteg, datt mir Wunnprojete maachen, dat steet guer net zur Debatte, mee mir hunn och an eisem Walprogramm stoen, Steierung a Wuesstem vun der Stad am Aklang mat engem verbesserte Verkéierskonzept, dat ass den A an den O vun Allem a wa mir dat net ronn kréien, an elo do nach Autoen erakréien, déi da sollen op eng Lëtzebuerger Strooss, déi méi wéi saturéiert ass, eraleeden, ma dann dongt dir de Leit hei zu Diddeleng näischt Guddes.

An dofir, wéi gesot, fir d'alleréisch musse mir maachen, datt mir de Verkéier regléiert kréien - an dann och dat wat d'Madame Goergen gesot huet - et wier och wichteg, datt mir Aarbechtsplaze schafen an der Noperschaft. Et geet net duer ze menge, d'Leit géingen all an de Staatslabo schaffe goen. Do kommen elo net méi sou vill nei Leit hin.

Mee ech denken do musse mir och kucken, datt déi Zon Koibestraachen mat Liewe gefëllt gëtt, mat Aarbechtsplaze gefëllt gëtt, dat ass och en Appel un lech. Do musst Dir och proaktiv virgoen.

Et geet net duer datt mir dann iwwer d'Plan-sectorellen hei philosophéieren an debattéieren, mee et muss och eppes geschéien.

Also, Dir Dammen an Dir Häre, mir si ganz zefridde mat dem Projet hei, mee mir fannen et net gutt, déi Aart a Weis wéi mir dann och nach sou e PAP "ënnergejubelt" kréien ouni datt zum Beispill e Concours d'idées gemaacht gëtt, datt mir dann hätte kënnen e puer Projete kucken an dat dann en bonne et due forme diskutéieren. Voilà, dat war just nach eng Remarque déi ech wollt maachen.

Martine Kohn (LSAP): Ech wollt nach eng Kéier kuerz drop agoen, well ech dat och net gutt fannen, wéi hei Polemik gemaacht gëtt. Well wa mir et am Grëff hätte fir den ëffentlechen Transport performant ze maachen, mengt Dir net, mir hätten dat scho laang gemaacht? Also, da verlaangt näischt vum Gemengerot oder vum Schäfferot wat net a sengem Zoustännegkeetsberäich ass. Dat ass einfach puer Polemik. Dir sidd dergéint fir dergéint ze sinn.



Et ass grad esou wéi Aarbechtsplaze schafen. Wa mir hei Aarbechtsplaze schafen, hei zu Diddeleng, déi permanent gemaacht ginn, heescht dat net, a mir hunn och net d'Garantie datt dat Diddelenger sinn, déi hei schaffe kommen. Dat heescht, dat sinn Äppel mat Biere verglach.

Well och déi Leit, déi dohinner schaffe kommen, maache Verkéier. Dat ass jo net déi Léisung, gell, Dir maacht elo sou wéi wa mir Aarbechtsplaze schafen an dat wieren dann Diddelenger nëmmen an domadder hätte mir de Verkéier reduzéiert, dat ass net de Fall. Merci.

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Merci fir déi dote Stellungnam. Ech wäert och herno zu Schluss nach eng Kéier op déi méi politesch Voleten agoen. Ech géif awer hei villäicht de Jean Brodeur oder de Luc Wagner respektiv d'Cathy Mambourg froe fir op déi méi technesch Deeler anzegoen par rapport zu de Remarquen, déi gemaacht goufen.

Claude Martini (CSV): Vun deene Quartieren, déi autofräi si wéi an Däitschland, sinn do Iddien, déi gelaf sinn, sinn do Diskussiounen gefouert ginn oder sinn dat Projeten, wou guer net a Fro kommen duerch iergendwellech Grënn, déi mir net wëssen?

Luc Wagner: Also, eisen Intérêt ass, eise gemeinsamen Intérêt ass fir et net ganz autofräi ze maachen, well et muss een sech wierklech d'Fro stellen, geet dat op esou enger Plaz, si mir do genuch ugebonnen? Ech mengen, fir sou Quartiere matten an der Stad ze maachen, wou awer den ëffentlechen Transport definitiv eng aner Envergure huet wéi hei zu Diddeleng. Mee d'Zil ass natierlech, an dat ass sécherlech e Punkt, dee mir am Kader vum PAP nach eng Kéier ervirbréngen, fir d'Stellplazen ze reduzéieren an deementspreechend och am Quartier selwer d'Autoen ze reduzéieren. An dee Quartier, dee pretéiert sech enorm gutt dofir well mir einfach eng immens gutt Ubannung un den ëffentlechen Transport haut schonns hunn. Mee fir dat komplett op null erofzeféieren, dat bedeit eppes ganz anescht nach vun ëffentlechem Transport ronderëm an do muss een einfach kucken, wéi sech dat an der Zukunft wäert entwéckelen.

De Car-sharing hat Dir ugeschwat, natierlech sinn dat alles Saachen, déi een an deem Quartier kann ubidden. Et pretéiert sech zum Beispill ideal vir an deem Shared Space Beräich deen e bësselche méi déi zentral Achs huet, wou een och quasi e multimodale

Charakter huet doduerch, datt mir den Zuch an de Bus hunn, datt een do e puer Plaze mat Car-sharing ubitt, dat wier letztendlech ideal op der dote Plaz.

D'Fro ass awéifern een dat an de PAP ka verankeren. Also, ech mengen datt herno eng Stellplaz virgesi gëtt oder dräi fir do Car-sharing unzebidden, dat läit, mengen ech, op der Hand datt een dat ka maachen an da muss een natierlech de Bedreier fannen, deen och déi dräi Autoen dohinner stellt, oder véier.

Mee datt mir de ganze Quartier haut schonns an déi Richtung denken, dat steet fest. Ech wollt och nach eng Kéier kuerz dodrobber agoen, wat Dir gesot hutt. Dir hutt Tübingen als Beispill bruecht. Mir sinn als Büro scho viru siwe Joer op Tübingen gefuer a mir probéieren intensiv, zum Beispill Bauhäremodeller hei zu Lëtzebuerg ënnerzebréngen. Och déi dote Quartieren, wann Dir dat gesinn hutt, déi Bannenhäff, déi semi-public, déi sinn an deem Sënn geduecht fir eben absolut d'Openthaltsqualitéit fir d'Leit maximal an dee Quartier eranzebréngen an dofir hu mir och gesot, et ass wichteg, datt mir e Landschaftsarchitekt un der Säit hunn a net nëmmen den Urbanist an den Ingenieur dat Ganzt planzt, mee de Landschaftsarchitekt direkt matwierkt fir datt dat dee Quartier wierklech attraktiv gëtt fir den ëffentleche Raum.

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Merci. Da géng ech och op verschidde Punkten agoen. Ech mierken, datt an der CSV een Deel méi fir de Projet schwätzt, an deen anere méi géint de Projet, dat ass eng interessant ... ech hunn elo d'Wuert...

Michèle Kayser-Wengler (CSV): Ech hu fir d'éischt...

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Ech hunn d'Wuert an ech hunn lech ausschwatze gelooss. Ech hu elo d'Wuert an ech huelen dozou Stellung. Et däerf een hei net Äppel mat Biere vergläichen, an ech mierken hei ganz kloer, datt d'CSV, wat d'Transparenz ugeet et sou ausleet, wéi et hinne genehm ass.

Wa mir hei elo just d'Modification ponctuelle vum PAG presentéiert hätten a net déi weider Skizzen, wat den éischten Undocken ass vun engem PAP, well natierlech, wann Dir d'Prozedur kennt, mee Dir schéngt se anscheinend net ze kennen, punkto CSV, wësst Dir, datt mir hei natierlech nach e PAP musen an de Gemengerot kréien an och eng Convention d'exécution ronderëm de PAP. Sou wäit si mir nach net. Mir wollten lech eigentlech haut en éischten



Brochdeel weisen, grad am Kader vun der Transparenz. Wa mir dat net gemaacht hätten, hätten Dir eis hei gesot, mir hätten eppes ze verstoppen. Mir hunn lech et elo hei gewisen. Elo kréie mir och nach gesot, datt et net transparent wier. Also, Transparenz leet Dir aus sou wéi et lech genehm ass. Op alle Fall déi dote polemesch Lecture deelt dës Majoritéit ganz kloer deementspriechend net. Well dat heiten ass ganz kloer e Projet wou e private Propriétaire, deen am Fong déi Parzellen do huet an deen och de Projet mat der Gemeng zesumme mécht an deen och decidéiere kann, wéi en Architektbüro e chargéiert a wéi eng Opträg hie gëtt.

Dat heescht, och déi Iddi vum Concours d'idées, déi ass hei falsch. De Propriétaire decidéiert wéi ee Wee e wëll aschloen, wien den Architekt ass. Dat sinn elementar Saache fir e Projet ze entwéckelen.

Et schéngt mir op alle Fall, datt d'CSV déi verschidde Prozeduren PAG PAP awer net esou intus huet, soss géif si dat doten net esou soen. An dee Concours d'idées, och e private Propriétaire decidéiert wéi een Architektbüro hie chargéiert fir esou e Projet ze maache mat der Gemeng deementspriechend zesummen. Dat eemol als éischt Remarque.

Dann, déi zweet Remarque par rapport zum Verkéier. Et ass jo ganz kloer hei och erausgeschielt ginn, datt den ëffentlechen Transport vill méi eng wichteg Stellung hei kritt an deem heite Projet duerch effektiv d'Lëtzebuerger Strooss wou de Bus ass, respektiv awer och den Arrêt Biereng an de Stellschlëssel vu 0,5 weist kloer drop aus, datt hei den ëffentlechen Transport am Virdergrond steet a manner, wéi gesot, och den Individualverkéier an och intra-Quartier, datt och do Berouegungszonen deementspriechend och stinn. Sou wéi et och üblech ass an esou wéi och d'Gesetz et virgesäit.

Ech mengen, ech misst mech hei ëmmer rëm widderhuelen. Hei hu mir laut dem Omnibusgesetz, méi wéi 25 Unitéiten, déi entstinn, also 180, déi ugewise sinn, an d'Gesetz gesäit vir, datt 10% op mannst subventionéierte Wunnengsbau dohinner kommen. Och do hale mir eis als Gemeng effektiv och am Kader herno vum PAP un d'Spillregelen déi hei deementspriechend uviséiert sinn.

Déi Iddi vun der Gestaltung vun den ëffentleche Reim, ech mengen déi Iddien, déi vun deene Grénge kommen, kann ee sécherlech ophuelen a weiderginn, wéi een dat effektiv kéint ëmgestalten och villäicht mat den zukünftegen Awunner zesummen, à voir.

Ech mengen, dat sinn Ureegungen, déi eis sécherlech kënne weiderhin beschäftegen, och herno am Kader vun der Ausaarbechtung vum PAP, well ech mengen, do ass jo nach zimlech vill Aarbecht, déi op den Architektbüro an och op d'Gemeng duerkënnt an och op dëse Gemengerot.

Wat ech hei och nach eng Kéier wollt an de Kader setzen, dat ass déi Ausriichtung nieft de Wunnengen, déi dohinner kommen, déi Iddi vu Wunnengen, déi zur Dispositioun gestallt gi ronderëm de Statslabo, de Laboratoire national de santé. Ech wëll hei net den Androck vermëttelen, datt et exklusiv ass fir de Laboratoire national de santé. Dat war deemools d'Demande vun där staatlecher Institutioun, wann si Chercheuren hunn, wann si auslännesch Mataarbechter hunn, déi fir zwee, dräi, véier Méint op Lëtzebuerg kommen, datt déi eng Méiglechkeet hätten, effektiv ënnerzekommen, wat bei deem klassesche Contrat de bail net ëmmer méiglech ass, dat heescht eng Kuerzzäitlocatioun, mee et ass awer net exklusiv op de LNS gemënt. Dat ass fir alleguer eis Industriezonen, déi mir hei am Raum Diddeleng-Beetebuerg hunn, well déi hunn allegueren déi Demande, déi se schonn un d'Gemeng erugedroen hunn.

Also, ech wëilt hei gär vermëttelen, datt mir dat méi breet opmaachen an datt d'initial Demande zwar vum LNS war mee datt eng ganz Rei Acteuren hei zu Diddeleng dorop wäerten zeréckgräifen.

Dann, par rapport zu der Mixitéit. Ech mengen, déi setze mir och hei. Natierlech dāerf een och elo net déi falsch Impressioun hunn, datt elo hei masseg Aarbechtsplazen entstinn. Et entsti sécher Aarbechtsplaze, mee an der Proximitéit. Dat heescht, do kann een sech undenken, datt do de Commerce de proximité ka sinn datt do Büro kënne sinn an datt och do eng oder déi aner Crèche entsteet.

Dat sinn alles Saache, déi een och deementspriechend steiere kann, mee datt een och déi Elementer an dat heite mat eran hält fir och déi Mixité fonctionnelle deementspriechend ze garantéieren.

Voilà, dat generell zu deene Remarquen.

Nach déi Remarque och vun Här Martini. Natierlech, wann hei en neie Wunnquartier entsteet, wou och Familljen sech wäerten usidelen, wat mir hoffen, ass natierlech och d'Schoul Ribeschpont concernéiert. Mir hu jo do Terrainen, déi der Gemeng gehéieren, déi mir deemools och kaf hu fir am Kader vun enger Extensioun vun der Ribeschponter Schoul, fir déi kënne ze huelen, wann dat de Fall sollt sinn.



Wann et néideg ass, kënne mir natierlech op déi Terrainen zeréckgräifen. Mir hunn déi Réserve foncière fir den Ausbau vun der Ribeschponter Schoul ze maachen. Voilà, déi generell Remarquen dozou an ech mengen mir kënnen awer och net - an och dat wëll ech hei soen par rapport zu de Remarquë vun der Madame Kayser - mir kënnen hei e Wunnengsbau, e Projet den an enger Prozedur ass, net op eng laang Bänk schiben an effektiv ofhängeg maache vun Decisions, déi natierlech musse geholl ginn, mee déi net alleng an der Hand vun der Gemeng Diddeleng leien. Do sinn nach aner staatlech Acteuren, déi mir mat bäi mussen zéien, sief dat engersäits d'CFL, sief dat Ponts et Chaussées. Mee mir si natierlech hei an enger Prozedur déi mir mussen engersäits weiderdreiwen an awer am Kader vun där Modification ponctuelle déi mir hei maachen och schonn enger Rei Elementer Rechnung droen, sief et am Kader vum ëffentlechen Transport, wat d'Prioritéit soll sinn, respektiv awer och am Schlëssel ronderëm de Parkplazen déi mir erof drécken. Ech mengen dat sinn déi Steuerungsinstrumenter déi mir op deem Niveau hunn an déi huele mir jo och ganz kloer, an dat anert ass effektiv éischter iwwergeuerdent, natierlech, wat jo net nëmmen dës Quartier betrëfft mee ganz Diddeleng betrëfft, wou mir nach eng ganz Rei Saache musse klären, souwuel mat der CFL, virun allem mat der CFL, wéi och mat Ponts et Chaussées. Voilà, dat zu menger Stellungnam.

Claudia Dall'Agnol (LSAP – Schëffin): Ech gräifen do an wou de Buergermeeschter opgehalen huet, well déi Diskussioun do zum Schluss mech awer e bësselchen erënnert huet un wat war fir d'éischt do – D'Hong oder d'Ee? Ech mengen mir sinn eis hei ronderëm den Dësch, hoffen ech mol, alleguerten eens, datt mir d'Wunnengspräisser just erofkréie wa mir méi Wunnenge bauen. Wa mir méi Wunnenge bauen, da sot Dir awer am gläichen Otemzuch: "jo dat kréiert awer méi Verkéier".

Mir mussen eis awer villäicht eng Kéier eens ginn, wat mir wëllen.

Wann Dir natierlech elo sot, mir waarden of mat Wunnenge bauen bis mir dann de Verkéiersfloss op der Lëtzebuerger Strooss am Grëff hunn, da sot eis dat. Mir kënnen dat gären och deene Jonken, déi wëllen hei zu Diddeleng eppes kafen, oder déi Leit déi verstärkt mussen iwwert d'Grenz goen, well se sech hei zu Diddeleng respektiv am Rescht vum Land näischt méi kënne leeschten, d'Wunnengspräisser soen, da waarde mir natierlech of.

Ech mengen, dës Majoritéit ass awer der Meenung, datt et der Gemeng hier Pflicht ass, och fir Logement hei ze suergen an ech mengen, ech haken dann och do an, wou d'Madame Bodry-Kohn gesot huet, et misst een awer villäicht hei intellektuell och eng Kéier éierlech sinn.

Ech mengen, mir wëssen hei alleguerten, datt d'Gemeng Diddeleng oder de Schäfferot oder souguer dës Gemengerot, datt mir net déi sinn déi hei eng Zuchslinn oder eng Tramslinn bauen.

Ech mengen, mir hunn déi d'Diskussioun honnert Mol geféiert, mir maachen dat proaktiv. Mir kommen awer net all Kéier hei an de Gemengerot a soen, sou elo hu mir den Telefon geholl, elo hate mir e Rendez-vous oder elo hu mir e Courrierswiessel gehat mat deene staatleche Stellen. Mä natierlech maache mir dat, mee et ass wéi d'Madame Kohn gesot huet, wa mir als dës Majoritéit oder als dës Gemengerot esouguer unanime gewiescht wieren, a mir hätten et an eisen Hänn fir eng Tram- oder eng Zuchslinn ze bauen, mengt Dir net da wier déi scho laang do?!

An net an de leschte 5 Joer, mee villäicht schonn 20 Joer, well mir sinn eis alleguerte bewosst, datt do wou Dir wunnt, zum Beispill, op der Lëtzebuerger Strooss, datt déi Strooss saturéiert ass. Mir wëssen awer och, et ass eng Haaptachs, et ass eng Staatsstrooss, mir wësse ganz genau datt dat déi Axe sinn, déi Haaptstroossen, déi Staatsstroossen wou d'Leit eran an eraus vun Diddeleng kommen. Et wier e bësselchen komesch bei der Gréisst vun eiser Stad wa net grad déi doten Haaptachse belaascht wieren.

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Merci fir déi dote Stellungnam. Madame Dall'Agnol.

Michèle Kayser-Wengler (CSV): Merci, just nach eng ganz kuerz Stellungnam och. Här Buergermeeschter, et ass net esou wéi wa mir an der CSV ënnerschiedlecher Iddi wieren.

Mir sinn absolut dofir datt esou e Projet gemaacht gëtt. Dat ass ee Mol ganz kloer an ech hunn och net de Contraire behaapt.

Wat meng Kritik ubelaangt huet, datt mir hei eben och dee PAP sou ënnergejubelt kritt hunn, ma lauschtert, bis virun enger halwer Stonn wosst heibanne keen, datt Wiesen a Piront déi Terrainen gehéieren oder wosst d'Oppositioun dat villäicht, ech weess et net. Also, ech sinn dat elo virun enger halwer Stonn aus Ärem Mond gewuer ginn, dann ass dat selbstverständlech esou, datt déi Leit kënnen decidéieren



wie baut a wat baut. Mir ware, guttgleeweg, der Meenung, datt d'Gemeng déi Terraine kaf hätt an datt dat e Gemengeprojet wier.

An dann wier e Concours d'idées jo eng Selbstverständlechkeet gewiescht.

Dofir nach eng Kéier, ech soen natierlech da selbstverständlech Wiesen a Piront Merci, genau wéi ech och deenen anere private Promoteure Merci soen, déi déi dee leschte grouse Wunnraumschafungen hei zu Diddeleng gemaacht hunn, sief dat op Lenkeschléi oder am Duerf, sécher mat Ënnerstëtzung vun der Gemeng, mee wéi gesot, dann ass da heiten e private Projet dee mir selbstverständlech begrüessen an da wollt ech lech awer da mat op de Wee ginn, iwuerleet lech dat nach eng Kéier, déi Stéchstrooss op d'Lëtzeburger Strooss. Kommt eng Kéier bei eis, Dir kënnt gären eng Kéier moies fréi um 5 Auer op eis eng Taass Kaffi drénke kommen a beobachten, wéi do de Verkéier sech intensivéiert an och owes.

Dann, mengen ech, iwuerleet Dir lech dat, ob dat wierklech sou glécklech ass. Dat ginn ech lech da mat op de Wee.

An dann, wat de Verkéier ubelaangt, also, ech menge mir hu elo dräi Buergermeeschteren an der Chamber sëtze vun Diddeleng, zwee Ex an en Aktuellen. Da ginn ech lech da mat op de Wee, Här Buergermeeschter, datt Dir do an der Regierung an och an der Chamber en immensen Drock maacht, datt mir dee Problem geléist kréien.

Eis Ënnerstëtzung hutt Dir a mir wäerten och bei eiser Partei och an der Stad e Wuert aleeën, sou datt, wann Dir do wierklech eppes wëllt op d'Schinn setzen, mir lech sécher kee Veto aleeën a wéi gesot, dann hoffe mir, datt mir dee Problem vum Zuch a vum Tram alleguer zesumme kënne regelen.

A wéi gesot, Merci nach eng Kéier dem private Promoteur, deen déi Brooch hei an Ugrëff geholl huet.

An ech ginn der Gemeng nach de Message mat op de Wee, wa jo rëm souvill Prozent Wunnengen à coût modéré geschaaft ginn, datt mir dann awer och do rëm proaktiv ginn, datt mir och genuch Wunnraum als Gemeng herno geréieren, wou mir dann och kënnen eis Leit placéieren, déi nécessaires sinn, datt mir deenen awer och kënnen eng Méiglechkeet ginn, fir kënnen zu Diddeleng ze bleiwen. Merci.

Romain Zuang (LSAP): Ech wollt just froen: Ass kee klengen Deel vun Optimismus nach do, datt wann dee neie Rond-point, deen amgaangen ass, gebaut ze ginn,

wann dee fäerdeg ass, datt de Flux an Diddeleng eran, respektiv aus Diddeleng eraus, net besser gëtt?

Ass keen do, deen dorunner gleeft? Nee?

Ech wëll nëmme soen. Ech mengen wann deen ee Rond-point besser ofhëlt, dann ass deen anere villäicht manner belaauscht gëtt. Kommt, mir waarde mol nach zwee Joer of.

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Ech géing villäicht zwee Punkten ophuelen. Elo si mir awer an der Diskussioun vum PAP, maachen ech hei de Constat, Madame Kayser.

Mir hunn och schonn u Wiesen-Piron eng Tâche ginn, datt mir am Kader vum PAP och d'Iwwerleeung hu fir Virkafsrecht ze hunn, wat déi subventionéiert Wunnengen ugeet, sou wéi mir dat och bei Lenkeschléi gemaacht hunn. Dat ass emol déi éischt Remarque. Déi zweet Remarque, mat Ärer Iddi vun der Stéchstrooss, datt een dat soll iwuerleeën. Et wier awer e bësselche cocasse bei der Ubannung vun engem neie Quartier, datt ee keng, an der Logik, an der Hierarchie vun de Stroossen, an der urbanistescher Logik, an do deelen ech absolut net Är Approche, datt ee keng Ubannung mécht un eng staatlech Strooss.

Claude Martini (CSV): Ech hu just nach eng lescht Fro elo. Dir hutt nom Virverkafsrecht gefrot fir verschidde Wunnengen, géif dat och a Fro komme fir déi Geschäftslokaler fir datt d'Gemeng do e bësselchen en Afloss drop hätt, wat do vu kleng Commerce kéint hikomme fir datt dat och sënnvoll wier fir d'Leit, déi do wunnen?

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Dat kann eng Iwwerleeung sinn, datt d'Gemeng Locataire vun engem Commerce ka ginn, deen gebaut gëtt wou mir dann herno decidéieren, wie mir dra setzen. Dat sinn Iwwerleeung, déi ee ganz gär ka mat drophuele fir herno an der Ausaarbechtung och vum PAP. Mee do si mir jo net.

Haut si mir bei der Modification ponctuelle vum PAG, mat enger klenger Impressioun wat de PAP ka ginn.

Voilà, ech menge d'Diskussioun sinn ofgeschloss. Da géing ech proposéieren, datt mir zum Vote iwerginn. Wien ass mat der Modification ponctuelle vum PAG hei averstanen? Dat ass **unanime**. Da soen ech dem Gemengerot Merci fir déi doten Zoustëmmung.

An och dem Här Brodeur, dem Här Wagner an och dem Cathy Mambourg, Merci.



4. APPROBATION VUM FORSTPLANG FIR D'JOER 2019

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): An elo komme mer zu der Approbation vum Forstplang, do begrëssen ech an eiser Ronn eise Fierschter den Guy Netgen an ech ginn dem René Manderscheid d'Wuert.

René Manderscheid (LSAP – Schäffen): Merci fir d'Wuert. Dir wësst, datt de Forstplang hei all Joer um Ordre du jour ass, dofir ass de Guy Netgen dann hei fir déi néideg Erklärungen ze ginn.

Dir wësst, datt de Forstplang sou wéi Dir en hei presentéiert kritt, DIN A 4 schwaarz op wäiss, do muss ee ganz vill Phantasie hu fir domadder kënnen eppes unzufänken. Et ass esou, datt mir wéi an der Vergaangenheet och dëst Joer nees eng Visite guidée vun eisen Bëscher gemaach hunn.

Dëst Joer ware mir zesumme mat der Ëmweltkommissioun an de Membere vum Gemengerot déi Zäit hatten, ware mir an der Le'h wou de Guy Netgen eis de Forstplang dann erkläert huet an en huet eis dann och erzielt wat alles op deem Site vun der Le'h dëst Joer, respektiv d'nächst Joer geplangt ass.

Et ass esou, vu datt muer den Dag vum Bam ass, wollt ech drop hiweisen, datt mir als Gemeng och do e puer Aktivitéiten an deem Kader geplangt hunn.

Gëschter ware mir mam Coin de Terre hannert dem Altersheim, déi hunn do véier Uebstbeem geplangt an et ass esou, datt mir muer als Gemeng wéi all Joer bei de roude Scouten Entretienaarbechte maachen, an si wäerten och weider Uebstbeem planzen, et ass och esou, datt mir am Nomëtten beim Centre de soins pour la faune sauvage bei der Le'h Hecken wäerte planzen a wéi all Joer kréie mir och elo vun de Soroptimiste vun Esch de Bam vum Joer geschenkt an deen wäerte mir an der Spillplaz am Schnauzelach muer um 3 Auer planzen.

Ech wëll bemierken, datt mir dee Bam scho fir déi zéngte Kéier vun de Soroptimiste spendéiert kréien an ech sinn och houfreg, datt se d'Gemeng Diddeleng dofir eraus gesicht hunn.

Da géif ech op de Forstplang zeréckkommen an ech géif dem Guy Netgen d'Wuert gi fir kuerz duerch dee

Forstplang ze goen an dann herno, wann Dir Froen hutt, ass hien zu Ärer Verfügung.

Ech wëll och bemierken, datt de Forstplang reng ënnert senger Verantwortung ass, dass och hien alleng responsabel ass fir alles wat an de Bëscher geschafft gëtt.


Guy Netgen (Fierschter vun Diddeleng): Merci fir d'Wuert. Also, wéi Dir schonn um Deckblad gesitt, hu mir déi al Traditioun bäibehalen, datt mir relativ ëmmer en Defizit maachen, dat heescht, datt mir méi investéieren, wéi mir vum Verkaf vum Holz eranhuelen, wat och bedénkt ass duerch vill aner Aarbechten, déi alleguerten an deenen eenzele Blieder oder Pläng opgezielt sinn.

Do gesitt Dir och, datt mir wéi déi Joere virdrun ëmmer ënnert deem dote Plan d'aménagement bleiwen, deen déi 10 Joer festgeluecht huet, deen hat en Hiebsaz ëm 1400 m³ am Joer festgeluecht, mä an der Realitéit war dat e bëssen héich gegraff, dat ergëtt sech duerch d'Fläch an déi m³ déi mir um Hektar stoen hunn, an dat kennt eben relativ en Hiebsaz eraus, deen net der Realitéit entsprécht. Dofir bleiwe mir och dëst Joer ënnert dem Hiebsaz, deen an dem Amenagementsplang virgesinn ass.

Deen ass zwar eemol gestëmmt ginn, mä dat ass näischt wat elo onbedénkt misst esou Wuert fir Wuert agehalen ginn.

Da kommen déi eenzel Pläng, dat eent ass dee vum Naturschutz, do gesitt dir, do sinn ënnert anerem virgesinn Aarbechten an der Le'h, do maache mir e Barfußpad, op dee mir och elo bei der Begehung higewisen hunn an och elo mat der Familljecommissioun ware mir e puer där Barfußpaden duerch d'Land ukucken a mir hunn dann elo e Konzept erstallt mat der Familljecommissioun fir esou een unzeleeën.

An dann, wat och nach virgesinn ass, dat sinn déi Biotoper, déi et hei an Diddeleng ginn, fir déi ze ënnerehalen, wat jo och do mat de Salaren oder Facturen opgedroen ass, an do muss een dann och soen, do komme Saachen an den Natura2000 Gebitter, mä do war jo am Laf vun dësem Joer dee Comité de Pilotage (COPIL) gegrënnt ginn, fir déi Natura2000 Gebitter hei am Süde vu Déifferdeng bis Diddeleng, dat heescht Diddeleng huet 3 Natura2000 Gebitter, dat ass eemol Diddeleng Haard, Diddeleng Ginzebiery



mam Däerebësch an den Wal, an do ass dann och eng Persoun als Animateur genannt ginn, dat ass de Jan Herr, dee soll dann esou Pläng entwéckelen an opstellen, wat an deenen eenzelne Natura2000 Gebitter géif gemaach ginn.

Dat heescht, en Deel vun deenen Aarbechten gëtt iwwert de Staat bezuelt, wann dee Budget opgestallt ass, mä well dee Comité de pilotage do awer elo dëst Joer gegrënnt gouf an nach muss waarde bis dat richtig leeft, dofir sinn nach verschidden Aarbechten hei an dësem Budget virgesinn, an all déi Aarbechten, déi an deem Natura2000 Gebitt do ufalen, géifen dann och deelweis iwwer de Staatsbudget oder dee COPIL bezuelt ginn.

Wéi gesot, mir haten och scho rieds doriwwer fir déi Plan-de-gestionen an iwwerhaapt déi Natura2000 Gebitter eng Kéier virzestellen, do misst ee mam Här Herr schwätzen, wann dat gewünscht ass.

An dann ass dat anert de Plang iwwer wou an de Bëscher geschafft gëtt, wou mir da géifen haen, also dës Kéier si méi grouss Coupë virgesinn, um Roudebierg, Richtung Bloklapp, do sinn déi Bëscher laanscht deen alen Tipp, vun der Barrière bei de Peaux rouges, erof duerch de Bësch wou een op där anerer Säit erëm erauskënnt fir a Richtung Zoufftgen. Do sinn déi Bëscher, wou mir dëst Joer géifen eng méi grouss Coupe maachen.

De Rescht sinn dann alles méi kleng Agrëffer am Wal, well mir do ugefangen hu mat der Naturverjüngung fir d'Eechen, do géife mir dann och haen, ausser et géife soss Problemer optauchen an et misst een do agräifen.

Dir hutt sécher gelies an der Zeitung datt relativ de Problem mam Borkenkäfer duerch d'Land ass, bedéngt duerch dat dréchent a waarmt Joer. Mir sinn awer hei an der glécklecher Situatioun, datt mir am Gemeindebësch weider keng Fichten hunn, dat heescht, do hu mir och weider näischt wat dann ufält duerch de Borkenkäfer.

E bësse méi e Problem ass d'Eschestierwen an eise Bëscher, bedéngt duerch de Standuert, dat ass eng Bamaart déi gären op engem frësche Standuert steet, an hei um Ginzebiereg an am Bloklapp ass alles e bësse méi naass, also ass do ëmmer e fiichten Buedem, also ass d'Esch gutt verdeelt, déi fält elo

groussflächeg aus, do ass et méiglech, dass mer am Laf vum Joer musse laanscht d'Weeër während dem Summer e puer Beem ewechmaache well se ufänken eng Gefor duerstellen.

Dann ass nach de Plang 2, Gestion durable et protection des forêts, do stinn déi Aarbechten, déi a jonke Bestänn gemaach ginn, Uplantungen oder Botzaarbechten, zum Beispill.

Déi sinn dann do all eenzel opgefouert, an och déi Aarbecht déi géif duerchgefouert ginn, mat der Fläch, an och wat et kascht, do ass dann och all Kéier e Sous-total, wat all déi Aarbechte kaschten, nämlech ronn 90 000 Euro.

Da kënnt de Plang 3, dat ass d'Protection des ressources cynégétiques de la faune sauvage, do ass einfach virgesinn datt mir Beem markéieren, déi Flieermais op sech halen an dat anert ass dann och, datt mir nach eng Kéier géifen eng Aktioun maache fir d'Gelbbauchunke méi hei ze verbreedden an och kucken, datt se sech méi ausbreet, dat ass eng relativ selten Aart an hei am Land ass Diddeleng déi eenzeg Plaz, wou déi virkënnt. Si ass och hei am franséische Bësch, zu Zoufftgen, a mir maachen elo am Laf vun deem nächsten annerhallwe Mount nach e puer Plaze mat Waasserlächer, wou mir dann hoffen, datt d'Gelbbauchunke sech do ka verbreedden an aus dem franséische Gebitt méi eriwier kënnt. Mir kënnen et elo eréischt maachen, well et bis elo duerch deen dréchene Buedem schwéier war fir esou Waasserlächer ze maachen, dat mécht sech besser wann de Buedem e bësse méi fiicht ass.

Da kënnt "Ressources cynégétiques", do ass näischt virgesinn ausser der Juegdbuerg, wat eng kleng Recette fir d'Gemeng duerstellt, do muss een dann ebe kucken, dat wäert sech Enn des Joers oder ugangs nächst Joer weisen. Et ass jo virgesinn, allegueren d'Juegtlousen nei anzedeelen, déi dräi Louse fir Diddeleng nei opgedeelt an do muss ee kucke wat do entsteet, do wäerte vläit méi Lousen entstoen an och dee Syndikat gëtt neigegrënnt, do muss ee kucken, wat sech do ergëtt. Et ass och méiglech oder sënnavoll, datt d'Gemeng dat eent oder aner Juegd-lous selwer géif iwwerhuelen, well esou wéi et ausgesäit entsteet e Juegd-lous wat u sech just déi Wise vum Triage bis op Butschebuerg ass, an dat wier natierlech méi sënnavoll wann d'Gemeng dat iwwerhëlt, mä dat ass awer nach Zukunftsmusek, dat ass awer eréischt fir an 1- 2 Joer wou een dat da gesäit.



An da kommen d'Aktivitéiten dobaussen, do ass dann eben déi Spillplaz an der Le'h, déi wëlle mir vergréisseren, oder och soss am Bësch sinn Demandë vu Schoukllassen, well se ëmmer mat de Schoulkanner an de Bësch ginn, fir do iergendwéi esou e klengen Abri ze kréien, wou se dann och am Wanter mat de Kanner kéinten an de Bësch goen. Mir hunn och schonns esou e klengen Ënnerstand op der Haard opgeriicht fir d'Schoulkanner aus der Gaffelt an dem Däich déi, regelméisseg dohinner ginn. Demande ass ebe fir dat och op anere Plazen dann ze maachen, dat muss een da kucken wat een do ka maachen. Mä d'Sue si virgesi fir eppes Klenges ze maachen.

Da kënnt ee bei d'Logistik fir d'Maschinen an d'Trakteuren ze ënnerhalen, déi lafend Fraise fir wann do Reparaturen ufalen, an dann och nach d'Gestioun vun den Aarbechter, dat ass u sech d'Feierdeeg an de Congé, déi Fraisen, déi do virgesi sinn.

Et ass zimlech dat wéi all Joer, näischt Spektakuläres wat virgesinn ass. Ech mengen et ass och virgesinn, wa mir dëst Joer nach eemol den Eichenprozessionsspinner, fir do nach eng Kéier Aarbechten ze bezuele fir deen ewechzemaachen, woubäi mir nach ëmmer drop waarden, datt mir e Plan national géife kréien, dee soll nach ëmmer an der Maach sinn. Mir hoffen, datt mir dee da kréien éier déi nächst Generatioun vun Eichenprozessionsspinner eis Problemer mécht. Ech soen lech Merci.

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Merci dem Guy Netgen, an d' Stellungnamen sinn op.

Jean-Paul Gangler (CSV): Merci Här Buergermeeschter. Déi Bëschvisite, wou den Här Manderscheid ugeschwat huet, war och dëst Joer ganz interessant an instruktiv: mir si gewuer gi wat et mam Ulmes-tierwen a mam Eschestierwen op sech huet.

Mir kruten allerhand ganz interessant Detailer iwwer déi krank Eichen duerch mënschlech Agrëffer wéi Weeër, déi an der Le'h gemaach gi sinn an iwwert de Borkenkäfer an den Eichenprozessionsspinner. Et kann ee soen, datt de Fierschter mat senger Ekip all déi Saache gutt am Grëff huet an datt den Investissement mat 400 000 Euro am Joer ganz sécher gerechtfäerdigt ass.

Da gouf eis och konfirméiert, datt se net méi ewechhae wéi nowiisst, dat ass jo och eng gutt Saach.

Mir haten och déi Detailer gefrot zu de Sensibilisatiounsmoossnahme fir de Public, déi do mat 46 500 Euro zu Buch schloen. Dat ass wierklech eng flott Saach, mä ech hat gemengt, et wier villäicht flott wa mir esou eng Bëschbegehung géife maachen fir och op esou eng Plaz kënne kucken ze goen, wat dat op sech huet mat deenen Informatiounsinfrastrukturen.

D'CSV honoréiert dem Fierschter seng Aarbecht an ass voll hannert dem Forstplang. Merci.

Romaine Goergen (Déi Gréng): Merci, wéi all Joer dierfe mir erëm Stellung huelen zum Forstplang, dee virgesäit, wat am nächste Joer an och doriwwer eraus dierf an eise Bëscher geschafft ginn.

Dëst Joer hate mir nees eng Bëschbegehung mam Här Netgen duerch d'Le'h, déi ganz interessant war, well mir gutt Erklärungen zu de Bëschschädlinge kritt hunn, déi eis Beem deziméieren. Well eise Bësch mat senge villen Eeche vum Eichenprozessionsspinner betraff war, hunn d'Leit besonnesch vill vun dësem Schädling mat kritt.

Et ass natierlech net flott ze héieren, datt et schwieereg ass, deem Schädling bäizekommen an datt en nom Wanter ënnert Ëmstänn erëm do ass.

Och wann déi Bëschbegehung ganz interessant war, sou huet se awer net wesentlech gehollef erauszefannen, wou déi ugekënnegt Läuterungen a Verjüngung vum eisen Bëscher stattfannen.

Dat sinn Erklärungen, déi Dir eis elo nogereecht hutt. Mir kënnen dat als Laie jo och net beuerteelen an et wier illusoresch ze mengen, mir hätten als Conseilleren iergendeen Impakt op d'Gestioun vun de Bësch an eiser Gemeng. Mir müssen der Forstverwaltung an eisem Fierschter an de Bëschaarbechter vertrauen, datt si déi Gestioun en âme et conscience maachen an datt déi ofgehae Beem wierklech krank sinn oder eng Gefor fir d'Leit sinn, déi laanscht kommen, oder datt dee Bësch och wierklech muss verjéngt ginn.

Virun dësem Hannergrond an dem Vertrauen an déi Decisioun wëlle mir eis awer nach e puer Bemerkungen a Froen erlaben, déi eis als Naturschützer méi uewe leien.

Mir mengen, datt Erklärungen op Schëlter, déi am Bësch opgestallt ginn, ëmmer hëllefen. Et sinn esou Schëlter wéinst dem Eichenprozessionsspinner op-



gestallt ginn, dat selwecht kéint geschéien do wou méi grouss Coupén an de Bëscher geschéien. Dann hätte mir manner Reklamatiounen.

Mir erliewe jo de Moment schonn en Unzeeche vum Klimawandel, deen och an de Bëscher ze spieren ass duerch Dréchenheet a méi staarke Befall duerch Schädlingen.

Wier et an dem Zesummenhang dann net un der Zäit, d'Bëschgestioun unzepassen an an der Bewirtschaftung flexibel ze reagieren?

Wann d'Eechen sech net méi regeneréiere kënnen, da muss eben eng aner Bamzort ausprobéiert ginn, wann et fir d'Eechen ze dréche gëtt.

Doriwwer hate mir an der Le'h geschwat. Dat selwecht gëllt fir d'Eschen, déi och vill Fiichtegkeet brauchen. Villäicht missten och méi Bëschgebitter, déi manner zougänglech sinn, sech selwer iwwerlooss ginn, an da gekuckt ginn, wat do geschitt. Dat ass e Versuch, dee misst op méi laang Siicht ausgeluecht ginn.

Dat kéim jiddefalls och den Déieren als Rückzugsgebiet entgéint.

Ech hunn et och interessant fonnt, datt eis sougenannte waasserduerchlässeg Weeër net esou ideal sinn. Vlät kéint d'Konzeptioun vun esou Weeër, déi sécherlech schmuel musse sinn, och iwwerluecht ginn.

Dann erlaabt mir nach e puer Froen a Bemierkungen, déi sech méi konkret aus Zuelen a Projeten aus dem Forstplang erginn.

Ech muss gestoen, et ass mir dëst Joer eréischt opgefall, datt mir ëmmer nëmmen e Plang oder e Budget virgeluecht kréien an awer ni eng Ofrechnung oder e Kont vun den ausgefouerten Aarbechten.

Ass dat dann esou, datt déi meescht Aarbechte vum leschte Joer duerchgefouert gi sinn? Ech soe bewosst "déi meescht Aarbechten" well schonns d'lescht Joer war e Barfußpad am Plang 4 virgesinn, mat ronn 20 000 Euro an dëst Joer ass dee Pad och virgesi fir insgesamt 20 000 Euro.

Allerdéngs ass déi Ausgab aus der Rubrik Sensibilisatioun (Plang 4) gerutscht vum Plang 4 an den Plang 1, Protection de la nature.

Meng Fro: Sinn déi 20 000 Euro nach déi selwecht wéi dat lescht Joer oder sinn se reportéiert ginn oder wéi ass dat? Firwat ass dat och elo an enger anerer Rubrik ugeféiert?

Dann hätt ech nach Zousazfroen zu der Realiséierung vun esou engem flotte Projet. Souwäit ech weess, ass dat Ganzt nach an der Planung, d'Familljekommissioun beschäftegt sech domat an ech wëll do elo net ze vill Detailer froen, ech denken, datt mir dat eng Kéier virgestallt kréien, dofir erlaabt mir just déi Fro vum Entretien ze stelle vun esou engem Barfußpad.

Fir datt eben dat attraktiv bleift, muss vill duerno gekuckt ginn. Wie këmmert sech herno dorëms? Ass dat Forstverwaltung oder ass et d'Gemeng? An ass deen Entretien dann och geséichert?

Dat ass eng Fro, déi sech opdrängt, wann ee gesäit wéi d'Panneaue vum Kannerwanderwee an der Tëschenzäit ausgesinn, fir bei der Le'h ze bleiwen. Alles wat konnt opgeklappt ginn, ass an der Tëschenzäit verschwonnen. An da verléieren déi Panneauen hire spillereschen Effekt, da sinn et just nach Panneae fir eppes ze weisen, wat elo net esou flott ass. Ech hoffen, datt mam zukünftege Barfußpad an Zukunft net dat selwecht passéiert.

Et bleift nach eng Fro fir eise Fierschter, zu den llôts de vieillissement, also den Altholzinselen: Do ass dëst Joer dat duebelt vum leschte Joer virgesinn, also 1 000 Euro amplaz vu 500 Euro, wat bedeit dat? Gëtt déi al Eech vum Alter vun ongeféier 200 Joer, déi mir an der Le'h gesinn hunn, dozou gezielt? Nëmme fir ze wëssen, wat Dir als al Beem bezeechent a wat mir do gesinn.

An zulescht wollt ech och nach bemierken datt mir manner Récolte de bois hunn ewéi lescht Joer wat eis awer net schrecklech leed deet, mir begréissen, datt insgesamt manner Beem geschloe ginn wéi am Zéngjoresplang virgesinn ass. Merci.

Henri Glesener (LSAP): Merci, ech hat mir dëst Joer och Zäit geholl fir dëschdes an der Le'h déi Begehung matzemaachen, zesumme mat der Ëmweltkommissioun, dem Guy Netgen, eise zoustänneg Schaffen, de René Manderscheid an och dem Bannhider an e puer Experten.



Ech widderhuelen net dat wat meng Virriedner gesot hunn, mir hunn do extrem vill a gutt a flott Explikatioune kritt zum Gestionsprogramm an awer och wäit doriwwer eraus an dat hunn d'Virriedner och esou ennerstrach an ech muss dat net esou widderhuelen.

Zum Schluss geet et mir dorëms, ze soen, datt dat wat mir hei mussen ofstëmmen oder iwwerhaupt wéi eis Bëscher geréiert ginn, datt dat eng Vertrauenssach ass, well mir tatsächlech keng Spezialiste sinn. Mir musse just Moyenen zur Verfügung stellen a gutthalen, mä et geet eben dann ëm d'Vertraue vun eise Spezialisten.

An ech mengen, de Guy huet de leschten Dënschden bei der Begehung an och nach eng Kéier haut hei an der Reunioun bewisen datt déi eigentlech dréche Matière vun Zuelen, déi mir presentéiert kréien a wou mir eis Ennerschrëft solen drënner setzen, ganz flott a ganz interaktiv ka presentéiert ginn an ech denken, datt mir him eist Vertrauen hei sollen aussoen an ech wëll him dofir och nach eng Kéier e Merci vun eiser Säit aus soen.

Romain Zuang (LSAP): Merci, ech wollt just Stellung huelen zu der Geschicht vun der Madame Goergen iwwer den Buerfousswee, dat ass am Fong déi Lëtzebuerger Terminologie, de Buerfousswee ass de Barfußpfad.

Ech wëll e Wuert doriwwer verléieren, well dat eng Iddie ass, déi mir am Walprogramm haten an d'Familienkommissioun sech deeër ugeholl huet. De Guy Netgen hat dat budgetiséiert deemools mat 20 000 Euro. Dëst Joer hu mir eis e bësse méi intensiv mat dem Projet ofginn. Mir waren effektiv op Lellgen an d'Eisléck an och nach op Miedernach eis déi zwee Buerfoussweeër do ukucke gaangen. D'Familienkommissioun huet dat och op der Plaz probéiert gehat -mir haten do e flotten Dag verbruecht eng Kéier samschdes an den Guy Netgen war och mat – a mir hunn eis gëeenegt op 12 Statiounen, déi an der Le'h wäerte gemaach ginn.

Ech hunn elo leider kee Plang dobäi. Ech sinn och e bëssen iwwerfall elo, op jiddefall hu mir elo 12 Statioune festgehalen, déi hannert dem Kiosk wäerten eropgoen, iwwer de Rondpoint an der Le'h, an da bis bei d'Spillplaz an och do erëm esou zeréck, sou datt d'Leit do kënnen hir Reflexer a gesondheetlech Fitnessstärken andeems se dann iwwer déi verschiddenen Elementer do ginn.

De Guy Netgen mécht dat mat senger Leit a fir den Entretien, do hu mir natierlech och iwwerluecht. Et ass eppes ganz Spezielles, Dir wësst, datt dat esou Felder sinn, wou verschidde Materialer sinn, déi hondsfrëndlech sinn natierlech muss do e regelméisseg Kontrollgang gemaach ginn.

Dee Buerfousswee soll och nëmmen op si vum Mee bis spëtstens de 15. September an do ass all Dag e Passage néideg an ech denken, datt mir do eng Ekip wäerte fannen - d'Josiane Di Bartolomeo-Ries weess do nach e bësse méi - datt mer vum CIGL eng Ekip kréien, déi enner anerem den Entretien wäerte gewähren, net nëmmen alleng um Buerfousswee mä och nach fir eis Cité jardinière, datt mir do e Suivi dran hunn, datt do ëmmer den Etat de propriété deen onbedéngt wichteg ass, do behalen gëtt.

An de Käschtepunkt wäert sech vill méi déif belafe wéi déi 20 000 Euro. Merci.

Josiane Di Bartolomeo-Ries (LSAP): Villäicht ganz kuerz, et ass elo scho vill iwwer dee Buerfousswee geschwat ginn, mir wollten iwwer de Forstplang schwätzen, ech fannen et awer trotzdem ganz flott.

Den Här Zuang schafft de Moment un dem Projet, dofir wëlle mir net ze wäit an déi Detailer goen, awer wat d'Madame Goergen gesot huet ass och net falsch, mir maachen ganz oft Projeten, déi herno net méi vun eise Service kennen assuréiert ginn.

Den Här Manderscheid kann dat bestätegen, mir haten dës Woch eng Reunioun a mir wäerten déi nächst Woch och nach eng Reunioun hunn, wou mir fir all déi Saachen wéi de Buerfousswee, wéi de Kannerwanderwee, wéi d'Héichbeeter bei de Schoulen, déi Cité jardinière am Mäerchebësch, mam CIGL zesammen z'arrangéiere fir datt si deen Entretien iwwerhuelen, dat heescht och am Wanter mussen Saachen ugestrach ginn, et ass Aarbecht do fir e ganz Joer an eis Servicer komme mat all deene Projeten net méi no.

Dat ass och eréischt an der Schwief, mir hunn och eréischt eng éischt Reunioun d'nächst Woch an dann hale mir lech do um Lafenden.

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Merci och dofir, da géif ech soen, datt esouwuel de Guy Netgen wéi och de René Manderscheid op déi Punkten aginn.



Guy Netgen (Fierschter vun Diddeleng): Ech soen dann dem Här Gangler an dem Här Glesener Merci fir déi Léif Wieder, déi se do fir eis Wanderung duerch d'Le'h haten, an och iwwert d'Opstellung vum Gestionsplang.

Dann zu den Awänn vun der Madame Goergen, also vum Coupenezeechnen, wann een dat géif besser zeechnen, do hutt Dir absolut Recht, mir sinn och dëst Joer besser opgestallt, mir hu vun eiser Verwaltung nei Panneau kritt an och Kalikoen, wou d'Dauer vun den Aarbechte drop steet an och e bëssen Hiweiser, wisou dat gemaach gëtt. Also dat ass wouer, dat war net nëmmen hei zu Diddeleng de Problem mä och op anere Plazen, wou déi Awänn do komm sinn an elo hu mir dann neit Material kritt. Dat kënne mir dann och elo dëse Wanter ausprobéieren.

Wat déi Saach mat de Bëscherleieloossen ugeet, wou Dir gesot hat fir méi Bëscher leienzeloossen, dat ass awer och schonns an deem neien Natura 2000 Plang virgesinn. Mir hunn déi Weeër och eng Kéier gezechent, mir kënnen och gäre mat der Ëmweltkommissioun do en Tour dréine goen, wou mir déi Saache kucke ginn.

Ënnert anerem hu mir an der Där, wat jo nëmmen e Bësch ass vun 20 Hektar oder esou, do hu mir 6 Hektar gezechent wou guer net méi dra geschafft gëtt. Den Terrain gëtt einfach mat enger gewellterer wäisser Linn op de Beem gezechent, wou een da gesäit wou déi Limit ass, mä do sinn awer elo déi 6 Hektar gezechent, déi ganz erausgeholl gi sinn.

Mir hunn och esou eng am Bloklapp gemaach, mir hunn der um Ginzebiërg gemaach, mir sinn och elo nach amgaangen, eng am Wal anzeriichten an nienendrun ass festgeluecht, datt mir pro Hektar awer eng gewëssen Unzuel u Beem markéieren, déi dann als Biotopbeem dem Verfall iwwerlooss ginn, déi also net gehae ginn.

Do muss ee just kucken, mat de relativ ville Weeër, wéi mir dat maachen, ob mir net awer besser kleng Insele maachen, wou mer dann e puer Beem maachen, déi ee besser kann zeechnen wéi sou eenzel Beem, déi am Bestand stinn.

Wa mir se markéieren, do kënnt esou en Dräieck drop mat enger Nummer, déi gëtt mam GPS opgeholl an agedroen, mä de Problem ass, datt dat hei zu Diddeleng, ronderëm de Ginzebiërg zum Beispill,

meeschtens al Buche sinn, well weider net esouvill Eechen do stinn an déi Buchen hunn eben de Problem, datt se ab engem gewëssenen Alter, wann een se stoe léist, wann een se dem Verfall iwwerléisst, datt se kënnen zu all Moment brieche, wat eng Gefor duerstellt an an esou Bëscher wéi hei, wou awer relativ vill Weeër sinn, befestegt Weeër oder Weeër, déi d'Leit sech selwer getrëppelt hunn, an awer och ëmmer rëm genotzt ginn, do musse mir kucken, aus Sécherheetsgrënn, wou mir déi Biotopbeem zeechnen.

An esou Bëscher wéi de Wal oder Där ass dat méi einfach mat deenen alen Eechen, do sinn och manner Weeër dran.


Dat mat den Dekonten, do hutt Dir Recht, ech presentéieren hei ëmmer de Plang vum Joer, mä den Dekont gëtt vun der Gemeng, also vum Här Pull kontrolléiert, well mir net méi Sue kënnen ausginn, wéi gestëmmt ginn.

Mir dierfen elo net iwwer déi Budgete goen, natierlech sinn heiansdo Aarbechten, déi an engem Joer net gemaach ginn an dann dat Joer drop gemaach ginn oder dat Joer drop nach eng Kéier optauche mam Plan de Gestion, och bedingt duerch d'Wieder.

Mir hunn nëmme fënnef Bëschaarbechter hei zu Diddeleng, déi sinn awer net nëmme fir de Gemengebësch, mä och fir de Staatsbësch zoustänneg, ënner anerem war elo dee Jong, dee sollt de Barfußwee maachen - en huet och schonns ugefange mat e puer Konstruktiounen - mä dee war 6 Méint beschäftegt zu Käl fir en Iwwerdach fir Kéi opzeriichten, wéinst enger Exploitation extensive.

Well dat un sech Staatsaarbechter sinn, sinn se elo net direkt un d'Diddelenger Revéier gebonnen an de Jong ass handwierklech e bësse méi begaabt fir esou Saachen ze maachen an dofir gëtt en op anere Plazen erbäigegunn, dat ass zwar bëssen en Nodeel, de Salär ass da vläit hei virgesinn, mä da muss en awer dann heiansdo Aarbechten op anere Plaze maachen.

Dat ass net ëmmer esou einfach an dofir sinn och verschidden Aarbechten, déi dëst Joer ugefange ginn an dann eréischt dat nächst Joer fäerdeg gemaach kënne ginn. Dat läit um Personalmangel oder u Personalgrënn.



De Klimawandel, Eechen, Eschen, dat muss een elo ofwaarden, et mécht sech schonns bemierkbar, dat ass richtig.

Eis Eechebëscher wéi mir se kennen, oder wéi mir se vertrueden hunn hei am Wal, dat si geschützten Habitater hei op Europeaniveau an do kann een net einfach soen, mir ersetzen déi Bamaart Eech elo duerch eng aner Holzart, well u sech verännere mir jo dann deen Habitat, Eechebëscher, Buchbeëscher, wat un sech europawäit awer geschützt ass.

Do musse mir effektiv villäicht kucken, datt mir eng Eech, d'Stilleech, déi hei e bësse méi vertrueden ass, z'ersetzen duerch d'Drauweene, dat ass dann nach dat selwecht Habitat, mä datt mir dann awer eng Eechenaart abréngen, déi e bësse méi un dat dréchent Klima gewinnt ass.

Wann ee kuckt, wéi laang eng Evolutioun vun esou engem Eechebëscher ass, dat ass eppes wat een net vun haut op muer ka maachen, dat hält vill Zäit an.

D'Altholzinsel, déi kënnen se esou al ginn wéi se wëlen, do sinn der drënner déi mat 150 – 180 Joer ausfallen, et sinn der natierlech och déi kënnen 300 Joer erreechen. Wat een ëmmer an de Bicher liest, dat ass de Maximalalter mä et sinn der vill, déi virun ausfallen.

Déi Altholzinselen, déi gezechent ginn, do kënnen Beem dra sinn, déi iwwer 200 Joer al sinn, et sinn der natierlech och dran, déi méi jonk sinn oder déi dout sinn.

An deene Laubholzinselen falen dann déi al Beem eng Kéier aus, well se eben hiren Alter erreecht hunn an an d'Verwalzphase kommen, an niewendru sinn déi e bësse méi jonk, déi dann erëm d'Plaz anhuelen, déi da méi déck ginn an ënnendrënner kommen da méi jonker an deem Lach, dat entstanen ass doduerch, datt déi Beem, déi an der Verfallsphas an de Koup falen oder keng Kroun méi hunn oder esou, an an deem Liicht kommen da méi jonker op, esou datt awer e permanente Bësch do ass, an deem och permanent al Beem, déi misste fir déi Flechten, déi Moosen oder déi Käferen, Insekten oder Fliedermais, déi op esou al Beem ugewise sinn, den Zweck erfëllen.

Et kann awer och sinn, datt mol eng Altholzinsel effektiv e bësse méi groussflächeg ausfällt oder esou, mä dat ass näischt Permanentes, mir zeechnen déi

Altholzinsel, a wann se da villäicht de Sënn oder den Zweck net méi erfëllt, well se groussflächeg an de Koup gefall ass, da géife mir einfach niewendru op där selwechter Plaz eng nei Fläch ausweisen.

Dat heescht, datt zum Beispill déi eng Fläch, déi vläit nëmme méi aus jonke Beem besteet, datt déi eropwuesse gelooss gëtt, an niewendru gi mir eng nei Fläch zeechne vun där Gréisst vun där Fläch wat dann al Beem wieren.

Et ass elo näischt wat dauerhaft ass, et ass ebe just dauerhaft fir dee Moment wou se bis an d'Verfallsphas kënn, duerno géife mir dann eng nei Altholzinsel ausweisen.

Dat selwecht mat den Biotopbeem, wann déi ausgefall sinn, da géife mir nei Biotopbeem ausweise fir datt mir ëmmer eng gewëssen Unzuel vu Biotopbeem op der Fläch stoen hunn.

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Merci fir déi detailléiert Ausféierungen, déi och Abléck an de ganze Forstplang ginn an d'Bewirtschaftung ronderëm. Et ass alles gesot, da géif ech soen, datt mir bei de Vote kommen. Wien ass mam Forstplang averstanen? Dat ass **unanime**, Merci.

Da soen ech dem Gemengerot Merci an och dem Guy Netgen fir seng Zäit, an e bleift hei well am nächste Punkt geet et ëm eng Modifikatioun beim Kierfecht.

5. ÄNNERUNG VUM GEMENGERELEMENT PUNKTO KIERFECHTER

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Hei geet et dorëms, datt mir hei zu Diddeleng e Bëschkierfecht wëllen usiidelen, dat um Gehaansbiërg, dat ass e Projet, deen och an der Schäfferotserklärung steet, also en zousätzlechen neie Modus vun der Bestattung, vun der Baisatzung, an déi Emsetzung war eng Zesummenaarbecht vu staatleche Servicer a Gemengeservicer, an d'Uleedung war déi Circulaire ministerielle, déi ausgestallt gouf, an d'Emsetzung huet d'Josiane Di Bartolomeo-Ries gemaach, dofir géif ech him dann och direkt d'Wuert ginn.



Josiane Di Bartolomeo-Ries (LSAP): Merci, wéi gesot et ass eng Modifikatioun vum Reglement iwwert d'Kierfechter, mä mir hunn en extra Kapitel dragesat, well et e grouesse Projet ass, a fir all Punkt ëmmer erëm eranzehuelen an d'Reglement, hu mir dat Kapitel dobäigesat.

Fir d'éischt awer mol, den Här Buergermeeschter huet et gesot, wou kennt dee Bëschkierfecht hin?

Dat waren e ganze Koup Diskussiounen, déi ech zesumme mam Fierschter hat, well de Guy Netgen huet et virdrun och selwer gesot, alles wat am Bësch geschitt, dat concernéiert hien an hien ass dofir zoustänneg.

Mir hunn eis dunn zesumme gesat an doriwwer diskutéiert, do ginn et déi Ligne-directrice vun der Administration des Forêts, wou alles dra steet wéi déi Plaz muss sinn, wou een e Bëschkierfecht wëll amenagéieren.

Den Terrain dierf net zevill am Hang sinn, e muss liicht accessibel sinn, mat Parkingsméiglechkeete, an eng gewësse Rou muss do sinn.

Et sinn e ganze Koup Oplagen, et sinn awer net nëmmen Oplagen zum Site selwer, mä och wéi d'Bestattung soll oflafen a wien d'Gestioun vun deem Bëschkierfecht mécht.

A wat eis am Fong arrangéiert huet, do beim Gehaansbiërg ass keng Juegd, soss hätt mir och do missten oppassen.

De Guy Netgen an ech sinn eis relativ séier eens gewiescht, wou de Kierfecht sollt hikommen, mir sinn dorobber kucke gaangen op de Gehaansbiërg a mir hunn déi Parzell, déi der Gemeng Diddeleng gehéiert, déi huet 2,96 Hektar, do hu mir gemengt, dat wier déi richteg Plaz fir esou e Kierfecht ze amenagéieren, well d'Leit do och kënnen hikommen.

Nodeems mir dat du festgehalten hunn, déi Parzell, hu mir missten eng Demande maache beim Direkter vun der Natur- an Ëmweltverwaltung a mir hunn dëst den 19. September gemaach an am Oktober krute mir d'Äntwert, den Avis positiv, wou si eis soten, si wiere mam Site averstanen, dee mir ausgesicht hunn, dee géif och en Deel vun deene Ligne-directricen erfëllen. An do ass et awer och esou, datt si eis och am Bréif matdeelen, datt si dat éischter an engem regionale Charakter géife gesinn, si wiere frou wa

mir Nopeschgemengen och géife mat eranhuelen. Dat hu mir dunn och direkt gemaach, mir hunn eis STEP-Gemengen ugeschriwwen, Rëmeleng, Kayl, Beetebuerg a Réiser, déi hu mir gefrot ob si bereet wieren, bei dësem Kierfecht matzemaachen.

Mir hu bis haut schonns Äntwerte vu Beetebuerg, déi selbstverständlech bereet sinn, do matzemaachen, vu Rëmeleng hu mir och d'Konfirmatioun, datt si matmaachen a Käl-Téiteng huet eis gesot, datt si net matmaache well si eigentlech schonn eng Konvention mat Schëffleng hunn, an doduerch net de Besoin do ass fir dat doten ze maachen.

Ech wëll kuerz awer soen, mir hunn och missten de Ministère de la Santé uschreiwen, déi missten och en Avis ofginn, an och do ass de Bréif erëmkommouni Objektiv, mä si proposéieren awer zwou Ëmännerungen am Dokument, op déi ech herno zeréck kommen.

Zum Reglement, Dir kënnt do d'Kapitel 8 an deem Reglement, dat mir gemaach hunn, dat seet am Fong déi verschidden Detailer, wéi mir de Bëschkierfecht maachen, oder dat regléieren, dat steet do dran. Ech ginn net op all Artikel an, wat awer wichteg ass, den Artikel 37: Wien dierf do gestreet ginn.

Den Artikel 38 ass méi interessant. Mir hunn den Ament 20 Beem rausgesicht an numeréiert, wou mir soen, do dierf gestreet ginn a ronderëm al Bam kommen 10 Konzessiounen, dat heescht do kënnen méi Leit gestreet ginn. An si soen an der Ligne directrice, 10 Streeunge pro Bam. Mir hunn awer gemengt well mir keng Lächer maachen, mä reng Streeungen, kéinte mir déi Konzessiounen awer och méi héich halen.

Wat dann nach dobäi kennt, d'Konzessiounen bei eis sinn 30 Joer, mir maachen do net fir 15 Joer. Mir passen eis hei deenen aneren un a maache fir 30 Joer Konzessiounen, déi sinn natierlech erneierbar an dann, wat ganz wichteg ass, mir maachen nëmme Streeungen, do gëtt et och net vill ze soen. Da kommen déi normal Artikelen, déi soen, wann eppes geschitt, wann e Bam futtifiert, wien do d'Responsabilitéit iwwerhëlt, oder d'Fraise fir dann en anere Bam erauszesichen.

Mir bauen och en Holzhäische fir Zeremonien, dat steet awer nach net do, well mir missten do d'Baugenehmigung am Ministère de l'Environnement



ufroen an och hei op der Gemeng. Et ass preparéiert fir et opzeriichten, awer wéi gesot, mir waarden do op déi Genehmegungen, an do ass et esou, datt eng Plaque commémorative soll an oder niefen d'Häische kommen, dat kuckt de Guy Netgen nach, wann d'Haus steet. Fir deen eenzelne Bam steet dann do, deen an deen huet d'Konzessioun an deen an deen ass do gestreet.

Wat och ganz wichteg ass, ass datt den natierleche Charakter do respektéiert gëtt, dat heescht, d'Leit dierfen do net ufänken, riseg Gerpen do eropzeschleefen an déi bei de Bam leeën, et ass alles relativ natierlech gehalen.

De Guy Netgen huet nach eng Bänk um Site selwer opgericht, falls emol ee wëll dohinner goen, an net sougutt zoufouss ass. Wat och relativ wichteg ass, fir déi Lait déi mech relativ oft froen, oder wou aus deem Quartier selwer Reklamatioune kommen et kënnt och eng Barrière ënnen hin. Ausser den Doudewon, deen do eropfiert, kann net all Mënsch mam Auto bis bei dat Häische fueren.

Mir géifen den 1. Januar ufänken, mir haten och bei deem Projet Geleeënheet, e Chômeur de longue durée anzustellen, deen sech dorëms këmmert an dem Guy Netgen ëmmer eng Hand upéckt an och bei den Zeremonien ass hien zoustänneg.

E grouse Merci dem Guy Netgen an och dem Service vum État civil an dem Service vun de Kierfechter an och dem Patrick, deen eis bei dem Reglement eng gutt Hand ugepaakt huet fir alles esou ze maachen.

Zum Bëschkierfecht ass dat alles, da kommen nach déi zwee Punkte vum Ministère de la Santé. Dir hutt de Bréif gesi vun der Santé, déi soen eis, oder rekommandéieren eis, zwee Artikelen an eisem Dokument déi mir sollen ëmänneren.

Si haten awer dat aalt Reglement vun 2005 a mir hunn elo awer geduecht, datt mir e Kapitel bäigesat hunn an do huet alles no hanne geréckelt an bei eis stinn déi Ëmännerungen elo am Kapitel 9, den Artikel 58, Dir gesitt et do hutt Dir et, dat sinn déi Saachen, wou de Ministère de la Santé eis seet wéi mir dat sollen dohinner schreiwen.

Mir hunn dat natierlech och gemaach an dann ass en zweeten Artikel do, am Kapitel 11, den Artikel 64, och deen annere mir esou ëm, wéi si eis dat proposéieren.

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Merci dem Josiane Di Bartolomeo-Ries fir déi Presentatioun. D'Diskussioun ass op.

Claude Martini (CSV): Merci, den Dout ass en Deel vum Liewen, awer en trauregen an e schmärerzlechen, fir mech ass de Bësch déi Plaz, wou een de Gedanke ka fräie Laf loossen.

De Kierfecht soll op enger roueger Plaz sinn, wou net zevill Trafik ass, wou net zevill Leit sinn, dofir ass déi Plaz ideal, déi Dir erausgesicht hutt. D'Haard, d'Antenn, d'Le'h déi wieren dofir net a Fro komm. Dofir kritt Dir eis Zoustëmmung. Mir hu just eng Fro an zwar am Bréif un de Ministère du Développement durable, do steet 3,5 Hektar dran an um Excel ass 295 oder 296, kënnt Dir eis dat just kuerz erklären?

Jean-Paul Gangler (CSV): Merci, ech hätt eng Fro un den Här Netgen, déi ech schonns bei der Bëschvisite ugeschnidden hat, déi e mir awer net ganz kloer konnt beäntweren. Wéi ech dorobber kucke war, hunn ech ongeféier 20 Beem gesinn, déi ofgeseet waren. Ech wëll net pretentiéis sinn a behaapten ech si Spezialist a kennen eppes dovunner, mä déi Stëmp vun deene Beem hu mir awer gutt ausgesinn. Dunn hunn ech mech gefrot, wann déi esou viru fueren, wou maachen se dann de Bëschkierfecht hin, wann herno keen Bësch méi do ass? Wann ech do kéint eng Informatioun kréien, firwat déi Beem hu missen ewechgemaach ginn. Merci.

Michèle Kayser-Wengler (CSV): Merci Här Buergermeeschter. Also, ech hat de Weekend schonns Loft geholl fir hei lasszeleeën a mech opzereegen well erëm iwwer d'Taxereglement an d'Bëschkierfechtsreglement ouni Diskussioun sollt de Projet duerchgewonk ginn, mä mir krute jo dann e Méinden allegueren déi néideg Ënnerlagen, villmools Merci.

Ech huelen un, datt d'Madame Di Bartolomeo dat gemaach huet, do krute mir de Leitfade vun der MDDI fir d'Erriichtung vun engem Bëschkierfecht, e Kadasterplang, d'Demande vum Schäfferot, d'Äntwert vum Ministère an sou stelle mir eis dat och vir, datt een da ganz flott kann iwwer déi Saachen diskutéieren. Den Här Martini sot et schonns, mir si ganz averstanen.

Ech hu just eng kleng Fro: Den Artikel 43 dat ass mir net kloer: "Peuvent être inhumés dans une concession énumérée", de Punkt c, "avec l'accord du



concessionnaire, les personnes auxquelles l'attachent des liens de parenté, d'affection et de reconnaissance" - an et steet awer am Artikel 38, "aucune concession n'est accordée au préalable".

Wa jo awer een dout ass, da kann deen net den Accord ginn, datt do nach een aneren dohinner kënnt. Dat fannen ech an der Rhetorik e bësse kontradiktoresch. Wien decidéiert dann? Dat ass just eng prinzipiell fro.

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Dat geet iwwer d'Testament.

Josiane Di Bartolomeo-Ries (LSAP): Déi Konzessioun geet jo weider, mir maache keng am Virfeld. Wann elo ee stierft, dann hëlt een eng Konzessioun a seet, voilà, dat ass meng. An dann duerno, wann dee selwer stierft, da kritt jo en aneren aus der Famill déi Konzessioun, dat geet jo ëmmer weider un déi Leit, déi do an deem Artikel 43 definéiert sinn.

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): D'Testament kann eng Äntwert sinn, effektiv. Gëtt et nach weider Stellungnamen?

Henri Glesener (LSAP): Merci, mir begréisze ganz explizit, datt mir hei zu Diddeleng elo och esou en Bëschkierfecht opmaachen. Et ginn ëmmer méi Leit, déi dee Wonsch ausdrécken, an der Natur verstreet ze ginn. Si wëlle keng Blummen, keng reliéis awer och keng aner Zeechen, keng Käerzen, keng Fotoen. Si wënschen sech um Enn vun hirem Liewen erëm mat der Natur ze verschmelzen.

Dëser Demande kënne mir vun elo u gerecht ginn an dat ass ganz gutt esou. Déi Plaz, déi ausgesicht ginn ass, an dat hutt Dir och schonns gesot, kéint net besser sinn. Et gëtt och e proppere Wee dohinner. Et gëtt op enger vernünfteger Distanz eng Méiglechkeet fir ze parken an den TICE hält och ganz no dobäi. Déi Beem op där doter Plaz hunn dee richtegen Alter, si stinn net ze no beieeneen an och net ze wäit verstreet. Mir erfëllen do och all legal Kritären, déi un esou eng Plaz gestallt sinn.

Hei kënne Mënschen hir lescht Rou fannen, onofhängeg vun hiren Iwwerzeegungen oder hiren Glawensgemeinschaften. Fir mech huet dat eng ganz grouss an eng ganz staark Symbolik.

De Gehaansbiërg huet eng rezent Geschicht. Am 2. Weltkrich war de Gehaansbiërg jo schonns emol erausgesicht gi fir Krichsaffer do kënnen ze begruewen. Vu 1945-55 gouf op der Nordsäit, also zum Butschebuerger Duerf zou e sougenannten Éierekierfecht gehalen.

Haut, also méi wéi 50 Joer no der Ofléisung vun dësem Kierfecht, erënnert eng relativ nei Gedenktafel op där Plaz nach un déi Zäit. De Gehaansbiërg huet awer och eng al a laang Geschicht. D'Buergruinen op senger Kopp sinn interessant Zäitzeien a lueden an, sech fir déi Geschicht an déi Plaz ze interesséieren. Fir mech huet dee Biërg do eng quasi mystesch Ausstrahlung.

Mat deem neie Bëschkierfecht kritt en elo nach eng nei Aufgab a Bestëmmung dobäi. Ech wëll vun dëser Plaz aus profitéieren fir Merci ze soen un all déi déi dozou bäigedroen hunn, fir dës Plaz auszewiesen.

Dem Fierschter a senger Leit, déi dës Plaz scho preparéiert hunn, an och weider amenagéieren an och wäerten dono dofir suergen, datt se an der Rei bleift. Dem Gemengepersonal, besonnesch an dësem Fall de Leit, déi sech ëm d'Kierfechter bekëmmern, also eisem Service Cimetières.

All Kierfecht gehéiert zu der Visitëkaart vun enger Stad an dat sollte mir nimools vergiessen. Villmools Merci fir d'Nolauschteren.

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Merci, ginn et nach weider Stellungnamen?

Josiane Di Bartolomeo-Ries (LSAP): Merci, ech ginn nach just op déi Fro vum Här Gangler an. Effektiv, am Bréif steet 3,05 an an der Parzell steet 2,95 Hektar, mir hunn de Bréif esou wéi den Här Netgen eis e ginn huet an d'Natur- a Forstverwaltung geschéckt, dann et ass do effektiv am Bréif e Feeler awer et ass just e Schreiffeeler am Bréif, net an der Parzellebeschreiwung, méi ass et net.

Guy Netgen (Fierschter vun Diddeleng): Jo, déi Beem, déi mir do erausgesicht hunn. Effektiv hu mer do eng Rei Beem ewechgehaen, déi ware relativ no bei deene Beem. Et ass e Mëschbësch, also Nolebeem mat Laafbeem zesummen an do waren eng Partie vun de Nolebeem, virun allem Melaisen, déi e bëssen ënnerdréckt waren, déi och relativ kromm gewuess sinn



an déi hu widder déi Beem geschautert hunn oder an de Krounenberäich eragewuess sinn, dofir hu mir déi ewechgehaen. Mir mussen och nach eemol elo haen, well do eng Partie Fichte riets stinn wann een erakënt an do ass leider de Borkenkäfer dran, déi musse mir och virdrun ewechhaen. Mir kënnen déi net stoe loossen, wa mer elo dat nächst Joer mam Bëschkierfecht ufänken an da stinn do déi futtis Fichten.

Duerno planze mir direkt e puer nei Lafbeem dohinner fir déi Lächer ze fëlle mä un sech ass et net esou, datt mir do schéi gesond Beem ewechgehaen hunn, mä mir hunn e puer schlecht a kropeg Beem ewechgemaach fir deenen anere Beem Plaz ze maachen, déi da méi zur Geltung kommen. Ausser de Fiichten gëtt awer elo do näischt méi ewechgemaach.

Bis elo war keng Juegd um Gehaansbiërg, dofir hate mir dat do erausgesicht mä elo mat der neier Lousverdeelung kënnt de Gehaansbiërg erëm an e Lous mat eran.

Datt do keng Juegd war, war einfach mat dem ale Juegdsyndikat ofgemach, d'Gemeng hat do viru ganz länger Zäit, dat Lous verginn, ebe mat der Remarque, datt um Gehaansbiërg net dierf gejet ginn. Dat steet awer net am Gesetz a bei där neier Opdeelung muss ee kucke fir mat dem neie Juegdsyndikat fir do en Accord oder e neie Kompromëss ze fannen.

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Ech mengen, datt dat eng Evidenz wäert sinn, ech denken, datt dat och kloer hei vum Gemengerot de Message ass an datt dat och unanime ass. Da gi mir de Message och weider als direkt Reaktioun dorop. Ech wollt dem Här Gangler nach d'Wuert ginn.

Jean-Paul Gangler (CSV): Merci, wann ech just dierft eng kleng Fro noschécken zu der Zort vu Beem, déi op engem Kierfecht mussen oder dierfe stoen? Am Text gouf op Buchen an Eechen higewisen. Gëtt et do en Artikel, dee seet, datt just déi zwou Zorten op engem Bëschkierfecht dierfe stoen oder sinn aner Zorten och zougelooss?

Guy Netgen (Fierschter vun Diddeleng): Et ass e bësse schwéier, mir haten do och Diskussiounen mat engem Service bei eis an der Direktioun. Un sech steet jo iwwer e Bëschkierfecht näischt an engem Naturgesetz oder am Natura2000 Gesetz, an e Bëschkierfecht ass vum Gesetz hier net reglementéiert.

Dofir huet eis Direktioun do déi Richtlinnen erlooss, mä un sech sinn dat awer nëmme Richtlinnen, et ass elo net esou, datt dat nëmme dierfe Lafbeem sinn oder sou, et stinn och puer schéi Kieferen do, do ass de Virdeel, datt déi och am Wanter gréng sinn.

Wéi mir do uewe waren, hu mir net fonnt, datt eppes dogéint schwätzt fir e puer Nolebeem do mat an dee Kierfecht ze huelen.

Ech wollt nach dobäi soen, de Moien huet den Här Leytem, den Arrondissementschef mir ugeruff a vu, datt mir mat dem enge Service bei eis e bësse Komplikatiounen haten, huet hien do elo nach eemol intervenéiert an si hunn elo gesot, datt et muss kee regionale Charakter hunn, mä datt de Kierfecht u sech alleng fir d'Gemeng Diddeleng kéint do sinn. Elo ass et awer ze spéit mä bon.

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Merci dem Guy, och wann déi frësch Nouvelle elo un eis erugedroe gëtt, d' Stad Diddeleng huet jo regional Aufgaben an et ass jo och en Rôle, dee mir gäre wouerhuelen och an dësem Kontext.

Josiane Di Bartolomeo-Ries (LSAP): Jo, effektiv, et steet an der Ligne directrice dran, de Bam muss eng Eech sinn, tëscht 80 an 100 Joer hunn, mä dat sinn awer nëmme Lignen, dat heescht, dat si keng Kritären, un déi mir eis mussen 100% halen.

Si schreiwen och dran, all Numm muss an de Bam gehae ginn, oder muss festgemaach ginn op enger Héicht vun 3 Meter, mir waren awer der Meenung, datt et awer einfach op enger Plaque commémorative soll stoen, fir wann och emol eeler Leit wëllen dohinner goen an sech do an deem Haischen ophalen an deen Numm do gesinn... et sinn eben einfach nëmme Richtlinnen, et ass net esou, datt mir eis ganz konkret dorunner mussen halen. Merci.

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Merci dem Josiane Di Bartolomeo-Ries. Wien ass domadder averstanen? Dat ass **unanime**, Merci. Da soen ech dem Gemengerot Merci, ech soen och dem Guy Netgen Merci fir seng Präsenz an da komme mir op den nächste Punkt an deen ass och en lien mat deem Vote, dee mir elo just geholl hunn, an dat ass dat neit Taxereglement och fir de Bëschkierfecht.



6. GEMENGEFINANZEN

6.2. Ännerung vum Kapitel VI – Kierfechter a Colombarie vum allgemengen Taxereglement

Josiane Di Bartolomeo-Ries (LSAP): Merci, also mir hunn am Taxereglement de Bëschkierfecht nach ënnen dobäigesat.

Dir gesitt, datt d'Konzessioun, déi accordéiert gëtt op 30 Joer, do froe mir 25 Euro. Wann een elo géif kucken, ech hunn e bëssen de Verglach gemaach, leie mir am Fong eigentlech ënnert dem Präis, mir hunn eis awer ugepasst un eist eegent Taxereglement, dat heescht mir kënnen net fir eng Konzessioun vun engem Bëschkierfecht 125 Euro froen a fir eis eege manner dofir sote mir, mir passen se un, dat ass dann d'Konzessioun fir 30 Joer, natierlech kann een déi erneieren, dat kascht dann nach eemol 12,50€ a wat dobäi kennt, dat ass am Artikel 7 de Punkt B, dat ass d'Streeung plus d'Plak, dat kascht 75 Euro, sou datt dat ganzt 100 Euro déi éischte Kéier kascht a wann herno nëmmen nach gestreet gëtt an eng Plack kennt, dat heescht ab dem zweete Stierffall an der nammlecher Konzessioun, kascht et nach just 75 Euro.

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Wien ass mat deem ofgeännerten Taxereglement averstanen? Dat ass **unanime**, Merci.

6.3. Approbatioun vum éischten Avenant vum Contrat de sous-location mat dem Lëtzebuurger Staat fir een Deel vum Gebai mam Numm "Gréngt Haus"

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Da gi mir op deem nächste Punkt weider, dat ass am Fong d'Approbatioun vun engem éischten Avenant vun engem e Contrat de souslocation a betrëfft am Fong d'Gréngt Haus, respektiv d'Action locale pour Jeunes.

Et ass esou, datt mir säit 2013 hei zu Diddeleng am Gréngen Haus eng Action locale pour Jeunes hunn, déi fir Diddeleng zoustänneg ass an och am Kader vun der Reorganisatioun hei am Süden ass, do ass och d'Demande komm vun Action locale pour Jeunes, deem Deel, deem se zu Rëmeleng hunn, op Diddeleng ze transferéiere fir datt och d'Stad Diddeleng eise regionale Rôle kënne weider wouerhuelen, an et sinn am Fong zwee Mataarbechter, déi concernéiert sinn a vu, datt mir effektiv och Plaz am Gréngen Haus

hunn, well jo och duerch d'Annex vum Policegebai dat opgaangen ass, e Service jo eraus geplënnert ass, datt jo och effektiv do elo weider Disponibilitéite si fir en neie Service unzehuelen.

D'Action locale pour Jeunes ass jo e staatleche Service, deem ënnersteet dem Éducatiounsministère an am Fong ass en do fir Jonken a schwierere Situatiounen ze hëllefen. Et ass och e Service, dee mat eise Gemengeservicer zesummeschafft, virun allem fir Jonken a schwierere Situatiounen, sief et sozial, familiär, wéi awer och Schoulofbriecher, déi déi Jonk informéieren, beroden, fir Formatioun ze maachen, hinne Perspektiven bilden, also e wichtege Service, deem och e flott Netzwierk hei huet an an deem Kontext, wann och déi Rëmelenger Servicer op Diddeleng komme fir dësem Rôle gerecht ze ginn, stelle mir hinne weider Flächen am Gréngen Haus zur Verfügung, eng Bureausfläch vun 23 m² an och vu 15 m², dofir hu mir hei en Avenant zum Contrat de bail, dee mir 2013 haten, a mir froen hei dem Staat e Loyer vun 6 000 Euro fir datt déi Servicer sech do kënnen usidelen.

Dat zu der Erklärung firwat mir deem Avenant hei virleien hu fir d'Action locale pour Jeunes. Et gëtt weider keng Stellungnam dozou, da komme mir zum Vote. Ass de Gemengerot mat dësem Avenant averstanen? Dat ass **unanime**. Villmools Merci fir d'Zoustëmmung an d'Action locale seet lech och Merci.

6.4. Approbatioun vun drëtten Avenant vum Mietvertrag vun der Buvette vun der oppener Schwämm

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Da géife mir weider fueren, vum Centre an déi oppe Schwämm, do geet et hei ëm en drëtten Avenant, e Contrat de bail mam Här Buttiglione wat d'Schwemm ugeht.

Mir haten do schonns en éischten Avenant 2014, en zweeten 2015 an elo deem drëtten hei 2018, datt mir och him fir déi nächst 3 Joer also bis 2021 d'Buvette an der oppener Schwämm zur Verfügung stellen, respektiv him déi Locatioun zougestinn, fir datt an de Summerméint och hien do d'Buvette ka maachen. Voilà, dat ass eng Weiderféierung fir de besteende Kontrakt, deem ausgelaf ass.

Michèle Kayser-Wengler (CSV): Den Artikel 1 an 3 kann ee villäicht aus dem Avenant eraushuelen, dat bezitt sech op Aarbechte vun 2015.



Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Jo, absolut, dat maache mir. Soss Stellungnamen? Ass de Gemengerot domadder averstanen? Dat ass **unanime**, da soen ech lech Merci.

6.5. Approbatioun vum Mietvertrag fir e Lokal fir d'Ariichte vun enger Quartiersepicerie

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Da gi mir weider an de Quartier Italien, do ass et esou, datt mir do virun enger Rei Joeren, wéi de Projet vum Fonds de Logement war, mat dem Commerce de proximité, deem do war, datt d'Gemeng dat Gebai kaf huet fir Propriétaire vun der Quartiersepicerie ze ginn, déi am Quartier Italien och ganz gutt funktionéiert, wat och punkto Proximité an Noversuergung wichteg ass, wou och vill Schüler vun der Annex vum Lycée dohinner ginn, awer och d'Awunner aus dem Quartier déi Epicerie notzen, also ganz vill Succès, et ass och quasi e sozialen Treffpunkt am Quartier.

Et ass elo esou, datt deem aktuelle Locataire, d'Madame Cerveira, decidéiert huet, dat net méi weiderzemaachen, et ass och hire Jong deem do war, mä si wëllen sech zeréckzéien, mä si haten awer, wéi se der Gemeng dat annoncéiert hunn, gesot si géifen dat eréischt maachen wann se nei Leit fannen, déi bereet wieren, och de Commerce z'iwwerhuelen awer och eng Persoun agestellt hunn, fir an der Epicerie ze schaffen, an datt se wélten, datt déi och géif mat iwwerholl ginn.

Et ass eng Status quo Situatioun, si hunn sech do Méi gemaach an hunn de Marché gemaach, an et sinn engersäits effektiv d'Madame Letão an den Här Horta, am Fong zwee Awunner aus dem Quartier Italien, déi och hei eng Sàrl gegrënnt hu fir dat ze iwwerhuelen. Dat heescht, de Status quo ass gewahrt, en plus mam Avantage datt et Leit aus dem Quartier selwer sinn, dat ass och en zousätzlechen Avantage wou ganz gutt ass, an dofir sinn hei zwou Etappen, engersäits d'Resiliatioun vun engem Accord, dee muss gemaach ginn, anerersäits natierlech zwëschent der Gemeng an der Madame Serveira, deem hei virläit, wou och eis Mataarbechter en Etat des lieux gemaach huet, dat ass alles an der Rei ass an dat ass och de Fall, an dann op där anerer Säit och déi zweet Etapp, de Contrat de bail mat der neier Sociéitéit, déi hire Siège op 32 rue Gare Usine huet, wou mir hei déi Epicerie verloune fir 3 Joer vum 1. November 2018 bis den 31 Oktober 2021, datt de

Loyer mensuel op 310 Euro fixéiert gëtt, datt deem eemol am Joer adaptéiert gëtt, den 1. November, dann déi klassesch Dispositiounen, datt de Locataire keng Changementen ka maachen an all Réparation locative iwwerhëlt, datt en och fir de Risque locatif eng Assurance ofschléisst, an datt alleguerten d'Gemengentaxen zu senger Laaschte sinn.

Et ass e Lokal wat mir verlounen exklusiv fir den Usage vun enger Epicerie de Quartier an wann iergendwéi e Changement soll kommen, da kann dat nëmme mat eisem Accord gemaach ginn, an dass eng Sous-locatioun net därëf stattfannen.

Dat ass also de Contrat de bail, eng propper Situatioun fir de Changement ze maache vun de Locataire, an awer den Objet vun der Epicerie sociale am Quartier kënnen weider oprechtzeerhalen.

Sinn nach Froen dozou? Da komme mir zum Vote. Ass de Gemengerot domadder averstanen? Dat ass **unanime**, Merci.

6.6. Approbatioun vun engem Verkafsakt mat der Gesellschaft Acrealux promotion immobilière S.A.

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Da komme mir op en Acte de vente vum 26. September 2018, dat ass d'Sociétéit Acrealux, vertrueden duerch den Här Leenmann an den Här Bragard, mat der Gemeng Diddeleng, vertrueden duerch de Schafferot, dat ass eng Parzelle op Rellent, vun 10,16 Ar, zum Präis vun 250 324 Euro, dat kafe mir am Kader vun der Utilité publique, d'Extensioun vun den Infrastrukture vum Stade Meyer a wéi alleguerten déi Akten, déi mir gemaach hunn, musse mir dat dem Gemengerot virleeën.

Dat zu dësem Acte. Stëmme mir of? Wien ass domadder averstanen? Dat ass **unanime**, da soen ech dem Gemengerot Merci.

6.7. Approbatioun vun engem Verkafsakt mam Lëtzebuerger Staat am Interessi vum Bau vun engem neien intermodale Schinn-Stroos Terminal Beeteburg-Diddeleng

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Da komme mir zu engem Acte de vente vum 26. September 2018 tëschent der Gemeng an dem Lëtzebuerger Staat, dat ass engersäits eis Gemeng, déi do optrëtt als Verkeefer an de Staat dee kauft an



dat Ganzt reit sech an déi Propriétéit vum aktuellen CFL Multimodal, do sinn 2 Parzellen, engersäits déi Parzelle wou de fréiere Baachverlaf war, also 0,15 Ar 20 Zentiar an awer och deen anere Baachverlaf, dat ass 1 Hektar 16 Ar 34 Zentiar, also am ganzen 1 Hektar 31 Ar an 54 Zentiar, an dat gëtt verkaf zu 700 Euro den Ar, sou datt déi Suen der Gemengekeess zegutt kommen, also 92 078 Euro, déi mir do kréien.

A wéi gesot, et ass och hei de Gemengerot, deen de Feu vert muss ginn, fir also hei eng Situatioun ze valoriséieren, wou CFL Multimodal nach drop ass, an hei d'Situatioun berengegen well si d'Extenssioun maachen an och Propriétaire si vum Rescht vum Areal.

Dat zu den Erklärungen, wat dëse Verkafsakt ugeet. Si Froen dozou? Stellungnamen? Dat ass net de Fall, da géife mir zum Vote iwwergoen: Wien ass domadder averstanen? Dat ass **unanime**, Merci.

6.8. Approbatioun vum engem notariellen Tauschvertrag

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Da gi mir iwwer, dat ass dee leschten Akte, en Acte d'échange, do gi mir op Biereng, do ass en Acte d'échange tëschent der Gemeng Diddeleng an der Madame Grosch a mir befannen eis do - fir eis ze situéieren - op der Diddelenger Baach, also de Wee op der Diddelenger Baach zu Biereng, do sinn engersäits 0,10 Ar an 0,02 Ar, also 0,12 Ar, déi der Gemeng gehéieren, an d'Madame Grosch, déi 0,1, 0,01 an 0,15 Ar huet an et ass am Fong op der Diddelenger Baach wou och deen Trëppelwee ass, do ass een Deel, deen der Madame Grosch gehéiert an een Deel, deen eis gehéiert op hirer Propriétéit, sou datt mir den Echange maache fir am Fong d'Situatioun ze regulariséieren, sou datt deen Deel, deen hir gehéiert huet um Wee, elo eis Propriétéit gëtt an deen Deel, deen eis gehéiert huet, dee gëtt elo hir Propriétéit, dofir maache mir elo den Echange, am Fong den Equiliber um Niveau vun den Aren, a mir iwwerhuelen d'Fraise vum Echange an natierlech kënnt dat an den Domaine public communal eran, dat wat mir vun hir kréien.

Ass de Gemengerot mat dem Echange averstanen? Dat ass **unanime**, Merci, da soen ech lech villmools Merci.

6.9. Verdeeel vum ausseruerdentleche Subsiden

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Da gi mir weider op ee Subside extraordinaire, dat ass d'Fondation vum Home St. Jean hei zu Diddeleng, déi huet eis e Courrier gemaach, datt eng Rei Reparaturarbeiten musse gemaach ginn an der Héicht vun 7 146,11 Euro, haaptsächlech d'Pompel, de Chauffage, respektiv awer och aner Arbeiten ronderëm d'Gebai an hei ass d'Propos, datt mir an där selwechter Logik wéi bei anere Subside 50% iwwerhuele vum Invest, dee getäteg muss ginn.

Ass de Gemengerot domadder averstanen? Dat ass **unanime**, Merci.

6.10. Approbatioun vum ofgeännerten Devis fir d'Reparaturarbeiten vum Pausenhaff an d'Neigestaltung vum der Spillplaz vum der Schoul Gaffelt

6.11. Approbatioun vum engem zousätzleche Kredit fir d'Reparaturarbeiten vum Pausenhaff an d'Neigestaltung vum der Spillplaz vum der Schoul Gaffelt

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Da geet et weider, do hu mir engersäits hei zu Diddeleng d'Situatioun, wou mir dem Gemengerot en Devis remanié musse virleeën an och e Crédit supplémentaire mussen ufroen, wat d'Arbeiten ugi vun der Spillplaz, respektiv den Haff bei der Gaffelt.

Dir wësst, datt déi Arbeiten deelweis gemaach sinn oder nach amgaange sinn, deen zweeten Deel nach kënnt, respektiv een Deel scho fäerdeg ass, wou jo d'nächst Woch d'Aweihung ass an et huet sech erausgestallt, datt am Kader vun deenen Arbeiten am Fong Enrobée sinn, HAPen, déi polluëiert sinn an déi mussen ewechgeholl ginn a mir mussen déi ewechhuelen.

Dat ass klassesch bei ville méi alen Belägg, wann een déi fräimécht, da muss een se och gerecht evakuéieren. HAP, dat sinn déi Hydrocarbures aromatiques polycycliques - ech hunn e bëssen nogekuckt, wat dat ass - déi fënnt een beim alen Gudrong esouwuel op esou Plaze wéi och op Stroossen, also eng gängeg Situatioun bei Arbeiten, déi an den 90er Joeren gemaach goufen a vu datt mir dat hei entdeckt hunn, musse mir en zousätzleche Kredit stëmmen fir dat ofzetransportéieren. Dat si 50 000 Euro, dat sinn



och Dechargen am Ausland, déi dat unhuelen, Lëtzebuerger Dechargë maachen dat net, dofir hei déi Propose fir dat kënnen en charge ze huelen, well dat am initialen Devis esou net virgesi war.

Dat zu den Erläuterungen, wat den Devis remanié an de Crédit supplémentaire ugeet.

Michèle Kayser-Wengler (CSV): Merci Här Buergermeeschter. Mir waren erstaunt iwwer dee Montant, 500 Tonnen, dat sinn 30 Camionen Decheten.

Wéini sinn déi ofgedroen ginn, dat ass emol eng Fro, dat muss jo dann an de Schoulvakanze sinn, soss ass jo déi Pollutioun an der Loft, dat ass jo de Moment och ginn wann s de dat do eraushëls, an da bemängelen mir jo natierlech och, datt dat am Devis net virgesi war, wann dat bekannt ass, wann een en ale Belag ewechhëlt, dann hätt och deen, deen den Devis ausgestallt huet, dat misse maachen.

Mir stëmmen dat mat well mir ebe fannen, datt et eng gutt Saach ass, datt do eng Spillplaz hikomm ass, mä do muss een d'Surveillance vun den Devisen am Kapp behalen, datt mir, wann et ëm d'Sanéierung vun anere Schoulhaff geet, déi mir dann och maachen, dat dann direkt dramaachen.

Mä 50 Camionen, dat ass awer erschreckend, wéi déif sinn se do gaange fir dat erauszehuelen? Dat ass jo awer keng esou eng grouss Surface.

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Mir wäerten op déi Fro agoen an den Esprit anticipatif fir déi nächst Chantieren. Sinn nach weider Remarquen? D'Josiane Di Bartolomeo-Ries (LSAP) geet nach op e puer Punkten an.

Josiane Di Bartolomeo-Ries (LSAP): Also, et ass schonns erschreckend wann een op eemol 50 000 Euro, déi een net virgesinn huet, muss bezuelen.

Effektiv sinn déi Aarbechten an der grousser Vakanz gemaach ginn, mir hunn der Gaffelter Schoul gesot, voilà, elo fänke mir un, elo huele mir alles eraus, si hunn dunn alles erausgeholl, si hunn natierlech relativ déif misste goen, an da kommen déi Zuele vu Camionen dobäi.

Wat awer geschitt ass, a wat e bëssen erstaunlech ass, an erkläert wisou et net previsibel war: Wéi den

Entrepreneur mam Camion do wollt de Belag wéi gewinnt tippe goen, do ass gesot ginn, Neen, mir huelen dat net un, an du si mir higaangen, do hu mir missten gewuer ginn, hei am Land hëlt Dir dat kee méi of an da bass de forcéiert, an d'Ausland dermat ze goen an dofir och déi Héicht. Et war wierklech net previsibel.

Wat een awer ka soen, et kann een et elo virgesinn, well am Gaffelter Schoulhaff stounge mir domm do, mä an Zukunft kann a muss een dat iwwerall arechnen am Devis.

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Merci fir déi Explikatiounen, mir wier et och léiwer wa mir net virun där Situatioun wieren, do si mir eis all eens. Mir ginn zum Vote iwwer: Wien ass mat deem Devis a mat dem Crédit supplémentaire averstanen? Dat ass **unanime**, Merci.

7. NEI FESTLEEUNG VUM SUPPLEMENT VUN NÉNG STONNE POLITESCHE CONGÉ PRO WOCH FIR D'DELEGÉIERTE VUN DE GEMENGESYDIKATER

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Da gi mir weider op déi nei Fixatioun vum Congé politique, do hate mir am leschte Gemengerot fixéiert, mir wëllen dat awer elo e bëssen ëmänneren, hei dat wat Dir virleien hutt fir déi 9 Stonnen, déi virgesi sinn effektiv hei 2 Stonnen dem Loris Spina ze ginn als Delegéierten am STEP a LASEP, 3 Stonnen dem René Manderscheid fir de STEP, de Minettskompost an d'SIDOR an dem Claudia Dall'Agnol fir de SICEC an den TICE. Dat ass déi nei Propos.

Wien ass domadder averstanen? Dat ass **unanime**, Merci.



8. ENSEIGNEMENT FONDAMENTAL – APPROBATION VUN DER DEFINITIVER SCHOULORGANISATION FIR D'JOER 2018/2019

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Elo komme mer zu der Presentatioun vun eiser Schoulorganisatioun vum Joer 2018 – 2019 an do ginn ech dem Josiane Di Bartolomeo-Ries d'Wuert.

Josiane Di Bartolomeo-Ries (LSAP): Merci, den Erni Ferrari kënnt och nach derbäi, dës Kéier ass et déi definitiv Schoulorganisatioun. Dir wësst, de 15. Juni hate mir hei déi provisoersch Schoulorganisatioun.

Fir d'éischt wëll ech mol soen, datt d'Dokument vu Joer zu Joer méi grouss gëtt, an ëmmer méi komplex an dofir wëll ech dem Erni Ferrari, de Schoulpresidenten, dem Comité d'école an der Direktioun Merci soe fir déi gutt Zesummenaarbecht, déi mir an esou organisatoresche Saachen ëmmer hunn.

Am Juni hate mir déi provisoersch a mir hunn do am Fong d'Klassen definéiert. Dat heescht, mir hu gesot, mir hunn esouvill Klassen am Cycle 1, 2 oder 3.

Den Ënnerscheid bei der definitiver, et gouf ëmmer gesot ja elo setze ma just nach Nimm op Klassen, ech muss awer soen, ech hunn dat ganz Dokument och nach eemol duerchgeschafft an et ass méi wéi Nimm op Klassen ze setzen, wéi ze soen, deen Titulaire hëlt elo déi Klass.

Mir hunn eis wéi ëmmer bei den Titulaires, déi op d'Klasse kommen un dat Dokument gehalen wat mir hunn, d'Règlement d'occupation des postes, awer wéi gesot, elo eréischt hei gesäit een, wéivill Saachen dobäikommen.

Eppes wat an der provisoerscher d'office net dra war, dat waren déi Cours d'accueil, den Appui an esou virun. Natierlech hunn och d'Chiffere geännert vum Juni un, mir kucke jo ëmmer de Juni selwer, mir hatten eis do op d'Chiffere vum Abrëll baséiert an do hate mir en Total vun 1 948 Kanner an eise Enseignement fondamental ageschriwwen.

Mir hunn der elo 1 942, dat heescht, am Cycle 1 sinn der 17 bäikomm an am Cycle 2-4 sinn der 23 ewechgefall. Firwat esouvill? Dat war well am Juni nach net kloer war mat den Rallongementen, bleiwen se nach oder ginn se weider? Dat ass dann elo an der definitiver alles kloer.

Ech nennen lech och gären e puer Chifferen: Mir hatten 955 Jongen, dat sinn 49,2% an 987 Meedercher, dat sinn 50,8%. Mir hu Lëtzebuurger an eisen Diddelenger Schoulen, 1 066, an Net-Lëtzebuurger 876. Dee Chiffer, deen ech och hei hunn, mir hunn 179 Kanner an de Schoulen, déi eng duebel Nationalitéit hunn.

Mir hu 60 Kanner, déi iwwer 12 Joer al sinn an trotzdem nach ëmmer am Enseignement fondamental sinn. Dat kënnt doduerch, datt si am Laf vum Enseignement e Rallongement wahrscheinlech kruten.

28 Kanner kommen aus anere Gemengen hei an d'Schoul a 5 Kanner hu mir hei, wou d'Eltere mat de Kanner a Frankräich liewen.

Vun Diddeleng aus sinn et 95 Kanner, déi an aner Schoule ginn, aus der Gemeng eraus an eng privat Schoul oder an d'Ausland ginn. Mir hunn an der definitiver Organisatioun 24 Kanner, déi manner wéi e Joer bei eis am Land sinn.

Am Cycle 1 komme 17 Kanner bäi, déi komme bäi an deene Klassen, wou mer nach Sputt hatten, et ass elo keng Klass, déi an Bedrängnis komm ass, well dat eent oder dat anert Kand dobäikomm ass.

Wat villäicht nach wichteg ass, dat ass de Precoce. Ech weess datt mir ëmmer vill iwwer dee schwätzen, mir hunn 121 Kanner am Precoce, mir hunn 189 méiglech Kanner, déi kéinten an de Precoce kommen.

Ech weess, datt de Reproche ëmmer kënnt, d'Plage-horaires, och do wäerte mir dru schaffen, fir datt mir méi eng grouss Offer kréien an der Ganzdagsbetreuung. Ech wëll awer soen, datt de Moment schonn 13 Kanner an der Lenkeschlei Ganzdagsbetreuung kréien a 15 Kanner um Strutzbierg. Eigentlech wier an der Lenkeschlei nach Plaz fir Kanner, dofir soen ech, et ass elo net wierklech Drock do, hei Dir musst elo direkt Plaze schafen. Hei hätten duerchaus nach kënnen 3 Kanner kommen, et war awer keng Demande do.



Wat och interessant ass, sinn eis Enseignanten, déi mir an de Schoulen hunn. Mir hunn 214 Leit de Moment, Instituteuren an Institutricen.

Et ass awer éischter esou, datt mir 170 Institutricen hunn, do ass den Effet, datt ganz vill Fraen an den Enseignement ginn, mir hunn nëmmen nach 44 Männer, mir hu Stagiairen, 7 Stéck. Mir hunn och 23 Chargéen a 7 Educatricë bei eis am Enseignement.

Da wëll ech kuerz drop agoen, well et e wichtige Punkt an déi gréissten Differenz zu der proviso-rescher Schoulorganisatioun ass, dat sinn natierlech déi Leçons spéciales, déi mir eigentlech elo eréischt kënnen verdeelen. Dir hutt dee ganzen Dossier virleien, jiddereen huet déi Lëschte kritt.

Dir hutt fir d'éischt eemol all eenzel Schoul, wou Dir gesitt, wéivill Stonnen se krute fir Accueil, IBS an Appui supplémentaire, wéivill Fräistellung se krute fir den Plan de développement scolaire, dat hutt Dir vun all eenzel Gebai virleien.

Am Kontingent sinn de Moment zwar déi 49 Stonne vum Cours d'accueil mat dran an och déi 138 Stonne Remplacement permanent, mä et ass dat wat eis awer vill hëlleft dat sinn déi hors Contingent, dat sinn déi IBSen, dat ass e Facteur, dee gëtt ëmmer méi wichtig. Ech hunn an der Woch selwer mat erlieft, wat esou eng Persoun an enger Schoul leescht a mir sinn de Moment bei 6 IBSen. Dat sinn de Moment 109 Stonnen, déi natierlech och ganz dréngend gebraucht ginn. Et geet awer net duer, datt een do einfach en IBS dohinner hisetzt a seet, sou elo kuck eemol datt s du eens gëss.

Wat och e Besoin ass, den ëmmer méi kënnt an eise Schoulgebaier, dat ass datt déi Kanner aus der Klass kënnen erausgeholl ginn, fir datt net de Rescht vun der Klass dat dote mat kritt. Dofir si mir amgaangen oder mir hu schonns eng Rei Säll, wou sech déi IBSe mat de Kanner kënnen zeréckzéien, mir sinn awer och amgaangen um Strutzbiereg een ze amenagéieren. An der Gaffelt si mir och amgaangen an iwwehall do wou gefrot gëtt, maache mir et. An déi kënnen dann och d'Kanner eraushuelen, d'Kanner berouegen an op d'Kanner agoen. Dofir déi 109 Stonnen, déi sinn net am Contingent dran an déi kommen eis ganz gutt.

Dann ass et esou, dat hate mir och schonns dat lescht Joer gesot, do hu mir 2 Enseignantë fir Por-

tugisesch, Cours renforcé um Däich an eng Joffer fir Däitsch och um Deich.

Wat awer nach wichtig ass, dat kënnt och ëmmer méi, net nëmme beim Bildungshaus op Lenkeschléi, dee mir amgaang sinn ze bauen, dat ass déi Zesummenaarbecht vun der Maison Relais mat der Schoul oder ëmgedrëint. Mir sinn do extrem amgaangen drun ze schaffen, mir hu ganz vill Plazen, wou et gutt funktionéiert.

Butschebuerg ass ee vun de Beweiser, do hu mir d'lescht Joer ugefangen, déi Héichbeeter ze maachen, zesummen ze kachen, zesummen an de Säll vun der Maison Relais och ausserhalb der Schoulzäit ze schaffen, dat ass eppes dat kënnt ëmmer méi an dat wäerte mir och ënnerstëtzen. Mir haten och déi leschte Kéier am Gemengerot de Laurent Kranz, dat ass deen, dee mir agestellt hu fir d'Qualitéit och an der Maison Relais, fir déi Zesummenaarbecht mat den Educateuren, fir all dat ass hien do an hie këmmer sech och ëm dee Volet.

Wat mir awer festgestallt hunn, wat dann nach net esou funktionéiert huet wéi ech mir dat erwaart hätt, dofir kann awer keen, dat ass de PEP, deen Dir dra-leien hutt. De PEP, ech weess net ob een en duerchgekuckt huet, do si ganz vill Ännerunge geschitt säit dem September, mir haten awer do leider keen - dat ass elo kengem seng Schold, dat war an där Zäit wou déi Persoun fortgaangen ass bei eis, a bis September hate mir dunn nach keen, deen dat konnt à jour setzen, Saachen, déi awer ganz wichtig sinn, also wou ech wëll soen, déi stinn elo net hei, ech wäert lech se awer nach soen, dat si bal déi wichtigst Facteuren, dat ass, datt eis Maison Relais an den Accueil moies ab 6.45 Auer maachen.

Si hunn dat op eng Ufro vun den Elteren gemaach an dat kënnt extrem gutt un. Mir hunn e bësse gekuckt fir d'Erweiterung vun den Horairen an do war et esou, datt owes eigentlech éischter kee Besoin do war. D'Eltere kommen d'Kanner géint 6 oder halwer 7 sichen. Et ass mol een, deen am Stau hänkt, mä fir de Rescht ass do kee Besoin, mä de Besoin ass moies, dat heescht, all Mënsch ka säi Kand um véirel fir siwen ofginn, den Zuch huelen an an d'Stad schaffe fueren. Dofir hu mir gesuergt.

Nach eppes wat net hei dra steet, mir hu probéiert och déi ganz Transporter e bëssen ze suppriméieren,



dat heescht d'Kanner dauernd hin-an hierzeféieren. Um Ribeschpont hate mir d'Situatioun, datt mir se missten an d'Waldschoul féieren, an dann erëm an de Ribeschpont an dann erëm an d'Waldschoul fir no der Schoul d'Betreiung. Och do si mir elo gutt. Mir féieren se zwar nach an d'Waldschoul fir z'iessen, well mir net genuch Kapazitéiten hunn, mä duerno bleiwen se am Quartier.

Dat heescht, d'Kanner kënnen entweder ze Fouss heemgoen oder d'Eltere kommen se dohinner sichen, mä et ass net méi esou, datt d'Elteren aus dem Ribeschpont an d'Waldschoul fuere fir dann heem op de Ribeschpont. Ech sti fir Froen zur Verfügung, den Erni Ferrari ass och elo bei eis ukomm, an ech soe Merci.

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Merci dem Josiane Di Bartolomeo-Ries nach fir déi Ausféierungen. D'Diskussioun ass op.

Michèle Kayser-Wengler (CSV): Merci Här Buergermeeschter, och Merci dem Josiane Di Bartolomeo-Ries a Merci Erni Ferrari fir déi Explikatiounen an och déi detailléiert Dokumentatioun, déi mir ëmmer kréien.

Ganz frou sinn ech ze héieren, wéi wäit mir si mat den Éffnungszäite vun de Maison Relais, well dat ass jo och eppes wat d'Leit gesinn.

Dat enchainéiert zu menger Interventioun iwver deen neie Quartier hannert der Esso-Station. Ab véirel fir siwe muss de fort sinn aus Diddeleng well soss kënn de sécher net um aacht oder halwer néng an der Stad un, dofir ass sécher en Entgéintkomme vun den Elteren duerch méi frei Éffnungszäite sécher ginn.

Wat de Precoc ubelaangt, wat ech esou héieren bei menger Clientèle, mir haten och schonn doriwwer rieds, datt nach 60 Plaze praktesch op sinn, dat ass einfach d'Saach vum Mëttesdësch, dat musse mir nach eemol op de Leescht huelen.

Et sinn och vill Leit, déi soen, eng Ganztagsbegleitung, si sinn awer nach kleng déi Butzen an wann ech zum Beispill Dënschdes an Donneschdes net schaffen, da ginn ech se net gären an eng Ganztagsbetreiung. Dat ass eng Diskussioun, déi mir ganz offen an och an der Zukunft wäerte féieren.

Ech hunn eng Fro zum Personal, do stinn hei um Listing déi Quereinsteiger, dat ass eppes, wat och vill dobaussen diskutéiert gouf. Dat si Leit mat aneren Diplomer, dofir ass och meng Fro fir dass mir dat kënnen no baussen droen: Wéivill hu mir der genau a wéi eng Formatioun haten déi Leit, wéi ee Bachelor bréngen déi mat, wéi ginn se agesat, ginn se begleet?

Et war och e Reportage um Fernseh, wou eng vun eise Quereinsteiger begleet ginn ass, an och nach eng Fro: Hate mir d'Méiglechkeet, erauszesichen, wie mir gären hätten oder kréie mir déi einfach esou zougedeelt?

Da wollt ech och nach kuerz op eppes agoen, wat mir am Juni diskutéiert haten iwver verschidden Doleancë vu verschiddene Schoulen, wat d'IT-Material ugeet, ob do schonn iwver de Summer eppes geschitt ass?

An da war nach eng Fro, de Joël Mischaux hat gesot gehat, datt mir géifen eng Demande maache fir Diddeleng fir e Psychomotricien ze kréien als en extrae Posten, dofir meng Fro: Hu mir dee Posten accordéiert kritt?

An ech kann nëmme bestätegen, wat d'Josiane Di Bartolomeo-Ries sot mam wichtegen Asaz vun den IBS als oft Kriseninterventiounsmanager an ech ginn do och nach eng Kéier den Appel un de Schäfferot - dat kann een och villäicht nach eemol diskutéieren - kommt, mir iwverleeën eis déi Propos, datt mir och Leit iwver eise schoulmedezinesche Service astellen als Educateuren, Sozialpädagogen, fir mat de Kanner, déi a Krisesituatiounen sinn, an der Schoul an och an der Maison Relais ze schaffen, well d'Kris hält jo net um 12 Auer op. Oft ass et jo esou, datt se déi aus der Klass eraushuelen, mä duerno mussen déi Kanner an d'Maison Relais an do geet de Problem da weiter.

Kommt, mir iwverleeën eis dat, eis Propos ass, datt mir do Leit astellen, déi interaktiv, esouwuel an der Schoul wéi och an der Maison Relais aktiv sinn.

Ech wollt och do nach eemol d'Fro stellen, do war jo dee Projet vum Strutzbiere, datt déi en Educateur wollten astellen zesumme mat de staatleche Kannerheemer, dee mer sollten iwver de Ministère de la Famille financéiert kréien, och do meng Fro ass dat och accordéiert ginn?



Also, nach eemol villmools Merci fir déi detailléiert Dokumentatioun an Explicatiounen a mir encouragéieren eis Schoulmeeschter, eis Léierinnen, all eist Personal wat aktiv ass, souwuel an der Schoul wéi och an der Maison Relais, sou weiderzemaachen, mir hunn e gudde Ruff hei zu Diddeleng wat eis Schoulen a Maison Relais ubelaangt an et ass och eppes wat am Prozess ass an doriwwer si mer ganz frou a mir ënnerstëtze selbstverständlech och déi definitiv Schoulorganisatioun.

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Merci Madame Kayser fir d'Zoustëmmung. Här Zuang.

Romain Zuang (LSAP): Merci Här Buergermeeschter, ech wollt och ganz kuerz nach eng Kéier op déi verschidde Chifferen zeréckkommen.

Mir hunn effektiv elo d'Chiffere vun den Schülerzuele virleie mat den Nimm a Klassen a mat deenen aneren Tâchen a mir stelle fest, datt et par rapport zu de Previsiounen eng kleng Differenz gëtt wat d'Schülerzuel ugeet, mä dat war nach all Joer esou, dat ass elo net definitiv. Muer ka schonn erëm eng Kéier e Peloton vu Leit ukommen an dann hu mir erëm eng aner Situatioun.

De Problem ass just ëmmer, datt et e Koup Geplëners an och en Hin-an-hir ass, wat een am Fong elo net hei gesäit, datt während de Vakanzen awer och Kanner vun engem Quartier an en anere geplënnert sinn, an heiansdo kënnen d'Klassen awer trotzdem perturbéiert ginn.

Deemno wéi oder deemno wou déi Kanner iwwerhaupt ageschriwwen ginn oder sollen ageschriwwen ginn, ginn et da Problemer, datt do d'Klassen op eemol explodéieren. Wann se erof ginn si mir all zefridden. Mä de Problem ass, wann een schonn héich Effektiver huet, ech huele Ribeschpout als Beispill, wou mir nëmmen all Cycle Klass eemol hunn, dann ass et kloer, datt wann do nach Kanner bäikommen, datt mir an eng Situatioun kommen, déi mir schonns hatten, wou dann op eemol eng Klass muss mat zwee Enseignantë beluecht ginn, fir der Situatioun Meeschter ze ginn.

Den Erni Ferrari huet dat awer ëmmer gutt gemanagt, -och de Bob Claude an der Zäit-, dat heescht wa Leit Ufroer gemaach hu fir an eng "extra" Klass ze kommen, dat ass ëmmer direkt ofgewiert ginn an déi Leit sinn drainéiert ginn an en anere Quartier oder si hunn et einfach si gelooss wann se net zefridden waren.

Wat opfällt, dat ass - sou wéi och d'Josiane Di Bartolomeo-Ries gesot huet - souwuel d'Schülerpopulatioun wéi och eist Léierpersonal sech gänzlich "verweiblechen". Mir hunn effektiv 50,8% Meedercher bei de Schüler an 49,2% Jongen, dat ass jo nach gutt, mä beim Léierpersonal ass déi Differenz vill méi markant. Bei 214 Leit hues de 170 Enseignanten a just nach 44 Männer. Dat sinn 20% an dat fänkt un enk ze ginn.

Mir wësse jo awer och wat fir eng Problematik alliéiert ass un eisen Dammen, vill Congé-de-maternitéen, dat bedeit och ëmmer vill Problemer beim Ersetzen, a fir ëmmer déi richteg Leit ze fannen, ass dat net esou evident.

Wat d'Kanner ugeet, déi an anere Gemengen an a Privatschoulen am Ausland ageschriwwen sinn, huet sech erausgestallt, datt den Taux vun 120 fir 2017-2018 erofgaangen ass op 95 Kanner. Wourun dat läit weess keen, jiddefalls ass et emol e gutt Zeechen, dat der net allzevill vun hei fortginn.

Dëst Joer ass et och contrairement zum leschte Schouljoer besser gaange mat der Besetzung vun de Posten a vun den Tâchen, dëst duerch den MENJE, dem Ministère senger Mesurë fir Quereinsteiger anzustellen, deeër Diddeleng der aacht Stéck huet, Surnumérairesposte gréisstendeels, an et sinn der och am Pool vun de Remplaçanten, déi der Direktioun ënnerstinn, dat sinn 12 Leit, do sinn och nach eemol 7 Stéck dobäi.

Déi Quereinsteiger, dat sinn am Fong Leit, déi e Bachelor hunn, déi an iergendenger Aart a Weis eppes mat der Schoul ze dinn huet. Dat geet wäit, dat geet vum Turnproff, oder deen amgaangen ass dat ze maachen, respektiv vum Musekslehrer, iergendeppes dat mat der Schoul ze dinn huet, déi hunn déi Chance elo kritt fir do op dee Wee ze goen. Si mussen eemol d'Woch, mëttwochs ass dat, während 8 Stonnen, am ganzen 240 Stonnen, eng Formatioun maachen, sou datt se no engem Joer déi Funktioun vum Schoulmeeschter kënnen iwwerhuelen, an souwäit se de Concours packen, kréien se dann de Statut vum Instituteur admis à la fonction.

Den Avantage vun där Geschicht, ass, datt dee Stress vum Sichen no Ersatzleit moies ewechfällt, dat ass ëmmer eng Corvée gewiescht, ech weess dat nach selwer a menger Funktioun als President, dann



huet ee misse Kontrakter schreiwe goen, heiansdo nëmmen een, heiansdo awer och zwee, dräi a méi.

Duerch deen dote Wee, well den Direkter, also d'Direktioun esouvill Remplaçanten huet, ass dat natierlech dann eng Chance datt och op déi Leit kann zeréckgegraff ginn, och well, wat vill méi wichteg ass a mengen Aen, elo duerch deen Zougrëff op déi Quereinsteiger kënne mir awer elo och laangfristeg Ersetzungen ofdecken, wat qualitativ bei de Leit bestëmmt och besser ukënnt, wéi wa mir Amateuren hunn. Et ass besser mir hu schonns hallef Professioneller, dat kënnt besser un ewéi d'Amateuren.

Wat och positiv ass, dat ass wat d'DPLe betrëfft, déi Kanner gehéieren elo schonns zu eiser Schoulpopulatioun, déi sinn integréiert, wou mir nach viru Joeren de Problem haten, datt se hu missen an eng extra Klass goe fir enseignéiert ze ginn. Si sinn elo schonns um Däich an um Strutzbierg integréiert, dat ass tipptopp.

An da wollt ech just nach ee Wuert zu der Maison Relais soen, net vill well d'Josiane Di Bartolomeo-Ries huet dat schonns ënnerstrach, mä well mer dat an eise Walprogramm stoen hunn.

Mir wollte jo mat den Ouvertures- an d'Fermetureszäite vun der Maison Relais dem Wonsch vun de Leit e bëssen entgéint kommen. Dat ass och geschitt a mir hunn haaptsächlech Nofro gehat fir moies den Accueil matinal e bëssen no virzeréckelen, wat den Elteren 15 Minutte méi Zäit gëtt, fir datt se kënne moies op den Zuch goen, deen um 7 Minutten op fiert. Sou hu mir da schonns den éischte Schrëtt gemaach.

D'Fermeture war ni e Problem. Mir hu gemierkt, datt d'Eltere vill éischter d'Kanner ofhuele komm sinn. Heiansdo kënnt emol e Retardataire, dat ass kloer, mat dem Trafik an heiansdo, dat kënnt emol vir, oder eng Situatioun familiale, wou d'Elteren dann uruffen a wat dann emol dozou féiert, datt deen een oder deen aneren Educateur eng Véirelstonn méi laang do sëtzt, mä et ass ni zu engem Problem ginn, wou mir gesot hätten, mir mussen onbedéngt fir déi ganz Populatioun d'Fermetureszäiten no uewe setzen.

Ech mengen, dat war et fir mäi klengen Exkurs. An deem sënn also Merci un all déi, déi bedeelegt waren an natierlech gëtt eis Fraktioun hei och hir Zoustëmmung fir dës definitiv Schoulorganisatioun. Merci.

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Merci, sinn nach weider Stellungnamen? Dat ass net de Fall, da géif ech dem Erni Ferrari an dem Josiane Di Bartolomeo-Ries d'Wuert gi fir Stellungnamen.

Erni Ferrari (Chef vum Schouldéngscht): Merci Här Buergermeeschter, léif Leit aus dem Schäffen- a Gemengerot. Ech wollt just nach eppes soen zu de Schülerzuelen. Et ass jo natierlech effektiv ëmmer esou, déi Zuelen, déi mir am Juni hu fir de Gemengerot, dat sinn déi Chifferen, déi si dee Moment an de Schoule kennen, an do ännert normalerweis nach vill am Juni-Juli: Kanner déi awer éischter an de Lycée ginn, oder déi awer nach méi laang an der Primärschoul bleiwen, an dann hu mir och ëmmer déi Mouvementer am Summer, also Kanner, déi fortginn oder bäiplënnere. A wéi scho vum Romain Zuang ugedeit, probéiere mer dann ëmmer, déi Kanner esou opzedeelen, datt dann déi eng oder aner Schoul net zevill belaascht gëtt.

Dat hu mir dëst Joer zum Beispill probéiert mam Cycle 1 am Brill, fir datt si do net zevill Schüler kréien, well si hate schonns relativ héich Effektiver. Do konnt d'Gaffelt zum Beispill dunn effektiv eng Rei vun deene Kanner opfänken.

Et si jo 17 Kanner am Cycle 1 bäikomm, mä déi konnte glécklecherweis do opgefaange ginn, wou se nach relativ niddereg Effektiver haten, sou datt mer dat gutt geléist kruten, a sou datt mer net esou Problemer hate ewéi d'lescht Joer mam Cycle 3.2 am Brill, wou se op eemol 24 Kanner do sëtzen haten. Also, dat hu mir dëst Joer relativ gutt hikritt.

Dann d'Fro vun der Madame Kayser, iwwert dat Personal dat der Direktioun ënnersteet, do kenne mir natierlech och net all Detail.

Mir hunn elo zu Diddeleng 23 Chargéen, dovunner sinn der 8 Quereinsteiger. Wat déi elo genee vu Formatioun hunn, dat weess ech elo net. 4 vun hinnen hunn d'Tâche vun engem Surnuméraire, also haaptsächlech Niewefächer, an déi 4 anerer si Remplaçant-permanenten.

E klengen Nodeel ass, datt déi Mëttwochs an Formatiounen ginn. Mir hunn awer d'Tâche vun de Surnuméraires esou geluecht, datt se mëttwochs kee Cours hunn, sou datt mir do schonns keng Problemer domadder hunn. Op d'Remplaçant-permanente kënne mir Mëttwochs net zougräifen, dat ass bis elo awer trotzdem ëmmer geléist gi mat aneren Ersatzleit, déi zur Verfügung stinn.



Zousätzlech muss ee soen, datt d'Direktioun dëst Joer vill Remplaçant-permanenten huet, mir hunn der nach eng Kéier 12 vun hinnen hei op Diddeleng kritt, heescht si hunn eng École d'attache zu Diddeleng kritt. Dovunner sinn der och 7 Quereinsteiger. Si stinn eise Schoulen zur Verfügung esoulaang se net mussen iergendwou ersetze goen, entweder zu Rémeleng, zu Käl oder vläicht och zu Diddeleng.

Wéi oft se genee zur Verfügung stinn, déi Chifferen hu mir elo nach net, awer hir Präsenz ass schonn e klenge Surplus fir d'Schoulen.

An wéi se encadréiert ginn: Si hunn an de Schoulen e President oder en Enseignant, deen se begleet oder encadréiert, an da ginn se Mëttwochs och nach an hir Formatiounen. Dat ass alles awer vun der Direktioun aus geregelt ginn.

D'Quereinsteiger sinn vum Ministère op Diddeleng affektéiert ginn, sou wéi se alleguerten op der zweeter Lëscht op Diddeleng an aner Gemengen affektéiert ginn. Et gëtt gekuckt wéivill Posten nach fräi sinn, mir kruten haaptsächlech Quereinsteiger, déi hei zu Diddeleng wunnen, oder hei an der Géigend, sou datt dat gutt geléist gouf vum Ministère a mat der Direktioun zesummen.

Mir haten d'lescht Joer un sech och 24 Chargéen, dëst Joer hu mer der 23 an dovunner sinn 8 Quereinsteiger, déi d'Aarbecht an eisen Schoulen iwwerhuelen. Dann nach zum weidere Personal vun der Direktioun: D'Psychomotricienne, dat weess ech elo net, ob se déi kruten oder net, déi Informatioun hunn ech net, a wat déi Educatrice betrëfft, déi soll jo am Kannerheem hei an och um Strutzbiërg an der Schoul sinn, do hat den Här Mischaux gesot, hie géif mat hirer Direktioun kucken, fir eng Educatrice unzufroen.

Den neitste Stand, deen ech weess, ass datt den Här Mischaux dat selwer an d'Hand geholl huet an datt mir elo vum 1. Dezember un eng Educatrice nëmme fir den Enseignement hunn, dat heescht nëmme fir de Strutzbiërg, fir do mat deene Kanner aus de Kannerheemer a Foyeren ze schaffen. Déi Educatrice soll anscheinend awer och an d'Kannerheemer goe fir mat hinnen en Austausch iwwert d'Schüler ze féieren.

Wat d'IT-Material ubelaangt, do loosse ech d'Josiane Di Bartolomeo-Ries drop äntweren.

Josiane Di Bartolomeo-Ries (LSAP): Merci, just dann nach déi aner Froen, mir hu keng Psychomotricienne, mä mir hunn awer de Moment schonn dräi Psycho-

logen an zwou Pädagoginnen, déi intervenéiere bei eis an de Schoulen. Dat mat der Psychomotricienne kläre mir mat der Schoulkommissioun an dem Directeur, well mir kënne jo net fir hien hei äntweren.

Wat den IT ubelaangt, effektiv, do si mir relativ gutt virukomm. Mir wësse jo, datt Butschebuërg et och am PDS drastoen huet, well si och wëllen ausgerüst si mat den néidegen Antennen an esou weider, an et ass elo schonns esou, datt de Chef aus der Informatik 15 Mobilantenne kaf huet dëst Joer mam Budget.

Den Erni Ferrari kuckt do nach, wat mir un I-Pads kënnen huelen, dat heescht, mir hätten an all Gebai mobil Antennen d'office, a mir mussen dann natierlech elo bei de Budgetsdiskussiounen ufroen, fir an all deenen Hauptgebaier wéi Butschebuërg, Brill a Strutzbiërg, do géife mir och nach fix Antenne maachen, sou datt se iwwerall am Gebai d'Méiglechkeet vum Zugriff op den Internet hunn. Merci.

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Merci dofir, mir kommen elo zum Vote. Wien ass mat der definitiver Schoulorganisatioun averstanen? Dat ass **unanime**, Merci. A mir soen dem Erni Ferrari Merci fir seng Präsenz.

9. REGIONAL MUSEKSSCHOUL – APPROBATION VUN DER DEFINITIVER SCHOULORGANISATION FIR D'JOER 2018/2019

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Da gi mir op deen nächste Punkt, an do begréissen ech hei an eiser Ronn de Bob Morhard den Direkter aus der Museksschoul. D'Claudia Dall'Agnol kritt d'Wuert.

Claudia Dall'Agnol (LSAP – Schäffin): Merci, och dem Direkter vun der Museksschoul, deen wéi all Keier, wann d'Museksschoul um Ordre du jour steet, och bei eis kënnt falls herno nach Froen zu der Organisatioun vun der Museksschoul gewënscht sinn och drop äntwert.

Dir wësst, d'Diddelenger Museksschoul setzt zanter Joeren an och dëst Joer weiderhin op Konstanz a Qualitéit, op Vernetzung an awer och op Innovatioun.

Mir haten dëst Joer eng aussergewöhnlech gutt Rentrée, mir si vun 1 019 d'lescht Joer op 1 156



Schüler geklommen, also e Plus vun 137 Schüler wat ënnert anerem och duerch d'Offer fir déi kleng Kanner an der Museksschoul ze erklären ass an awer och duerch déi zousätzlech Konventioun, déi mir säit der Rentrée mat der Gemeng Käl-Téiteng hunn.

Domadder si mir och aktuell déi gréisste regional Museksschoul hei am Land. Mir hunn och nach ëmmer méi weiblech wéi männlech Schüler, 202 méi Frae wéi Männer, dat awer just als kleng Anekdote.

Datt eis Schülerzuel an d'Luucht gaangen ass, dat geet engersäits op déi gutt qualitativ héichwärtig Aarbecht an der Schoul selwer zeréck, mä awer och op eng méi staark Publicitéit, eng verstärkte Präsenz och op de sozialen Netzwierker an och eis Journée Porte ouverte.

Eis konsequent Collaboratioun mat de Structure-d'accueillen an natierlech d'Matmaache beim Familljen-dag, déi droen hei och hir Friichten. Mir haten och e puer Changementer am Corps enseignant, mir haten eng Demissioun vum Cathy Krier, wat Piano ginn huet a vum Véronique Cloos am Eveil Musical, déi allen zwee an de Stadter Conservatoire gewiesselt hunn.

Mir wënschen hinne bonne Chance, mir haten de Retour vum Caroline Mallinger-Leyers op der Gei, wat am Congé parental war.

Nei Kollegen hu mir kritt am Kader vun de Post-existanten, d'Sarah Briganti um Piano, d'Judith Lecuit um Cello an d'Olja Kaiser an der Formation musicale.

Mir probéieren och ëmmer, eis Qualitéit, déi mer elo schonn hunn, nach ze steigern duerch eng verstärkten Ensemble-Aarbecht, dat heescht permanent Ensemble mat de Sträicher, an der Kreatioun dëst Joer vun enger Schülersymphonie an an de Gittaren, wou et keng vergläichbar Strukturen am Veräinswiese gëtt, an och just punktuell Ensembles an der Blosmusek fir hei och net a Konkurrenz ze triede mat de lokale Museksveräiner, well déi géifen eis dat ni verzeien.

Dann och duerch d'Harmonisatioun vun de Programmer am ganze Land, woubäi een den neie Cours an der Formation musicale villäicht kann ervirhiewen, dee méi kandgerecht opgebaut ass duerch eng Reduktioun och vun den Horairen an den theoreteschen Inhalter, parallel heizou d'Aféierung vun Ensemble-Aarbecht vu

klengem un och schonns, a Form vu Choralen an och Instrumenten-Ensembles, a mir sinn och weiderhin déi eenzeg Museksschoul am Land, déi am Beräich Formation musicale d'Schülerinnen an d'Schüler an der Division moyenne spécialisée enseigner.

D'Vernetzung erreeche mir doduerch, datt mir Projekte maachen och mat der EMU, also d'European Music School Union an och Aktivitéite an der AEM, der Association des Ecoles de musique a mam VDM Saar- und Rheinland, dat ass de Verband Deutscher Musikschulen, zum Beispill doduerch dass d'Journée d'échange choral hei zu Diddeleng ass, oder de Concours Piano, deen dann dëst Joer zu Tréier wäert sinn.

Dann hat ech zu gudder Lescht och nach d'Stéchwuert Innovatioun gesot. Dir wësst, mir hunn do den Projet Musek fir all Kand, deen engersäits eng Animatioun an de Structure-d'accueillen an anerersäits eng Navette Dëschdes an Donneschdes mëttes zur Vernetzung mat der Museksschoul virgesäit. Dës Navette, déi 2016 an 2017 mat 7 Schüler gestart ass, gëtt mëttlerweil vun 43 Schüler a Schülerinnen genotzt, an erméiglecht Kanner, wou d'Elteren zu zwee schaffen, och an d'Museksschoul ze kommen, eng kleng Success Story also.

Da bleift nach ze erwänen dee Projet d'établissement, deen zanter 2015 an nach bis 2020 d'Schoul am aktuellen Ëmfeld a ville Beräicher nei strukturéiert, wéi zum Beispill déi nei Opstellung vum Conseil pédagogique, deen d'Aarbecht och am Alldag an der Museksschoul vereinfacht.

Nach vläit e puer Remarques zu der Presentatioun, déi an Ärem Dossier louch an de Verglach och vläicht mat der provisoirescher Schoulorganisatioun, déi mir jo am leschte Gemengerot um Ordre du jour haten: D'Schülerzuel souwéi d'Coursenunzuel ass liicht méi héich, vun 1 111 op 1 156 erop respektiv vun 2 163 op 2 282 eropgaangen.

Firwat? Majo, well eng ganz Rei Schüler an Schülerinnen sech eréischt am Schoulufank aschreiwten. Ech sot lech deemools, wou ech déi provisoiresch Schoulorganisatioun virgestallt hunn, dat ass e bësse wéi wann een an eng Glaskugel kuckt, well déi Zuelen änneren zu där Phas, an där mer déi provisoiresch Schoulorganisatioun hei am Gemengerot stëmmen, permanent.



Laut Gesetz si mir dru gebonnen, déi provisoersch Schoulorganisatioun ze stëmmen an dann hale mer eis dodrun an da maache mir dat an dofir kënn duerno dann och déi definitiv, fir datt Dir déi richteg Zuele kritt. Domat hunn ech ouni an all Detailer ze verfallen, dat gesot wat wichteg ass.

Dir gesitt, datt eis Museksschoul um richtege Wee ass an de Bob Morhard geet op déi méi kleng Detailer a falls dat gewünscht ass a falls vun Ärer Säit nach Froen zu der Organisatioun an dem Fonctionnement sinn.

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Merci dofir, d'Diskussioun ass op. Froen? Claude Martini.

Claude Martini (CSV): Ech mengen, d'Zuele schwätze fir sech, et gesäit een, datt déi Museksschoul e groussen Zoulaf huet vu Schüler, dofir e Merci fir déi gutt Féierung.

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Merci, ech proposéieren, datt mer zum Vote iwwerginn. Wien ass mat der Schoulorganisatioun averstanen? Dat ass **unanime**, Merci. Da soe mer dem Bob Morhard Merci fir säi kuerzen Asaz an ech proposéieren, datt mer weiderfuere mat eisem Ordre du jour.

10. BERODUNGSKOMMISSIONEN – WIESSEL AN DER ËMWELTKOMMISSION, DER ENERGIEKOMMISSION AN DER NATUR- AN ËMWELTSCHUTZ-KOMMISSION

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Ënner dësem Punkt geet et ëm d'Berodungskommissionen, hei ass d'Ëmweltkommission, d'Energiekommission an d'Protection de la Nature an do ass hei d'Propos, datt mir de Jérôme Morbé als Expert nennen an dës Kommission. Dat ass deen neie Mataarbechter aus dem Service écologique, deen de Gemengerot gestëmmt huet.

Ass de Gemengerot domadder averstanen? Dat ass **unanime**, ech soen lech Merci.

11. ERDEELE VUN ENGER AUTORISATION D'ESTER EN JUSTICE FIR DE BÜRGERMEESCHTER A SCHÄFFEROT

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Ënner dësem Punkt vum Ordre du jour geet et ëm eng Autorisation d'ester en justice.

Do wëlle mer de Gemengerot froen, vis-à-vis vun engem Diddelenger Betrib, der Sociétéit Hava, fir e bëssen de Kader ze setzen. Mir froen de Gemengerot hei fir eng Autorisation d'ester en justice well mer hei den 22. Oktober 2018 de Courier vum Parquet kruten, datt d'Affaire an eng éischter Sëtzung de 14. Dezember 2018 um Policegeriicht zu Esch traitéiert gëtt.

Dee Kader, an deem mir eis befannen, ass dee folgenden: Am Juli 2017 hu mir am Kader vun engem Visite duerch eise Service technique de Constat gemaach, datt bei der Sociétéit Hava hannendrun en Iwwerdach gebaut gouf, an der Lëtzebuerger Strooss an dass am Kader vun eisem PAG éischtens emol een eng Autorisation brauch fir dat ze maachen, a fir iwwerhaupt en Ausbau ze maachen effektiv just eng Profondeur vu 15 Meter méiglech ass, an datt dat heien eng Construction litigieuse ass.

An deem Kader, wéi mir hei de Constat gemaach hunn, hu mir den 1. August e Courier gemaach, wou mir och d'Sociétéit opgefuerdert hunn, bis den 1. September den Dach ewechzehuelen, well en iwwer déi 15 Meter eraus ass, 2. keng Baugenehmigung ugefrot gouf, dat heescht, de Projet en tant que tel guer net autorisabel ass.

Mir hunn den 9. August eng Äntwert kritt, ob se kënnen eng Pergola doraus maachen, mir hunn hinnen en neien Delai gi bis den 1. Dezember 2017, do hu mir keng Äntwert kritt, do si mir nach eng Kéier als Gemeng à charge gaangen, do hu mer e Courier gemaach den 20. Oktober 2017 mat engem leschten Delai op de 6. November 2017 och do hu mir keng Äntwert kritt, et kann een net soen, datt mir net probéiert hätten, d'Saach ze léisen, an du si mir hiigaangen an hunn eng Plainte un de Parquet gemaach,



den 8. November 2017, do gesitt Dir och dee ganze Schrëftverkéier, dee mir hate mat der Societéit.

De 24. November 2017 ass en neie Courier vum Parquet komm, wou si eis eng Kopie vun eise Bautereglement froen, fir déi Artikelen nozepräiwen, op déi mir eis beruffen, a wéi gesot, ongeféier e Joer duerno, also den 22. Oktober 2018 krute mer e Courier vum Parquet, wou si eis matdeelen, dass d'Affaire an enger éischter Audience fixéiert ass.

Dofir, fir dann och eise Hausaffekt den Optrag ze ginn, eis do ze verrieden, brauche mir hei den Aval vum Gemengerot fir dat kënnen ze maachen.

Dat ass am Fong d'Situatioun resüméiert quant au fond et quant à la forme, wéi mer se hei virfannen, engersäits wat d'Faiten ugeet an anerersäits wat déi juristesche Qualifikatioun ugeet a Conclusiounen, déi mir an eise Courier gezunn hunn. D'Diskussioun ass ob. Här Martini.

Claude Martini (CSV): Wien ass da schlussendlech responsabel dofir? Well dat Lokal ass gelount, de Locataire ännert eppes, de Propriétaire, dee war jo am Prinzip averstane mat deem Changement? Elo gi mir viru Gericht, mä géint wien gi mir elo wierklech fir? Géint den Hawa? Oder gétt de Propriétaire do mat eragezunn?

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Mir gi géint dee vir, deen d'Aarbechte gemaach huet an dat ass d'Sociétéit Hawa.

Claude Martini (CSV): An de Propriétaire ass dann awer aus dem Schneider?

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Jo, Hawa huet déi Konstruktioun jo gemaach an dofir gi mir géint si fir.

Claude Martini (CSV): Da wollt ech just kuerz drop hiweisen, datt eng ganz Rei vu Firmen d'Leit net ëmmer wierklech opklären iwwer dat wat erlaabt ass an dat wat net erlaabt ass. Et ginn eng ganz Rei vu Leit, déi eng Veranda baue loossen ouni ze wëssen, datt se dofir eng Baugenehmung brauchen. D'Firmaen, déi soen, dat ass ok, dat kann ee maachen an da mécht een et, an da kënnen déi Leit trotzdem do an d'Labyrinth kommen.

Ass et méiglech, fir do eng Opklärungscampagne ze maachen oder den Accès zu deenen Infoe vill méi liicht ze maachen, wat een eigentlech maachen dierf an wat net?

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Ech mengen, dat brauche mir net ze maachen, et ginn zwou Situatiounen, et gi Leit, déi de Reflex hunn, sief et Propriétaires oder Betriber, der Gemeng unzeruffen an ze froen, wat ass autorisabel a wat net. An et sinn der, déi et net maachen, déi et vläit net maache well se et net wëssen, an et ginn der, déi et wossten an et trotzdem maachen.

Wéi gesot, mir hunn och Situatiounen, wou d'Leit et bewusst oder net bewusst maachen, wou herno dann awer d'Situatioun ka regulariséiert ginn.

Et besteet awer bei deene meeschte Leit de Reflex, nozefroen an ze kucken, wat ass méiglech. Ech mengen, wann eng Sociétéit eppes op en Terrain baut, da muss do och Kontakt opgeholl gi mat der Gemeng fir ze wëssen ob et machbar ass oder net. De kommerziellen Aspekt dierf net duergoen.

Da komme mir zum Vote: Wien ass domadder averstanen? Gëtt de Gemengerot eis do gréng Luucht fir datt mer eisen Affekt kënnen beoptragen, eis viru Gericht ze verrieden am Dezember. Dat ass **unanime**, Merci.

12. FROEN UN DE BUEGERMEESCHTER A SCHÄFFEROT

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Dann ass hei e Courier erakomm vum Här Jadin, an ech géif do dann drop goen.

Yves Jadin (Déi Lénk): Dierf ech och eng Erklärung ginn, wann ech gelift?

Bei deem Mail, deen ech erageschéckt hunn, do huet mäin Dokument gefeelt, entweder hunn ech vergiess et dobäi ze setzen, dofir ass dat esou komesch eriwier komm. D'Erklärung feelt. Dee Bréif, deen hannendrun ass, dat ass den Här Jos Thill, deen huet dat mat deem deemolege Passagéier gemaach, deen sech fierchterlech opgereegt huet, an et feelt eng Erklärung.



Claudia Dall'Agnol (LSAP – Schäffin): Ok, da ginn ech drop an, et war am Fong keng Fro mä e Protestbréif un d'CFL ze schécken, mir sinn net dovunner ausgaangen, datt eppes géif feelen, mir hu gemengt, Dir hätt de Punkt vum Ordre du jour falsch verstanen.

Firwat wollt Dir dee Bréif schécken? Majo, an der Allerhellegevakanz gouf erëm op der Zuchsstreck Beetebuerg- Esch geschafft, dat ass näischt Neits, Dir wësst, datt d'CFL amgaangen ass, praktesch all Schoulvakanz op den Zuchsreseauen ze schaffen an déi Streck gouf dunn och duerch Bussen ersat. Et goufen dofir awer och aner Zuchshoraien op der Streck zwëschent Diddeleng a Beetebuerg, mä d'CFL huet d'Utilisateuren net gutt an net genuch informéiert an huet och do, wou normalerweis d'Infoen ugi ginn, keng Infoen iwwert déi changéiert Horairë ginn.

An och an der Gare Lëtzebuerg wieren déi Infoen net korrekt um Info-Carnet gewiescht sou datt d'Leit fir näischt laang an der Keelt stounge fir op den Zuch ze waarden, deen eigentlech zu enger anerer Zäit komm wier wéi dat am "normalen" Horaire stoung. Ech hunn dunn, wéi ech dat kritt hunn, am MDDI an och bei der CFL ugeruff fir ze wëssen, wat si dozou ze soen hunn an dunn huet d'CFL-Direktioun mir matgedeele, dat si déi Informatiounen iwwer dee Changeement iwwer all déi Kanäl lafe gelooss hätten, déi si fir d'Kommunikatioun zur Verfügung stellen, dat heescht Internet, Twitter an d'App CFL Mobile.

Dir wësst, datt all Stonn praktesch no den Noriichten RTL ëmmer seet wat am ëffentlechen Transport ännert, si haten och Broschüren erausginn, wou d'Leit informéiert gi sinn iwwer déi geplangten Aarbechten an och d'Folgen dovunner. Idem dann natierlech och de geännerten Horaire fir Beetebuerg, Diddeleng a Volmerange-les-Mines.

Dës Broschüre louchen ëmmer laut den Informatiounen vun der CFL-Direktioun an der Mobilitéitszentral an der Stad sou wéi an de Gare Beetebuerg, Esch, Belval Uni, Péiteng a Rodange. Bon, ech mengen, fir eis, déi eenzeg zwou Plazen, déi do wichteg waren, dat war d'Stad an och Beetebuerg. Fir Garen ouni Guichet wieren se amgaangen, e Projet auszeschaffe fir dann do déi Informatiounen och séier un de Mann an un d'Fra ze bréngen an aktuell wier e System mat Infoboxen op deene Quaien geplangt wou kee Guichet ass.

Si soten och, datt an der Period vum 24 - 26. Oktober d'Personal an den Zich Duerchsoe gemaach huet, an ech zitieren déi Duerchsoe elo, wou si d'Leit doriwwer informéiert hunn: « *Chers voyageurs, d'importants travaux auront lieu sur cette ligne du samedi 27 octobre au lundi 5 novembre. Pour cette raison, les trains circulant entre Bettembourg et Esch seront remplacés dans les deux sens par des autobus. Attention, diverses adaptations de l'horaire sont devenues nécessaires pour cette période. Pour tous renseignements complémentaires, le personnel des CFL se tient à votre disposition* », Enn vum Zitat.

Ausserdem hätt d'Personal u Bord vun deenen Zich genuch Broschüre gehat fir se un d'Leit auszedeelen. Wat elo den Affichage hei zu Diddeleng ubelaangt, do hunn se direkt zouginn, datt effektiv deen normalen Horaire net ausgewieselt gi wier an et hätt sech do ëm en Oubli gehandelt a fir datt dat an Zukunft net méi virkënt, wieren se amgaangen, un engem Outil informatique ze schaffen, ufanks d'nächst Joer soll eng Etüd iwwert e Projet vun der Digitalisatioun vun dësen Affichen gemaach ginn, wat dann och géif verhënneren, datt all Kéier wann e Changement oder e Chantier wier, déi Affichë misste gewieselt ginn a wat dann och géing verhënneren, datt esou en Oubli virkéim.

Och bei den Affichen Info-Client hei zu Diddeleng hätt de provisoireschen Horaire gefeelt. Si ginn och zou, datt se e Feeler gemaach hunn an si hunn och gesot, datt se hire Standarden, déi si u sech selwer stellen a punkto Kommunikatioun an Informatioun net gerecht gi wieren an si entschëllegen sech dann och an aller Form an si soen, si géifen dofir suergen, datt dat an Zukunft net méi virkéim an eng besser Informatioun ass och garantéiert.

Also, mengen ech, datt mir net méi brauchen e Protestbréif ze schreiwen, well d'CFL jo da selwer agessinn huet, datt se hei falsch louch an och Besserung gelouft.

Ech wëll awer och profitéiere fir dem Här Jadin Merci ze soen, datt en eis dat dote weiderginn huet, well komescherweis huet sech mol eng Kéier bei eis kee Bierger a keng Biergerin beschwéiert, fir eis war dat doten nei. Wa mir dat net kritt hätten, hätte mir eis och net kënne bei der CFL informéieren. Villäicht hu jo Leit sech bei der CFL beschwéiert, mä dat hunn se mer net matgedeele. Dat war alles, wat ech dozou ze soen hat.



Yves Jadin (Déi Lénk): Ech gi just op e puer Saachen an, déi Informatiounsbroschüren, déi si ausgedeelt hunn, do steet näischt vun Diddeleng drop. Ech hunn eng Kopie hei hannendrun gemaach, do stoung nach ni eppes vun Diddeleng drop. Déi Informatiounen, wou si sollte soen, do sinn honnerte Leit, déi kënnen bestätegen, datt dat net geschitt ass.

Datt d'Leit vum Personal sollten informéiert ginn, dat ass zu Beetebuerg geschitt nodeems sech vill Leit opgereegt hunn, grad esou wéi an der Stad.

A vu datt ech net gären op Gespréicher ginn, sinn ech mol rëm eng Kéier mam Zuch gefuer, ech hunn e Rendezvous geholl mat mengem Client, an dat wat ech kritt hunn, mäi Benefice, dat war datt ech 50 Minutten ze spéit war, wann ech no deem alen Horaire gefuer wier.

Et kann ee jo och an enger Anlag soen, et ass en neien Horaire, mä wat ass dat fir en neien Horaire? Wou geet een dee kucken? A wat sécher net stëmmt, ass, datt hir Onlinesäit à jour war, dat war och net de Fall. Dat stëmmt ganz einfach net. An datt si soen, mir hunn en Oubli, et fuere jo awer e puer Leit mam Zuch an et ass net déi éischte Kéier. Ech mengen, d'Leit hunn sech oft opgereegt. Et war eben elo Vakanz, do waren d'Leit mat anere Saachen beschäftegt, mä ech fannen, dat doten dierft net virkommen. Well ech fuere elo net méi mam Zuch bis dat klappt. Ausser et kënn en Tram.

Claudia Dall'Agnol (LSAP – Schäffin): Ech hunn lech just déi Info weider ginn déi ech krut an ob dat stëmmt oder net kann ech net jugéieren, ech war déi Woch och net do.

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Et ass am Fong geholl keng Motioun a keng Fro. Ass et elo eng Präzisiounsfro oder..

Sylvie Andrich-Duval (CSV): Dat wier villäicht d'Geleeënheet fir eng Question parlementaire ze stellen.

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Ech mengen, d'CFL huet Stellungnam geholl an et ass dat wat zielt. Voilà, dat gesot, si mir fäerdeg.



**Pour sortir le weekend,
pense à prendre ta NIGHT CARD SUD !**

Confort | Sécurité | Convivialité

Differdange

Dudelange

Esch-sur-Alzette

Mondercange

Pétange

Rumelange

Sanem

Schifflange

Tu habites le Sud ? Tu aimes sortir le weekend ? Alors, n'hésite pas à te rendre dans ta commune pour obtenir ta NIGHT CARD SUD.

Il s'agit d'un titre de transport qui te permettra d'utiliser gratuitement le service Night Rider.

www.prosud.lu - rubrique Mobilité | Night Card Sud

night rider 
pick me up

Circule tous les weekends de 18h à 5h



www.nightrider.lu